

## Sommaire

- Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6857 - Projet de loi concernant le soutien au développement durable des zones rurales
  - Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs: M. Gusty Graas
  - Discussion générale: Mme Martine Hansen (dépôt de cinq motions, interventions de M. Marc Baum et M. David Wagner), M. Edy Mertens (interruptions par Mme Martine Hansen et Mme Octavie Modert), M. Frank Arndt, M. Gérard Anzia (interruption par Mme Martine Hansen), M. Gast Gibéryen, M. David Wagner, Mme Octavie Modert (dépôt d'une demande d'interpellation), Mme Tess Burton, M. Henri Kox (intervention de Mme Martine Hansen)
  - Prise de position du Gouvernement: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs (interventions de Mme Martine Hansen, Mme Octavie Modert, M. Aly Kaes, Mme Nancy Arendt, M. Claude Wiseler, questions de Mme Martine Hansen, M. Aly Kaes et Mme Octavie Modert)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - Motions: M. Claude Wiseler, M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, M. Claude Wiseler (interruption par M. Eugène Berger), Mme Martine Hansen, M. le Ministre Fernand Etgen
  - Votes sur les motions 1 à 5 (rejetées)

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Fernand Etgen, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech maachen d'Sëtzung op a ginn dovun aus, dass déi Kommunikatioun, déi d'Regierung eis ze maachen huet, am Punkt vum Ordre du jour besteet, an dass ausser deem näischt Neits derbäikomm ass zënter gëschter. Ass dat richteg?

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci villmools, Här Landwirtschaftsminister. Da géife mer direkt zum Haaptpunkt, zum eenzege Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6857 oder méi einfach gesot: dat neit Agrargesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Gusty Graas.

Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

### 2. 6857 - Projet de loi concernant le soutien au développement durable des zones rurales

**Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs**

► **M. Gusty Graas (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, haut ass e wichtige Dag fir den Agrarsektor hei zu Lëtzebuerg: Haut gëtt e Gesetz gestëmmt, op dat d'Bauern, d'Wënzer an d'Gäertner scho laang waarden. Zu Recht! Elo gëtt eng legal Basis geschaffen, fir datt all d'Akteuren aus dem Agrarsektor investéiere kënnen, wuel wëssend am Virfeld, wat hir Méiglechkeete sinn.

Datt dëse Projet de loi elo eréischt zur Ofstëmmung kënn, dat huet natierlech seng Ursachen. Duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 2013 waren zwar scho gewësse Verlängerunge vun deem ale Gesetz, wat zum 31. Dezember 2013, wéi gesot, ausgelaf war, virgeholl ginn, an awer war eng gewësse Rechtssécherheet doduerch entstanen.

Et soll awer hei direkt drun erënnert ginn, datt et sech ëm dat siwent Agrargesetz an der Geschicht vun eisem Land handelt. An dach, wann een e bësselchen an d'Geschicht zrëckgeet, mierkt een, datt mer et fäerdegbruecht hunn, an engem rasonabelen Délai dee Projet de loi haut hei ze presentéieren. Dat éischt Agrargesetz staamt iwwregens aus dem Joer 1965. A wéi gesot, och fréier huet et munchmol laang gedauert, bis datt konnt e fäerdeg Text hei déposéiert gi respektiv och gestëmmt ginn.

An dann därer ee jo awer net vergiessen, datt dëst Gesetz op de PDR grefféiert ass. Wat ass de PDR? De PDR ass de Programme de développement rural. Dee Programm, dee brauch den Aval vun der Europäescher Kommissioun. De PDR ass och eng wichteg Basis, déi virzeechent, wéi de ländleche Raum sech soll entwéckelen, a mir si gehalen, och als Lëtzebuerg, véier vu sechs europäesch Prioritéiten ëmzesetzen. A fir déi éischte Kéier huet och missen eng national Strategie dowéinst definéiert ginn.

De PDR gouf den 18. Juli 2014 vum Regierungsrat guttgeheescht. D'Dokument koom dann eréischt den 3. Juli 2015 approvéiert vun der Europäescher Kommissioun zrëck. Duerno konnt am Fong geholl dunn eréischt de Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen, den Dépôt vum Gesetz maachen, wat dunn och de 26. August 2015 geschitt ass.

Mir konnten also dunn eréischt de legislative Prozess vun dem Gesetz ufänken. An ech mengen, dat mannst, wat ee ka soen, ass, datt d'Agrarkommissioun direkt d'Aerm eropgestréppt huet, fir eben, wéi gesot, esou séier wéi méiglech dann och dat Gesetz hei ze finaliséieren.

Den 2. September 2015 gouf dunn och de Projet schonn an der Kommissioun virgestallt an de Rapporteur an der Persoun vum President vun der Agrarkommissioun bestëmmt. A weideren zwielef Sitzungen hu mer eis intensiv mam Projet auserneegeesat. Mir haten och eng ganz Rei vun Entrevuë mat den Haptakteuren vum Berufsstand, an zwar der Landwirtschaftskammer, der Bauerenzentral, dem Fräie Lëtzebuerger Bauerverband, der Bauerenallianz, de Jongbaueren an de Jongwënzer.

Net oninteressant ass et awer, fir kuerz ze erklären, vu wat fir engen Sektor datt mer iwwerhaupt hei schwätzen. E puer Zuele sollen dat verdäitlechen: 2014 hate mer hei zu Lëtzebuerg 131.077 ha landwirtschaftlech genotzt Fläche, dovunner 62.606 ha Akerland a 66.827 ha Wiesen a Weeden. Mat 14.251 ha stoung de Mais bei de Kulturen op der éischter Plaz. Mir haten 1.294 ha Wéngerten an 155 ha Uebstgäert.

Dat Ganzt gëtt bewirtschaft vun 2.042 Betriber. 1990 - an och déi Zuel muss awer e bëssen ze denke ginn - waren et der nach 3.803. Dat sinn iwwregens alles Zuelen, déi ech aus der Publikatioun vun „Die luxemburgische Landwirtschaft in Zahlen 2015“ vum Landwirtschaftsministerium hunn.

Et muss een natierlech dann och direkt emol en Ennerscheid maachen tëschent deenen haptberufflechen an deenen nieweberufflechen Exploitanten. Haptberufflech ass ënner anerem een, wann e manner wéi 65 Joer ass a manner wéi 25 Stonnen (veuillez lire: net méi wéi 20 Stonnen) dobauss sengen Aktivitéiten noheet. Nieweberufflech kann een nëmme sinn, wann d'Gestioun vum Betrib och ekonomesch ofgeséichert ass.

Da gëtt et allerdéngs och nach Gesellschaften ënnert dem Statut vun der Personne morale. Déi Persoun oder déi Persounen, déi déi Gesellschaft forméieren, déi mussen mindestens 40% vum Capital social och hunn.

Et ass och näischt Neits, ech mengen, dat weess och jiddwereen heibannen: Wann et ee Sektor vun der Politik gëtt, deen, jo, ech géif scho bal soen „konditionéiert“ ass duerch d'europäesch Politik, dann ass et ebe grad den Agrarsektor. Ëm 35% vum EU-Budget, wéi gesot, ginn an den Agrarsektor imputéiert.

Dëse Projet de loi ass dann natierlech och eng Konsequenz vun der europäescher Politik, an zwar méi spezifesch ass en d'Ëmsetzung vum EU-Reglement 1305/2013 vum 17. Dezember 2013 iwwert déi ländlech nohalteg Entwécklung.

D'Ënnerstëtzung ginn dann och iwwert de Fonds européen agricole pour le développement rural, ofgekierzt FEADER, ofgewéckelt. Dës Politik baséiert och op der Strategie 2020 an der PAC, also der Politique agricole commune. Si huet dräi Objektiv: éischters d'Kompetitivitéit vun der Agrikultur ze garantéieren, zweetens eng nohalteg Gestioun vun den natierleche Ressourcen ze maachen an drëtzens eng équilibréiert Entwécklung vun der Economie an de ländleche Communautéiten ze garantéieren, ënner anerem awer och duerch d'Schafe vun neien Aarbechtsplazen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et hei ouni Zweifel mat engem ganz komplexe Gesetz ze dinne. Net manner wéi 82 Artikel regelen d'Modalitéiten, wéi an Zukunft déi eenzel staatlech Subsidien a Subventiounen kënnen am Agrarsektor accordéiert ginn a wéi och eng méi multifonctionnel Agrikultur kann erreecht ginn.

Erlaabt mer dowéinst, op déi wesentlechste Dispositiounen vum Text anzegoen, ouni natierlech kënnen all Elementer hei ze belichten, well soss fäerten ech, da si mer den Owend nach beieneen, wann et schonn däischer dobaussen ass. Aleedend soll awer och festgehal ginn, datt dëst Gesetz an enger gewëssener Kontinuitéit vun deem alen Agrargesetz vum 18. Abrëll 2008 ze gesinn ass.

Eng Haaptneuerung - an dat ass dat, dat muss een och ganz éierlech hei soen, wat fir vill Diskussiounen, an natierlech och dobaussen, gesuergt huet -, dat ass d'Afëierung vu Selektionskriterien, déi an engem groussherzogleche Reglement festgehal ginn. D'Projete gi jo dann no Punkte klasséiert an déi beschtklasséiert Projekte kréien eng Hëllef. Ee Projet, deen net zrëckbehale gouf, dee kann awer nach eng zweete Kéier presentéiert ginn. Wann en och dann net arrétéiert gëtt, dann, wéi gesot, kann e leider net méi subventionéiert ginn.

D'Projete ginn och an dräi Kategorien age-deelt: d'Biens immeubles iwwer 150.000 Euro, d'Biens immeubles ënner 150.000 Euro an d'Biens meubles.

De Mindestinvest fir en éligibele Projet bei de Konstruktiounen läit bei 15.000 Euro a bei 5.000 Euro fir aner Bienen. De Plaffong fir Maschinnen ass op 100.000 Euro fixéiert a kann ëm 100.000 Euro och majoréiert gi beim Kaf vu Maschinnen, déi a géie Penten, zum Beispill am Wäibau, agesat ginn. D'Aidë leien normalerweis bei 40% fir Biens immeubles an 20% bei de Maschinnen. Et ginn allerdéngs nach Majoratiounen, op déi ech awer elo net hei am Detail aginn.

Firwat hunn ech elo déi puer Zuelen hei ënnerbreet? Mä just, fir lech e bëssen ze illustréieren, wat u sech dann de Mechanismus vun deenen eenzelnen Aiden duerstellt.

Bedéngt och duerch déi nei Selektionskriterien ginn u sech déi Aiden net méi vun enger Kommissioun aviséiert. Dat erlaabt awer virun allem och, déi Hëllef méi cibléiert anzusetzen.

E besonneschen Akzent, an ech géif dat wierklech hei virun allem ënnersträichen, gëtt an deem neie Gesetz op déi jonk Leit geluecht, op déi jonk Baueren, op déi jonk Wënzer, op déi jonk Gäertner, déi bereet sinn, dee Beruff ze ergreifen, déi bereet sinn, dee Beruff weiderzeféieren. Ech mengen, si sollen en zolidd Fundament fir eng geséichert Zukunft duerch dëse Gesetzestext virfannen.

Déi zrëckbehale Kriterien setze jiddefalls viraus, datt e jonke Bauer, e jonke Wënzer, e jonke Gäertner no akzeptabele wirtschaftleche Konditiounen sech installéiere kann, sief dat op engem besteeënde Betrib oder sief dat och op engem neie Betrib, deen e schaaft. Hie muss mindestens 23 Joer al sinn an e muss awer och méi

jonk wéi 40 Joer sinn. Wann hien, wéi gesot, net Chef d'entreprise ass, muss awer dann de Chef exploitant manner wéi 40 Joer hunn.

Et ass awer och eng Berodung iwwer ekonomesch an Ëmweltaspekter noutwendeg. An dat ass e Punkt, op deen ech wäert nach méi wéi eemol zrëckkommen, dat ass virun allem d'Formatioun, wat och, wéi gesot, sech ëmmer erëm wéi e roud Fuedem duerch dëse Gesetzestext zitt. De Conseil agricole ass jiddefalls och Bestanddeel vun engem Entreprisëplang, deen néng Méint no der Grënnung vum Betrib muss opgestallt ginn, a spéitstens fënnf Joer duerno muss en och a Kraaft trieden.

Et ass dann och nach eng Ännerung par rapport zum Gesetz vum 2008, déi hei muss ervirgestrach ginn. Bis elo war nämlech ëmmer eng Installationsprimm pro Betrib accordéiert ginn, dat onofhängeg vun der Zuel vun de Jonken, déi sech am Betrib niddergelooss hunn. Dëse Projet de loi gesäit allerdéngs elo vir, datt, wa méi Jonker sech an engem Betrib engagéieren, jiddwer Eenzelne vun hinnen d'Prime d'installation ka kréien. Allerdéngs muss natierlech dann awer och jiddwer Eenzelnen déi Eligibilitéitskriterien erfëllen.

D'Installationsprimm ass 70.000 Euro. Si gëtt an zwou Tranchë bezuelt. Déi zweet Tranche ass allerdéngs och ofhängeg vum konformen Ëmsatze vum Entreprisëplang. Iwwregens, dat wëll ech och hei direkt betounen, fält déi Primm net ënnert d'Akomessteier. Den Inhalt an d'Modalitéiten vun dësem Plang ginn duerch e groussherzogleche Reglement festgeluecht.

Et muss och nach gesot ginn, dat ass och e wesentlecht Element an dësem Gesetz, datt de Plaffong ëm 15% kann eropgesat ginn, soudatt am Prinzip bis zu 55% u Bähëllef kënnen accordéiert ginn. An da profitéieren déi Jonk och nach vun engem fiskaleschen Abatement um Benefiss. Hei läit allerdéngs de Maximum bei 5.000 Euro d'Joer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi zeechent sech duerch eng Rei nei Ännerungen och aus par rapport zum Gesetz vum 2008, respektiv och gewëssen Adaptatiounen goufe virgeholl. Ech wëll déi hei just énumérieren, ouni och do ze vill an den Detail ze goen:

1. Gestioun vun de Risikoën. De Stat ka bis zu 65% vun de Coûts éligibles iwwerhuelen.

2. Kompensatioun vu Schied, déi duerch Naturkatastrophen entstinn.

3. Hëllef bei Déierekrankheeten oder schiedlechen Organismen.

4. Aidë fir de Fonds de mutualisation, deen am Fall vu Pertë bei Déierekrankheete gebraucht gëtt. De Stat engagéiert sech iwwregens och, fir eng national Assurancékeess géint Epizootien ze schafen.

5. Hëllef an och fir den Zuchtsektor. Déi Ënnerstëtzung gëlle fir Verwaltungskäschten, d'Féierung vu genealogesche Bicher, Tester an esou weider. Dernieft ginn et awer och nach Aiden am Fall wou, wéi gesot, Déieren dout gebuer ginn.

6. Dat ass och e wesentlecht soziaalt Element: Zum Beispill am Krankheitsfall, bei Formation professionnelle, Congé de maternité, Congé parental oder am Doudesfall vum Chef d'exploitation oder vun engem Member vun der Famill, dee mindestens 20 Stonnen d'Woch am Betrib schafft, oder wéi gesot, wann een Erhellungscongé hält, och do iwwerhëlt de Stat Remplacementskäschten. Iwwregens d'Ersatzpersonal, also déi Leit, déi an esou Fäll dann d'Aarbecht an engem Betrib iwwerhuelen, do muss dat allerdéngs geschéien ënner engem Service, deen och agreéiert ass, an zwar a Form vun enger Agrar- oder enger Handelsgesellschaft, an déi Gesellschaft muss och fir eng Mindestdauer vun zéng Joer constituéiert ginn an där Gesellschaft mussen mindestens 100 Leit ugehéieren.

7. Ënnerstëtzung vu landwirtschaftlechen Infrastrukture wéi Feldweeër oder Wasserleitungen.

Ech wëll awer dann och drop hiweisen, datt natierlech eng Rei Aiden, déi am ale Gesetz accordéiert goufen, haut elo net méi deementsprechend respektéiert ginn, an zwar zum Beispill fir gemeinschaftlech genotzent Material





oder landwirtschaftlech Gebaier. Och keng Ënnerstëtzung méi gött et fir d'Reparatur vu Gebaier, de Bau oder d'Renovatioun vu Wunnen, Logementer fir de ruralen Tourismus, Pärdsstall oder de Kaf vu Béischten.

Datselwecht göllt och fir d'Investissementer am Beräich vun der Forstwirtschaft. Effektiv, an ech mengen, dat wësse mer jo allegueren heibanen, zënter 2013 steet jo dann d'Forstwirtschaft ënnert der Kompetenz vum Nohaltegekeetsministère.

Wichtig fir den nationale Marché, an och dat wëll ech direkt hei ënnersträichen, dat Gesetz hei dréit natierlech och deenen nationalen Interessen awer Rechnung, an do ass et wichtig, datt d'Veerarbechtung vun de Produiten an d'Kommerzialisierung besonnesch hei wäerten ënnerstëtzt ginn. Et gött elo nach just en Taux vun 30% fir Investissementer, zum Beispill Schluechthaiser, accordéiert, an dat awer an éischter Linn aus administrative Grënn. De Plafong läit bei 15 Milliounen Euro. Och hei gouf déi initial Durée vu siwe Joer op den 31. Dezember 2020 fixéiert, well dann eréischt d'Enn vun dem siwejäregem PAC-Programm ass.

A fir eben och d'Qualitéit vun eise Produkter nach ze verbesseren, kënnen och fir Etüden an d'Unerkenne vu Qualitéitssystemer bis zu 100% vun den éligibele Käschte rembourséiert ginn. Datselwecht göllt iwwregens och fir d'Promotioun vun Agrarprodukter an eisem Land.

A wie gär gutt Produkter herstellt, muss och gutt forméiert sinn. Am Artikel 40 gött et dann dee berühmten - kann ee scho bal soen - Conseil agricole. Et gött just nach de prestéierte Service ënnerstëtzt an dee Programm gött vum Landwirtschaftsministère opgestallt, dat awer an Zesummenaarbecht mat anere concernéierte Ministären. A wa mer scho bei der Berodung sinn, dann ass et och net wäit bis bei d'Formatioun, well kleng a mëttel Betriber, déi och aktiv Akteure forméieren, déi kënnen an Zukunft och an de Genoss vun Hëllef kommen. Ech mengen, domadder sollen och de sozioekonomeschen Tissu an déi rural Identitéit verbessert ginn. D'Landwirtschaftskammer hirsäits mécht dann den Inventar iwwert de Besoin u Formatioun, fir en Aktionsplang opstellen.

Fir d'Zukunft vun engem landwirtschaftleche Betrib ze garantéieren, ass et jiddefalls méi wéi noutwendeg, datt haut virun allem och d'Innovatioun ënnerstëtzt gött. An duerfir fënnt de Konzept vum Partenariat européen d'innovation pour la productivité et le développement durable de l'agriculture, ofgekierzt PEI, säin Nidderschlag an deem Gesetz. Esou innovativ Projekte mat engem maximale Plaffong vu 400.000 Euro gëllen am Prinzip fir dräi Joer, kënnen awer fir zwee weider Jore verlängert ginn. Da läit allerdéngs, wéi gesot, de Plaffong bei 200.000 Euro.

An deem Kontext muss een och drop hiweisen, datt eng spezifesch Kommissioun kreiéiert ginn ass, déi als Objektiv huet, eng national Strategie opstellen, fir d'Prioritéite vun der Recherche an der Entwécklung vum Agrarsektor ze definéieren.

Et ginn och Hëllef fir aner innovativ Projeten, déi zum Beispill d'Resultat si vu festgestallte Problemer um Terrain. An hei wëll ech virun allem op ee ganz gréisser Problem hiweisen, an zwar de Verbuet zum Beispill vum Metazachlor am Fréijoer 2015, nodeems den Accident jo am September 2014 an der Belsch geschitt war. Do huet sech natierlech eng nei Situatioun fir eng Rei Baueren age stellt an do huet missen dréngend no Alternative gesicht ginn, wéi een och déi Kulture ka schützen, ouni mussen dann, wéi gesot, dee Produkt anzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng modern Landwirtschaft ass natierlech net méi vun engem Schaffen am Aklang der Natur ze trennen. Ech mengen, do si mer eis allegueren eens an och de Baurestand weess, datt dat an Zukunft méi wéi jee muss sinn. An dese Gesetzesprojekt dréit där Iwwerleeung ouni Zweifel eng grouss Rechnung. Ech verweisen zum Beispill op d'Kapiteln 19 an 20, wou et ëm d'Biodiversitéit an och ëm d'Ënnerstëtzung vun der biologescher Landwirtschaft geet.

Da gött awer och dem Gewässerschutz eng besonnesch Opmierksamkeet hei geschenkt. Sou kënnen zum Beispill d'Baueren eng Ënnerstëtzung, wa se Clôture laanscht d'Gewässerleef oder laanscht d'Quellen aménagéieren. Dat kënn bis zu 11,50 Euro pro lafende Meter sinn. An och bedéngt duerch déi EU-Waasserramrichtlinn entstinn de Baueren, déi jo a Schutzzone schaffen, natierlech Ausfäll u Recet-

ten. A mir fannen et net méi wéi normal, datt dann awer och d'ëffentlech Hand, spréich de Stat, do gewësse Kompensatiounen mécht an och déi betrafte Baueren deementsprechend entschiedegt.

Wéi vill aner Entsiedegunge wäerten déi natierlech och iwwer groussherzoglech Reglementer fixéiert ginn. Datselwecht göllt iwwregens och fir Zonen, déi duerch gewëssen Naturschutzcontrainten nëmme mat Oplage bewirtschaft kënnen ginn.

Bref, d'Produktiouns- an d'Zuchtmethoden gi gefërdert, déi kompatibel mam Naturschutz sinn. Ech wëll an deem Kontext och drop hiweisen, datt zum Beispill eng spezifesch Commission écologique an eng Kommissioun fir biologesch Diversitéit agesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vill kritiséiert gött an eiser Gesellschaft jo awer virun allem déi industriell Landwirtschaft, wou d'Wuel vum Véi net onbedéngt am Mëttelpunkt steet a wou d'Maschinen zielen an net onbedéngt déi mënschlech Aarbecht. Esou Betriber entsprechen net onbedéngt der Lëtzebuerger Agrartraditioun. Mir setzen hei éischter op Familljestruturen, och wann natierlech de Kader vun deem Gesetz hei begrenzt ass, an dat duerch de PAC. Dese Projet de loi, dat kann een awer roueg hei ënnersträichen, ass de Garant fir eng respektvoll Véizucht an och d'Liewensmittelsécherheet.

Vläicht ass lech opgefall, datt ech bis dato dat Wuert Wënzer nach net gebraucht hunn. Een, deen de Gesetzesprojekt duergelies huet, fënnt natierlech och de Vigneron, de Wënzer regelméisseg erëm. A wa mer vun der Agrarwirtschaft schwätzen, beinhaltet dat selbstverständlech och d'Wënzerschaft. Ech wëll just drop hiweisen, datt virun allem d'Kapitel 21 sech méi intensiv och mat de Wënzer beschäftigt. An hei geet et virun allem ëm d'Restrukturatioun an d'Rekonversiou vun de Wëngerten.

Allerdéngs, wat och ganz interessant an deem Projet de loi ass, e limitéiert sech u sech net nëmme op d'Ausbezuale vu Subventiounen un d'Akteuren an der Landwirtschaft, mä et ginn awer och Aiden accordéiert, fir de rurale Raum opzewäerten. An duerfir heescht dat Gesetz jo och «soutien au développement durable des zones rurales». De kulturellen an och natierleche Patrimoine vun eisen Dierfer soll erhale bleiwen, an dat am Interessi vun de Bierger, awer och vun der Biodiversitéit.

Esou sinn am Kader vum LEADER-Programm - ech mengen, op dee brauch ech net weider hei anzegoen, hei sëtze Leit heibanen, déi dat vill besser wéi ech wëssen -, also „Liaison entre actions de développement de l'économie rurale“, Hëllef virgesinn, fir déi sougenannt GALen, also déi Groupes d'action locale, och kënnen ze garantéieren. Ënner anerem wëll ech och hei soen, datt se kënnen Avancen ausbezuelen kënnen.

Den Artikel 61 gesäit da vir, datt d'Offer vu Fräizäit- an Erhuelungsstrukture fir d'Populatioun am ländleche Raum och nach soll erhéicht an diversifizéiert ginn. Derniewent gött et dann awer och nach eng Rei pädagogesch Aktivitéiten, déi sollen ënnerstëtzt ginn. A wa mer déi Klammer hei erlaabt ass: Et ass jo munchmol awer ze bedauern, datt net nëmme Kanner - net nëmme Kanner - awer munchmol net deen natierleche Reflex, déi natierlech Relatioun zu eiser Landwirtschaft hunn!

An dann natierlech ginn awer och d'Gemeengen hei opgezielt, déi duerch de Plan de développement communal op Ënnerstëtzung kënnen zielen.

Et mierkt een also, datt de Stat hei ganz vill Geld verdeelt. Et dierfte bis 2019 eng gutt 320 Milliounen sinn. Wann de Stat natierlech vill Geld verdeelt, dann huet de Stat allerdéngs och d'Obligatioun, géif ech scho soen, e gewëssene Kontrollsystem anzeféieren. An dowéinst muss och all Benefizient vun esou Aidë bereet sinn, seng Donnéeën zur Verfügung ze stellen. Am Fall wou een eng Kontroll refuséiert, gött dann natierlech och déi Demande net ugeholl. Wann eng Demande falsch Informatiounen beinhaltet, dann huet de Minister jiddefalls d'Méiglechkeet, och eng administrativ Strof auszusprechen.

Dee Projet hei gesäit awer och eng ganz Rei vu fiskalesche Mesuren am Intérêt vun Agrargesellschaft vir, zum Beispill um Niveau vun der Akommessteuer, der Gewerbesteuer oder Vermögenssteuer. Dat göllt och fir Gesellschaften, déi keng landwirtschaftlech Aktivitéite maachen. An deem Fall dierfen allerdéngs d'Recettë vun desen Aktivitéiten awer net méi héich wéi 10% vum Total vun hire Recettë sinn.

An dann, och am Sënn vum ëmgeännerte Gesetz vum 4. Dezember 1967 iwwert d'Akommessteuer, kënnen Betriber eng Quote-part bei neien Investissementer a Maschinen, Geschir oder nach Gebailechkeeten ofsetzen.

Dir wësst jo och, datt de Mëllechsektor de Moment och an enger relativ schwieeger Situatioun ass, bedéngt duerch déi vill Präisfluktuationen aus de leschte Wochen a Méint. Op den 1. Abrëll 2015 gouf jo och d'Mëllechquoten ofgeschaaft. Elo gött -genau wéi iwwregens am Gesetz vun 1986 - nees eng Amende tëschent 5.000 an 20.000 Euro agefouert, fir dee Keefer, deen déi Produzente privilegéiert, déi déi gréisst Quantitéit u Mëllech liwweren, eben och ze sanktionéieren.

Dann huet d'Kommissioun - an ech wëll dat och direkt hei ënnersträichen an ech mengen, jiddwereen, dee aktiv um Gesetz matgeschafft huet, kann dat nëmme hei bestätegen -, d'Kommissioun huet wierklech viles un deem Gesetz och ëmgeännert. An och dat ass de Bewäis, datt eng Chamber d'Méiglechkeet huet, e Gesetz, wat an enger Chamber erakënn, net onbedéngt mussen „comme une lettre à la poste“ ze akzeptéieren. Et ass awer elo net pejorativ gemengt. An ech wëll och direkt vun der Geleeënheet hei profitéieren, och all de Kollegeen aus der Kommissioun e ganz grouse Merci ze soe fir déi Mathëlef.

Wéi gesot, mir hunn do eng ganz Rei Ännerunge virgeholl, ënner anerem och duerch d'Asetze vun engem zousätzleche Kapitel iwwert déi sozial Aspekter, an zwar duerch d'Abéziung vun Dispositiounen vum Gesetz vum 12. Mee 2010 iwwert d'Assurance accident. Esou iwwerhëlt de Stat och hei eng Rei vu Cotisationsen. Datselwecht göllt iwwregens och fir d'Pensiounen an och fir Onfallrenten.

Eng Rei Taxe ginn dann iwwert de Fonds d'orientation économique et sociale pour l'agriculture rembourséiert. An ech denken hei un d'Enregistrements-, Transkriptiouns- an och Successionssteuern.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn dat schonn hei gesot, mir hunn eis an der Kommissioun ganz vill Aarbecht gemaach. Mir hunn eis och intensiv mat deenen eenzelnen Avisen ausernegesat. Wéi och net anescht ze erwaarden, war natierlech den Avis vun der Chambre de l'Agriculture besonnesch exhaustif. Deen datéiert vum 19. Oktober 2015.

Si hunn e gewëssene Prioritéitewiessel an deem Sënn festgestallt, datt déi am Sënn vum Ëmweltschutz getraffe Mesurë géife staark erhéicht ginn. Och si sinn der Meenung, datt déi finanziell Laascht vun de Betriber géif an d'Luucht goen, well d'Hëllefstaunen ëm 5% bis 10% géifen zrëckgeschrauft ginn. Si haten och d'Suppressioun vun enger Rei Plaffonge fir Maschinne bedauert. Ech wëll allerdéngs hei bemerken, ouni och elo do an den Detail ze goen, datt jo awer entre-temps eng Rei Nobeserunge souwuel vun der Kommissioun wéi och vum Minister schonn an Aussicht gestallt goufen.

D'Landwirtschaftskammer huet sech dann och kritesch mat de Selektiounskritären ausernegesat, wat och zum Deel verständlech ass. Ech mengen, et ass en net Element, mat deem ee sech och muss fir d'Éischt emol ausernesetzen. Si fäert dann och, datt dese System géif a verschiddene Sektoren, besonnesch am Wäibau an an der Hortikultur, zu Problemer féieren.

Kritesch hat sech dann och d'Landwirtschaftskammer mam Plan d'entreprise ausernegesat, well domat déi administrativ Aarbecht géif nach méi grouss ginn. Zulescht hu se dann och monéiert, datt d'Vertrieder vun de Berufsständ net méi an de Kommissiounen wieren, déi de Minister beroden, an datt och géif déi eng oder déi aner Kommissioun suppriméiert ginn.

D'Chambre de Commerce hat an hirem Avis vum 6. November 2015 d'Objektiver vum Gesetz begreiss, virun allem d'Formation continue, d'Berodung an d'Recherche. Bedauert hat si, datt fir d'Veerarbechtungsbetriber d'Aiden net méi héich wéi 30% vun den Investimentscouëten dierfte sinn an datt de Mindestinvest misst 75.000 Euro sinn.

D'Chambre des Métiers hat an hirem Avis den 10. November 2015 drop higewisen, datt d'Entwécklung vun den net landwirtschaftlechen Aktivitéiten och e gewëssene Stellerwert hätt.

An da krute mer och de 6. Januar 2016 den Avis vum Conseil de la concurrence, wou festgehale gouf, datt de Projet de loi kompatibel mam Artikel 107 vun der Europäescher Unioun war.

Net verwonnerlech ass natierlech, datt mer mat den Aise vum Conseil d'État vill méi Aarbecht haten. Säin éischten Avis datéiert vum 9. Januar 2016. Do ware 45 Opposition-formellen dran. Den éischte Moment erféiert een natierlech, wann een dee Chiffer héiert. Wann een dann awer do e bësse méi an de Fong gaangen ass, dann huet ee ganz séier gemierkt, datt dat zum ganz groussen Deel reng formaljuristeschen Objektiv vum Conseil d'État waren, well déi héich Kierperschaft huet drop higewisen, datt

d'Aidë missten am Gesetz fixéiert ginn an net iwwert de Wee vun engem groussherzoglechen Reglement. Déi kéinten am Fong just eppes preziséieren. Deem hu mer natierlech och Rechnung gedroen.

Dann ass och e bësse monéiert ginn, datt mer déi eenzel zoustänneg europäesch Basistexter net direkt virgeluecht haten. Duerfir koun dann och de 25. März en Avis complémentaire. Et gouf nach eng Opposition formelle bäibehalen, an zwar ass et do ëm d'Fixatioun vun de Prix unitaires gaangen. Och deem hu mer natierlech Rechnung gedroen. A schlussendlech koun dann dunn den zweeten Avis complémentaire de leschten 3. Mee an hei ass et nach just ëm eng Erreur matérielle gaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi schonn uganks gesot, haut ass dat e ganz wichteg Gesetz, wat mer fir den Agrarsektor stëmmen. An nach eng Kéier: Mir hunn an der Kommissioun näischt dem Zoufall iwwerlooss. An als President vun der Kommissioun wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen, datt ech besonnesch zefridde war, frou war iwwert déi konstruktiv Matarbecht. Ech wëll och hei ënnersträichen, datt d'Kollege vun der CSV jo och 28 Amendementer eraginn haten, déi aus diverse Grënn majoritär net konnten akzeptéiert ginn.

Ech wëll awer dann och hei nach ënnersträichen, wat d'Mise en vigueur vum Gesetz ubelaangt, datt do awer och eng Rei wichteg Matdeelungen ze maache sinn. An zwar ginn déi Aidë retroaktiv - dat hënt elo vun der Aide of - entweder op den 1. Januar 2014, den 1. Juli 2014 oder den 1. Januar 2015 accordéiert. Och do gesitt Der, datt mer där gewëssener Rechtsunsécherheet wollten awer och Recht droen, well mer net wollten hunn, datt besonnesch jonk Bauere vläicht, déi gewëssen Investissementer gemaach hunn, déi sech awer elo esou an engem gewëssene Vide juridique befonnt hunn, datt déi net woussten: Kommen ech an de Genoss vun deenen Ënnerstëtzen? Kommen ech net dran? Dowéinst, wéi gesot, och déi retroaktiv Dispositiounen.

Jiddefalls als Resümee vun deem Gesetz kann ee soen, datt et konform zu enger gemeinsamer europäescher Politik ass, an zwar, fir eng multifunktional, nohalteg a kompetitiv Landwirtschaft ze ënnerstëtzen. An dat am Aklang mat dem Naturschutz an och am Aklang mat de klimatesche Verhältnisse.

Ech wëll dann awer ofschléissend och eng Rei Mercien aussprechen. Mäin éischte Merci göllt dem Minister Fernand Etgen, deen an all Sitzung präsent war. E grouse Merci awer och senge ville Beamten, wou ech Einzeler hei och ka begreissen. Ech mengen, och dat huet derzou bäigedroen, datt mer hei mat Sécherheet e ganz, ganz gutt Gesetz konnte ficeléieren. Och dat mécht eis als Deputéierten et méi einfach, wann ëmmer Fachleit ronderëm ee sinn. Mat hinne war, an dat soen ech net einfach esou, exzellent zesummenzeschaffen.

Da göllt awer och mäi Merci dem Kommissionssekretär, dem Timon Oesch, deen eng exzellent Aarbecht zesumme mam Christian Lamesch aus der DP-Fraktioun, besonnesch déi lescht Deeg, gemaach huet. Ech soen och alle Membere vun der Kommissioun Merci, datt se akzeptéiert hunn... Här President, dat, wat ech elo soen, muss Der dann net onbedéngt haart nolauschten. Mir hu vläicht net onbedéngt all lescht Dispositioun vum Reglement respektéiert, mä awer am Sënn vun der Saach hu mer déi lescht Deeg ganz séier geschafft. An, wéi gesot, all deenen Akteuren, déi hei derzou bäigedroen hunn, mäin éierleche Merci.

An dowéinst konnt dat Gesetz, géif ech awer soen, an engem verstännegen Délai hei déposéiert ginn. Ech konnt, wéi gesot, elo hei nëmme op déi wichtegst Orientatiounen agoen. Et wier nach ganz, ganz viles ze zielen. Dat maachen ech natierlech net. Ech wëll awer ofschléissend, wéi gesot, de Merci fir d'Nolauschten aussprechen an och hoffen, datt dee Gesetzestext hei op eng méiglechst breet Zoustëmmung wäert stoussen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt déi mandatéiert Spriecherin vun der CSV, d'Madamm Martine Hansen.

**Discussion générale**

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, „uff!“ kéinte mer soen, well endlech ass et esou wäit, datt mer d'Agrargesetz hei kënnen stëmmen. Ech wëll awer fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Här Gusty Graas, villmools Merci soe fir säi ganz ausféierleche Rapport, och mat deem ganzen Historique.

Zimlech genau virun zwee Joer war op Ufro vun der CSV hei an der Chamber eng Interpel-





latioun iwwert d'Landwirtschaft. Mir haten déi Interpellatioun ugefrot, well - ech hunn et dee-mools esou beschriwwen - „d'Lag an der Landwirtschaft alles aneschtens wéi roseg“ wär.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Lag ass am Moment katastrofal. Et geet de Bauere schlecht, dramatesch schlecht! An ech weess, datt et vill Leit heibanne gëtt, an och dobaussen, déi soen: „Soulaang wéi d'Bauere jéieren, gëtt et se nach ëmmer.“ Mä ech kann lech soen, datt esou Aussoen am Moment komplett falsch op der Plaz sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Wa mir zu deene Konditiounen, an dat all Dag, misste schaffe wéi d'Bauern, mat deem Verdéngscht respektiv Verloscht, well vill hunn nach owes manner an der Täsch wéi moies no engem ganzen Dag schaffen, da géife mir nach vill méi jéieren!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir mussen d'Situatioun ganz seriö huelen, wa mer an Zukunft nach eng nohalteg, multifunktional Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg wëllen hunn. Just e puer Zuelen heizou.

Dir Dammen an Dir Hären, d'landwirtschaftlech Fläch besteet hei zu Lëtzebuerg aus méi wéi 50% Gréngland. Mir sinn also predestinéiert fir d'Mëlchproduktioun. An deem Secteur ass et am Moment katastrofal. Fir ee Kilo Mëllech ze produzéieren, kascht et de Bauer zirka 40 Centime. Hie kritt der awer nëmme 25. Verschidden Discounter hunn de Verkaufspräis vun der Mëllech a leschter Zäit nach ëm 25% erofgesat, op 46 Centime. Ass dat normal? Ass et normal, datt ee Liter Waasser geschwé méi kascht wéi ee Liter Mëllech?

Och am Schwéngssektor ass d'Situatioun äänlech. Et gëtt vill Betriber, déi d'Zréckbezuele vun hirem Prêt hu musse stoppen. Et gëtt Betriber, déi hunn elo musse en Prêt ophuelen, fir hir Produktiounsmëttelen iwwerhaapt elo am Fréijoer nach kënne ze kafen. Vill Betriber ginn un hir Reserven, fir nach iergendwéi iwwert d'Ronnen ze kommen. Mä d'Reserve si leider Gottes och net onendlech. Et ass längst fénnef op zwielef!

Ech hoffe wierklech, datt sech däre jiddwereen heibanne bewosst ass! Mir riskéieren ee rasante Strukturwandel oder, wéi et d'lescht Woch an der „Welt am Sonntag“ stoung, „ee regelrechte Strukturbroch“.

Den dramatesche Präisverfall vu ville landwirtschaftleche Produkter huet vill Ursachen. Ech weess och, datt mer déi net vun hei aus kënnen onbedéngt regelen. Mir kënnen net vun hei aus de Weltmarkt beaflossen. Mir kënnen net vun hei aus soen, mir géifen elo decidéieren, de Russland-Embargo opzehiewen. Mir kënnen vun hei aus d'Nofro aus China net stieren an esou weider. Mä mir musse mat eisen nationalen Instrumenter, déi mer hunn, an d'Agrargesetz ass eent vun deene wichtigsten, eisen nationale Spillraum voll ausnotzen, fir datt mer an Zukunft nach Liewensmëttel hei zu Lëtzebuerg kënnen produzéieren, fir datt mer net musse op iergendeng anonym Importwuer zrëckgräifen, wou mer net wëssen, wéi a wou se produzéiert gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, nodeems dat lescht Agrargesetz nach verlängert gi war, hu mer mëttlerweil schonns ronn zwee Joer laang keen Agrargesetz méi; den Här Graas huet dat och gesot. Zwee Joer laang, wou d'Bauern net woussten, wat si dierften investéieren; zwee Joer Ongewësseheet am Beräich vun den Investitiounen; awer och zwee Joer, wou keng nei Kontrakter, zum Beispill am Beräich vun den Agrarëmweltmoosnamen, konnte gemaach ginn. Ech weess, eist Agrargesetz hat schonn e puermol e bësse Verspéidung. Mä esou spéit ass et awer nach ni komm!

Dës komplett inakzeptabel Situatioun huet d'Lag an deem wirtschaftlech ugeschloene Sektor net onbedéngt verbessert. Och wann en Deel vun de Verzögerungen op déi laangwiereg Prozedur vun der Kommissioun zrëckzeféiere sinn, esou hätt trotzdem kënnen Zäit agespuert ginn. Dofir wëll ech mech haut, ier ech op d'Agrargesetz selwer aginn, e bësse mam Wee bis hin zur Ofstëmmung beschäftegen.

An enger éischter Kommissiounssëtzung vum PDR am Januar 2014, dat ass also schonn eng Zäitche hier, sot den Här Minister eis, de PDR wär am Concertatiounsstadium mam Ëmweltministerium. D'Partie forestière misst nach duerchgekuckt ginn. Wann dës Phas eriwwer wär, géif de PDR de façon informelle un d'Kommissioun goen.

Mëtt Mäerz sot den Här Minister: „Soubal déi interministeriell Concertatiounen eriwwer sinn“ an esou weider. Dat heescht, d'Concertatiounen waren also nach ëmmer amgaangen. Ass de Landwirtschaftsministère sech net eens gi mam Ëmweltministerium? Hätt hei net kënnen Zäit agespuert ginn? Ech menge schonn. Labber e puer Méint; wäertvoll Zäit. Well schlussendlech ass d'Partie forestière komplett erausgeholl ginn. Oder iwwer wat huet sech missen esou laang concertéiert ginn? Vläch kann den Här Minister eis jo dorop nach eng Äntwert ginn.

Op der Foire agricole - eng gutt Plaz - d'lescht Joer huet den Här Minister a Präsenz vum Agrarkommissar Phil Hogan du ganz stolz verkéngt, de PDR wär ugeholl, d'Agrargesetz géif direkt déposéiert ginn. Dunn hu mer net schlecht gestaunt, datt „direkt“, dem Minister no, zwee Méint duerno heescht. Well d'Agrargesetz ass eréischt Enn August déposéiert ginn. Erëm zwee Méint, déi hätte kënnen gespuert ginn!

D'Landwirtschaftskammer schreift an hirem Avis allgemeng, datt dëst Gesetz gekennzeechent wär duerch een „manque de cohérence et erreurs multiples“. An ech muss der Landwirtschaftskammer op dëser Plaz félicitéiere fir hiren ausföerlechen Avis, fir hir sëllege Remarque vun Inkohärenz an esou weider. Ech kommen nach eemol drop zrëck.

Den 19. Januar du kouw, den Här Graas sot dat och, den Avis vum Statsrot. „Eine schallende Ohrfeige“ huet d'„Wort“ getitelt. 45 Opposition-formellen! De Minister sot, dat wär net schlëm, et wär ëmmer deesewechte Feeler. Dat mag sinn, mä et ass awer schlëm, well doduerch erëm eemol Zäit verluer gaangen ass. An ech muss soen, de Statsrot huet definitiv nëmmen d'Schreifeeler verbessert; ënner Gänseféisschen. Nom Inhalt huet en net vill gekuckt.

► **Une voix.** - Ho!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Wann ech dat géif mat engem Aufsatz vergläichen: Och wann den Inhalt net géif esou streng nogekuckt ginn, da wäere 45 Schreifeeler awer eng Datz!

Mir hunn dunn an der Kommissioun eng Partie Upassunge gemaach.

(*Interruptions diverses*)

Als CSV hate mer 28 Amendementer proposéiert. Dovunner sinn der véier ugeholl ginn. Et soll also, wann ech gelift, kee méi soen, mir géifen als Oppositionspartei keng konstruktiv parlamentaresch Aarbecht maachen, mir géifen net mat Alternative kommen, well dat nervt schonn esou lues!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Vläch ass et Wonschdenke vun de Majoritéitsparteien, mä dee Gefale wäerte mer lech net maachen!

(*Interruption*)

Dat hu mer net direkt wëllen. Ech kann op dëser Plaz froen,...

► **Une voix.** - Mir waarden net drop.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - ...ob ee mer ka soen, wéini datt d'Oppositoun fir d'Lescht esou vill Amendementer zu engem Agrargesetz gemaach huet. Ech mengen, do misst ee wäit siche goen.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Den Här Justin Turpel virun zwee Joer.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Wéi vill!

► **Une voix.** - Haha!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Iwwer 60.

(*Hilarité*)

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Sou! D'Ofstëmmung iwwert d'Amendementer war de 17. Februar. Eréischt den 29. Februar sinn déi ugehollen Amendementer un de Statsrot gaangen. Erëm bal zwou Woche verlueren Zäit! Firwat? An dat mécht mech u sech richtig rosen: Mä well déi Amendementer, déi den Här Minister virgeschloen hat, ni richtig als richtig Amendementer virlouchen, wat eng gutt parlamentaresch Aarbecht zimlech onméiglech gemaach huet. Déi hunn dunn eréischt misse formuléiert ginn.

Awer eis andauernd ënner Drock ze setzen, datt mer missten zäitgläich mat hiren Amendementer eis solle bréngen, dat fannen ech ee staarkt Stéck! Et ass onméiglech, eng gutt parlamentaresch Aarbecht ze maachen, wann een ëmmer nëmme kuerzfristeg iwwert d'Ännerungen um Basistext informéiert gëtt. Et kann ee keen Text amendéieren, éier een en huet!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mä eis Amendementer ware pünktlech, als Amendement propper formuléiert, an der Kommissi-

sioun, wéi ofgemaach. Mir haten de 16. Februar moies nach d'Landwirtschaftskammer empfaangen, mëttes sollte mer iwwer eis Amendementer ofstëmmen.

Opgrond vun den Diskussiounen mat der Landwirtschaftskammer hu mer an der Mëttesstonn dunn nach séier zwee zousätzlech Amendementer gemaach. Du krute mer mëttes - an dat schléit wierklech dem Faass de Buedem aus! - vu verschiddene Majoritéitsdeputéierte gesot: „Firwat kommt Der dann elo eréischt mat deenen doten Amendementer?“

► **Une voix.** - Eieieieie!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Also, wa mer eis scho keng Zäit huelen, an eisen Aen, fir den Avis vun der Landwirtschaftskammer - ee ganz fundéierten Avis - am Detail duerchzekucken, wa mer d'Landwirtschaftskammer net nëmmen zum Schän invitéieren, da wäert et jo nach méiglech sinn, op dës Treff mat e puer Amendementer ze reagéieren! Oder esou een Treff ass nëmme fir d'Galerie, ass nëmmen Theater, an dat wär eng richtig Frechheit fir d'Landwirtschaftskammer a fir de Beruff!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dann awer elo zum Agrargesetz selwer,...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - ...wou et dann elo endlech haut zur Ofstëmmung kënn.

(*Interruption*)

Ech wëll virop soen, datt mer als CSV och frou sinn, datt et endlech do ass.

► **Une voix.** - Aah!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Well mer awer der Meenung sinn, datt et hätt kënnen besser sinn - mir hu vill Amendementer an deem Sënn gemaach, mir hu vill Froe gestallt -, wäerte mer eis bei dësem Vott enthalten.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - D'Agrargesetz besteet aus dräi Haaptdeeler: éischters, Champ d'application; zweetens, d'Verbesserung vun der Wirtschaftlechkeet vun de landwirtschaftleche Betriber, an drëtzens, d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit am ländlechen Raum an an der Diversifizierung vun der ländlechen Ekonomie. D'Octavie Modert an ech, mir deelen eis dat Ganz op. An hatt wäert herno och nach méi speziell op de Wäibau agoen.

Allgemeng zum Champ d'application. Hei muss an eisen Aen am Virfeld gekläert ginn: Wéi eng Betriber solle geféiert ginn? Wéi eng Betriber wëlle mer? D'Regierung seet, et wär d'Zil, den Här Graas sot dat och, de Familljebetrieb ze férdere, a virun allem de Biobauer. „Déi Konventionell sollen a Richtung bio orientéiert ginn“, sot den Här Minister an enger Sëtzung. Et steet esou am Rapport; ech hunn et nogelies.

Dozou hu mer als CSV e puer Froen: Wéi ee Familljebetrieb? Wéi gëtt en definéiert? Mir musse eis bewosst sinn, datt de Strukturwandel net méi lues wäert goen an nächster Zäit; ech si schonn drop agaangen. Dat heescht, och eis Betriber wäerten nach wuessen. Méi grouss muss net onbedéngt méi schlecht heeschen. Am Projet de loi war virgesinn, datt ee jonke Bauer, wou de Standard-Output um Betrieb méi grouss war wéi 750.000 Euro, datt dee keng Ënnerstëtzung méi géif kréien. Dat war - pardon - Schwachsinn! Do hätt den Här Minister wëllen gehat, eng Partie Betriber ganz gezielt ze strofen. Dëst ass Gott sei Dank ëmgeännert ginn, well d'Nohaltegkeet ass wichtig, mä net eleng d'Gréisst beaflosst d'Nohaltegkeet.

Déi aktuell Regierung seet, datt si ganz kloer d'Biobetriber bevürzucht. Als CSV soe mir ganz däitlech, datt mer souwuel déi konventionell integréiert Landwirtschaft wéi och d'Biolandwirtschaft brauchen, an dëst aus méi Ursachen. Ech zielen der just zwou op: Éischters, eis konventionell integréiert Landwirtschaft produzéiert gutt, qualitativ héichwäerteg Liewensmëttelen. An zweetens, net jiddweree ka sech bio leeschten! Ech hat d'Beispill hei an der Interpellatioun gesot vum Bioschnitzel an engem Supermarché vun 28 Euro de Kilo. Sollen dann all eis Leit mat e bësse manner héije Paie musse herno op anonym Produkter, Importer zrëckgräifen? Dat dierfe mer net zouloossen!

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Hei hu mer alleguer eng Verantwortung. Als CSV wëlle mer dat op jidde Fall net!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Fir déi zwou Landwirtschaften ze erhalen, do feelt mer déi kloer Ausso bei dëser Regierung.

Mir sollen natierlech och Ustregnunge maachen, fir den Undeel vun der Biolandwirtschaft

- dee läit am Moment nëmme bei 3% - ze erhéien. Mä dat geet nëmme mat engem Mateneen, wa mer dee férdere, an net duerch verschidden Aussoen éischter ee Gruef tëschent déi zwee zéien. Däre muss sech d'Politik bewosst sinn.

Wéi kréien ech elo méi bio? Ech weess net, ob d'Moosnamen an dësem Gesetz dat Zil upeilen; upeile maache se et schonn, mä ob se domadder dat Zil erreechen. Firwat - ech hat d'Fro och schonns bei der Interpellatioun gestallt an och an de Kommissiounssëtzungen - loosst Der net zum Beispill Deelëmstellungen vu Betriber zou? Esou kéint zum Beispill e Bauer soen: „Ech wëll Biopoulete maachen“, ouni datt en direkt dee ganze Betrieb misst ëmstellen. Am Ausland ass dat zum Deel méiglech. An ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt mer esou méi Biobetriber op d'laang Wee kréichen.

Den Här Minister sot eis: „BIOG Lëtzebuerg wëllt dat net.“ Mä wat ass dann d'Meenung vum Här Minister? Wat ass d'Meenung vun der Regierung? Déi géife mer gäre wëssen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Nei an dësem Gesetz ass och, datt déi ganz Forstwirtschaft eben ausgeklammert ginn ass. Ech hat dat scho gesot beim Resultat vun de Concertatiounen. Et wär awer interessant, vum Här Minister ze wëssen - ech hat d'Madamm Minister Dieschbourg scho gefrot gehat beim Code forestier, do hat ech awer keng Äntwert kritt -, wéi eng Bestëmmung fir dës Beräich kommen. Kann een eis do den neieste Stand soen? Ech hoffe jo, datt sech hei dann och mat him concertéiert ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn net méi op all d'Amendementer an, déi mer proposéiert haten. Als CSV hate mer zu dësem Deel - dem Champ d'application - zwee Amendementer gemaach. Ech ginn hei just op eent an, well sech do nach vill Froe stellen, déi net beäntwert sinn.

Mir hate proposéiert, de Saz «à chaque exploitation ne peut être attribué qu'un seul numéro d'exploitation» ze sträichen, well de Begrëff vun der Betribsnummer soss néierens am Gesetz virkënn. Firwat brauch een eng Betribsnummer? Keng Äntwert. Ënner wéi enge Konditiounen kritt een eng Betribsnummer? Gëtt och net am Gesetz gekläert. Ee Betrieb dierf zwar nëmmen eng Nummer hunn, esou steet et jo elo hei am Gesetz. Mä dierf dann ee Betribsleeder zwee Betriber an dann zwou Nummern hunn? Och keng Äntwert.

Eisen Amendement ass refuséiert gi just mat der Begrënnung: „Et sollen Abuse verhënnert ginn.“ Eng komesch Erklärung, virun allem, wann all déi Froen, déi ech opgezielt hunn, net am Gesetz beäntwert sinn.

Da kommen ech zum zweete groussen Deel vum Agrargesetz, ee ganz wichtige Deel, dee sech ëm d'Verbesserung vun der Wettbewerbsfäegkeet vun de Betriber këmmert.

An den Ae vun der CSV missten dofir, ënner anerem:

- éischters, déi administrativ Prozeduren esou wäit wéi méiglech vereinfacht ginn;

- zweetens, déi dräi Eckpfeiler vun der Nohaltegkeet - ökonomesch, ökologesch, sozial - musse gläichermosse berücksichtegt ginn an d'Investitiounen an deem Sënn geféiert ginn;

- drëtzens, mir musse d'Villfälgkeet, d'Innovatiounen, d'Alternative férdere;

- véiertens, d'Landwirtschaft brauch jonk, motivéiert, gutt ausgebilte Jongbauere; dës musse mer speziell férdere;

- a fënneftens, mir musse d'Regionalitéit férdere. D'Vermaartung, d'Veraarbechtung, Informatioun a Promotioun si wichtige Eckpunkten.

Ech fänken emol bei de Prozeduren un. Wa mer gären hunn, datt an engem Sektor investéiert gëtt, datt e konkurrenzfäeg bleift, esou wäit wéi dat méiglech ass, dann dierfe mer net onnéideg komplizéiert Prozeduren aféieren. Als CSV hu mer heizou eng Partie Amendementer proposéiert. Si sinn alleguer refuséiert ginn.

Mat dësem Agrargesetz kommen eng Partie Neierungen. Fir eng Bähëllef, eng Investitioun kënnen unzefroen, muss de Bauer neierdengs alleguer d'SUPE gemaach hunn, alleguer d'Geneemegungen hunn, an dann eréischt kënn säi Projet an d'Selektiounsprozedur, déi jo och nei ass.

Wann ze vill Projeten do si fir déi zur Verfügung stehend Suen, woubäi och keen eis konnt soen,





wéi déi Suen op déi eenzel Selektiounsterminer opgedeelt ginn, da kann de Bauer säi Projet nach eemol eraginn, falls en net géif zrëckbehale ginn. Eng drëtte Kéier muss de Projet ëmgeännert ginn, wat jo dann erëm eng Kéier nei Geneemegunge bedeit.

De Fait, datt een alleguer d'Geneemegunge muss hunn, alleguer d'SUPE muss gemaach hunn, ouni en Accord de principe ze kréien, risquéiert d'Prozedur onnéideg an d'Längt ze zéien, virun allem, well et am Moment bis zu zwee Joer kann daueren, ier een alleguer d'Geneemegungen huet, an dës dann och nëmmen eng Gültegkeet vun dräi Joer hunn. Am schlimmste Fall ass déi éischt Geneemegung, déi ee kritt huet, schonns erëm hifälleg, ier een deen definitiven Accord kritt.

D'Landwirtschaftskammer schreift an hirem Avis, datt mer an deenen nächsten zwee Joer riskéieren, mat dëser Bestëmmung net vill Projeten ze kréien, déi bis an d'Selektioun kommen. Als CSV hate mer dofir proposéiert, fir de Punkt «présente les autorisations nécessaires à la réalisation du projet» ze sträichen an en contrepartie erëm d'Commission économique et technique anzeféieren, déi am Virfeld vun der Selektiounsprozedur informell kuckt, ob éierens Geneemegungsproblemer bestinn, wa jo, déi probéiert ofzeklären, an dann een Accord de principe kéint ginn, fir an d'Selektiounsprozedur ze goen.

Wéi déi meescht vun eisen Amendementer ass och dee leider refuséiert ginn. Mir kréien also keng administrativ Vereinfachung an dësem Punkt. Mä da fuerdere mer d'Regierung zumindest op, fir déi gesamt Geneemegungsprozeduren duerchzekucken, ze vereinfachen, a fir d'Aféierung vun engem Guichet unique fir de Bauer ze analyséieren, un deem hie sech kéint mat engem eenzegem Dossier richten, an dëst, fir déi ganz Dauer vun der Geneemegungsprozedur ze reduzéieren. An deem Sënn déposéieren ech am Numm vun der CSV eis éischt Motioun.

Wann ech gelift!

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que l'implantation d'une nouvelle exploitation agricole se fait de plus en plus sur des terrains situés en zone verte („Aussiedlerbetrieb“);*

*- constatant que les délais pour la délivrance des autorisations pour une nouvelle exploitation en zone verte peuvent prendre jusqu'à plusieurs années;*

*- constatant que ces délais sont dus aux procédures extrêmement longues et compliquées et aux nombreuses contraintes relevant surtout du domaine environnemental (commodo-incommodo, nature, eaux, aménagement du territoire, etc.);*

*invite le Gouvernement*

*- à effectuer un screening systématique des procédures et charges administratives liées aux autorisations de construction et d'exploitation dans l'optique de limiter les formalités administratives pour les agriculteurs au strict minimum;*

*- à simplifier et accélérer les procédures administratives pour les projets de construction en zone verte;*

*- à étudier la possibilité de la création d'un guichet unique spécialisé pour aider les agriculteurs dans leurs démarches administratives et la mise en place d'un dossier unique destiné à simplifier les démarches administratives.*

*(s.) Martine Hansen, Félix Eischen, Aly Kaes.*

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- E weidere wichtige Punkt, dee mer gären ëmgeännert hätten, bezitt sech op d'Selektiounsprozedur. De Prinzip, datt bei dëser Selektiounsprozedur soll all Bien d'investissement eenzel appréciéiert ginn, ass, an dat begrësse mer, zumindest fir den Aussiedlerhaff net méi zoutreffend. Dee gétt elo als Ganz gekuckt. Mä dat geet eis net duer!

Mir hate schonns d'lescht Joer op dës Problematik higewisen. De Betrib ass u sech eng Unité fonctionnelle, oder zumindest all Betribszweig. Mir dierfen net riskéieren, datt de Stall an d'Güllegrout zum Beispill subventionéiert ginn; de Fahrsilo oder d'Halle mat de Botten, well déi bei de Selektionskritäre manner Punkte kritt, awer net. Dofir hate mer och heizou een Amendement gemaach. Mir hate proposéiert, fir de Saz «À l'exception de la première implantation d'une exploitation agricole à l'extérieur du périmètre d'agglomération, chaque bien d'investissement est apprécié indi-

viduellement» ze sträichen. Dat heescht, all Unité fonctionnelle sollt als Ganz gekuckt ginn. Mä och dësen Amendement ass refuséiert ginn. Schued!

Dir Dammen an Dir Hären, bei der aktueller Formulatioun kann ee sech awer och nach froen, firwat ee Betrib bei enger première Implantation vun engem Aussiedlerhaff als Ganz gekuckt gëtt, bei enger première Implantation vun engem Netaussiedlerhaff awer net. Et gëtt der sécherlech manner, mä firwat dësen Ennerscheid maachen? Eng logesch Erklärung fanen ech net, mä den Här Minister ka mer déi jo vläicht herno ginn.

Noutwendeg Investitiounen am Sënn vun der Nohaltegkeet mussen ënnerstëtzt ginn; deen zweete wichtige Punkt, fir d'Wettbewerbsfähigkeit vun eise Betriber ze féieren.

D'Investitiounsbäihëllefe sinn an dësem Projet de loi duerch véier Haaptmerkmaler gekennzeichnet: éischtens, d'Selektiounsprozedur an d'Selektionskritären; zweetens, et gëtt erëm ee Plaffong, dat heescht eng maximal Investitiounszomm, déi bezuschusst gëtt, agefouert; drëttens, de Bäihëllesaz ass allgemeng reduzéiert ginn; a véiertens, et si manner Biens meubles éligibel.

D'Landwirtschaft gëtt also definitiv manner ënnerstëtzt bei den Investitiounen; eng politesch Décisioun. Den Här Minister sot, weinst budgetäre Contrainten. Also eng Spuermoossnam. Souwäit ech mech erënneren, huet den Här Statsminister eis virun zwou Woche gesot, d'wirtschaftlech Lag vum Land wär exzellent. Da kéinte mer eis also froen: Firwat dës Spuermoossnam bei der Landwirtschaft?

Fir et nach emol ze verdäitlechen: Am leschten Agrargesetz ass et kee Plaffong ginn. Deen ass elo agefouert ginn, an ech zitéieren d'Landwirtschaftskammer: Deen ass „dératoire“ bei de Biens meubles, de Maschinnen.

Da war am leschten Agrargesetz de Bäihëllesaz bei de Biens immeubles - de Gebaier - 45%. Deen ass erofgesat ginn op 40%. Bei de Biens meubles - de Maschinnen - war en 30%. Deen ass erofgesat ginn op 20%.

Als CSV hu mer prinzipiell näischt géint de Prinzip vun der Aféierung vun engem Plaffong, wat sécherlech och verschidde Feelinvestitiounen ka verhënneren, mä mir hunn awer trotzdem eng Rei vu Problemer domat.

Den Här Kox ass net averstanen.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Ech lauschteren no.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Éischtens, den éischte Problem: d'Berechnung vun deene Plaffongen, an zwar iwwert déi konkret Berechnung vun deenen theoretesch gebrauchten UTÄen, Aarbechtskräfte pro Betrib. Dëst ass virun allem problematesch fir méi aarbechtsintensiv Produktiounen. Et ginn net genuch Ennerscheeder gemaach bei der Berechnung.

Wa mer soen, an de Minister seet dat och alt emol, datt mer gäre wëllen Alternative féieren, datt mer gäre méi extensiv Produktiounen wëlle féieren, datt mer vläicht och nach d'Direktvermaartung wëlle féieren, da mussen mer dës ënnerschiddlech Produktiouns- a Vermaartungsmethoden, déi dacks méi aarbechtsintensiv sinn, och bei der theoretescher Berechnung vun den Aarbechtskräfte berücksichtigen. Hei gëtt et ganz gutt KTBL-Daten dozou.

Soss hale mer vläicht schéi Sonndesrieden, mä a Realitéit benodeelege mer dës Produktiounen. Als CSV fuerdere mer d'Regierung op, fir eng konsequent Politik ze maachen an dëse Projet vum Règlement grand-ducal nach eng Kéier duerchzekucken an deementsprechend unzepassen.

Dann hu mer als CSV och nach e Problem mat der Héicht vum Plaffong bei de Maschinnen. D'Landwirtschaftskammer huet dëse Plaffong als „dératoire“ beschriwwen. Als CSV hu mer een Amendement proposéiert, fir e vun 100.000 op 150.000 fir den Haapterwerbsbauer ze erhéien. Et stellt sech an dësem Kontext näamlech och d'Fro, firwat den Haapterwerbsbauer genau deeselwechten niddrege Plaffong kritt wéi den Niewenerwerbsbauer.

Den Niewenerwerb ass an eisen Aen net onbedéngt op Maschinnen ugewisen. Hie kéint och vun engem iwwerbeträbleche Maschinnenasaz vun engem Haapterwerbsbauer profitéieren. Den Här Minister konnt eis net direkt erklären, firwat keen Ennerscheid tëschent Haapt- an Niewenerwerb géif gemaach ginn. Hie sot awer allgemeng, et wär eng Spuermesure. An och dësen Amendement ass du refuséiert ginn.

Bei de Maschinnen ass et och derwäert ze kucken, wéi eng iwwerhaupt kënnen subventionéiert ginn. An d'Evolutioun mat den ënnerschiddlechen Erklärungen, wéi d'Lescht vun den éligibele Maschinnen opgestallt gëtt, ass och ganz interessant, well den Här Minister schonns e puermol do seng Meenung geän-

nert huet. D'Maschinne sollen am Prinzip innovativ an ëmweltschounend sinn.

Well mer hei zu Lëtzebuerg vill Gréngland hunn, wat fir d'ëmwelt wichteg ass, hate mir am September d'lescht Joer schonns an enger Kommissiounssëtzung gefrot, firwat keng Grénglandmaschinne virgesi wäere fir ze féieren. D'Erklärung vum Här Minister deemools: „Dës sinn exclu, well et Standardmaschinne sinn.“ Déi géif de Stat net subventionéieren.

Enn Januar 2016 dunn ass d'Lescht adaptéiert ginn. Zu eiser Freed waren och d'Nosot- an d'Sotmaschinne fir d'Gréngland op eemol éligibel, och nach anerer. Awer dat Besch war u sech déi nei Begrënnung vum Här Minister: „Fir datt jiddwereen eppes ka kréien. Dofir sinn dës Maschinnen derbäikomm.“

Do hate sech d'Vuen awer innerhalb vu kuerzer Zäit komplett geännert, vun der Ausso „Standardmaschinne ginn net subventionéiert“ bis hin zu „jiddweree soll eppes kréien“. Mir hunn natierlech näischt dergéint, mä et ass awer bal konsequent inkonsequent. No wéi enge Kritären ass dann elo dës Lescht opgestallt ginn?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Interpellatioun iwwert d'Landwirtschaft war ech och op d'Fro agaangen: Wou gehéiert de Bauerenhaff an Zukunft hin? Als CSV hu mer kloer gesot, datt, wann en am Duerf wëllt bleiwen, soll en och kënnen am Duerf bleiwen,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- ...mä datt de Bauer ëmmer manner am Duerf gelidde gëtt, duerch grouss Maschinnen, duerch Geruch, duerch Kaméidi, an datt mer dofir och all Aussiedlerhaff sollen a mussen ënnerstëtzen an u sech net onnéideg ploen.

Ech wëll hei awer nach eng Klammer opmaachen, och wann et net direkt eppes mam Agrargesetz ze dinn huet. Ech wëll hei nach eemol drop hiweisen, datt zu all Aussiedlerhaff mat Déieren am Prinzip och een Haus gehéiert. An als CSV kënnen mer déi zum Deel wierelech bal bauerveruechtend Aussoen, déi heiansdo an de Kommissiounen zu deem Thema gemaach ginn, net esou akzeptéieren. A mir erwaarden eis wierelech vum Landwirtschaftsminister, och wann hie seet, hie wär vläicht net direkt heifir zoustänneg, datt hie beim Naturschutzgesetz de Baueren hir Interessen an dësem Punkt vertritt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech kommen dann erëm bei den Aussiedlerhaff u sech. Dës Betriber hu ganz aner Käschte wéi en normale Betrib, virun allem Infrastrukturkäschten ze droen. Am leschten Agrargesetz sinn dës Käschten zu 75% iwwerholl ginn. Dëst ass anscheinend elo net méi méiglech. Mir haten och gefrot, fir dës Infrastrukturkäschten zumindest aus dem Plaffong ze huelen. Antwort: neen.

De maximale Plaffong, Dir Dammen an Dir Hären, dee laang net jiddweree kritt, geet net duer, fir eng Aussiedlung mat de kompletten Infrastrukturkäschten ze finanzéieren! Och hei stellt sech d'Fro: Wou ass d'Konsequenz vun der Politik? Entweder mir wëllen nach Baueren, déi aussidelen, déi sech nei installéieren, da mussen mer dat och erméiglechen, oder mir wëlle keng méi. Da soll d'Politik och de Courage hunn, dat ze soen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Als CSV si mer eis bewosst, datt mer dës Betriber brauchen. An dofir hu mer een Amendement proposéiert, fir de Plaffong ëm 20% ze majoréieren. Mä och deen Amendement ass refuséiert ginn. Enner anerem krute mer gesot, et wär net am PDR virgesinn. Mä da muss ech soen: Hackerstiwel, dann hätt et do misse virgesi ginn! Well wien huet de PDR gemaach?

*(Interruption)*

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Hackerstiwel?

*(Interruptions)*

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Här President... Ass et nach ëmmer Här? Jo. Dir Dammen an Dir Hären...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Mardamm Hansen, do sinn der e puer iwwer e gudde lëtzebuergeschen Ausdrock erstaunt,...

► **Une voix.**- Hackerstiwel.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...an deen och, mengen ech, hei salonfähig ass.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat ass näischt Schlemmes.

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Dee passt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Voilà!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Et ass näischt Schlemmes.

Här President, Dir Dammen an Hären, fir d'Wirtschaftlechkeet vun eise Betriber ze féieren, gehéiert et och derzou, fir d'Käschten net onnéideg an d'Luucht ze setzen, virun allem duerch speziell Virschrëfte beim Bauen, an dat erëm eng Kéier virun allem an der Zone verte. Zum Beispill d'Daachneigung, d'Ausrichtung vu verschiddene Gebaier an esou weider. Dës zum Deel net ëmmer komplett novollzéibar Virschrëfte si bis elo nach akzeptéiert ginn, well si am leschten Agrargesetz zu 75% subventionéiert gi sinn a well se net vum Plaffong erofgaange sinn, well kee Plaffong do war. Dës méi héich Subventionéierung ass elo anscheinend net méi machbar.

Als CSV hu mer op dës Problematik schonns e puermol higewisen. Et ass net akzeptabel, datt duerch esou zum Deel net novollzéibar Oplagen d'Käschten onnéideg eropgesat ginn an d'Rentabilitéit erof. An deem Sënn déposéieren ech am Numm vun der CSV eng Motioun, eis zweet, wou mer d'Regierung opfuerderen, fir eng Analys ze maache vun de Virschrëften an Oplage beim Bauen an der Zone verte, virun allem och vun deenen iwwer eng besser Integratioun an d'Landschaftsbild, fir dës ze objektivéieren an op e Minimum ze reduzéieren.

Wann ech gelift!

#### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que les agriculteurs sont confrontés à des coûts supplémentaires liés aux obligations imposées en raison des contraintes environnementales ou d'intégration de constructions agricoles dans le paysage et ceci surtout en zone verte;*

*- constatant que ces obligations augmentent substantiellement les coûts de production en agriculture;*

*- déplorant que la plupart des ces investissements non productifs ne bénéficient plus d'un taux d'aide spécifique dans la nouvelle loi agraire;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire le point des obligations relatives aux autorisations de construction en zone verte;*

*- à réduire les contraintes environnementales et en matière d'intégration paysagère des bâtiments agricoles en zone verte à un strict minimum.*

*(s.) Martine Hansen, Félix Eischen, Aly Kaes.*

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, vun den Investissements non productifs, déi kënnen zousätzlech geféiert ginn, waren am Ufank just Clôture ronderëm iergende Waasser virgesinn.

*(Brouhaha et interruptions)*

Sou, schonns am September hat den Här Minister eis versprach, si géifen nei Piste sichen. Am Februar dëst Joer hu si dunn eng zousätzlech Investitioun virgesinn: De Bäihëllesaz gëtt ëm 20% erhéicht fir Güllebehälter, Siloen, etc., déi mat engem Reservoir ausgestatt sinn, deen en Detektiounssystem géint Fuitten huet, an dëst, wann de Betribsleeder vun Agrarëmweltmoossname profitéiert. Wou elo genau hei dee kausalen Zusammenhang ass, dee laut EU gefuerdert ass tëschent der Investitioun an den Agrarëmweltmoossnamen, weess ech net, mä schéi wär et, wann zumindest dat méiglech wär.

Dofir eng éischt Fro un den Här Minister: Ass mëttlerweil mat der Kommissioun ofgekläert ginn, datt dës Bäihëllef esou méiglech ass? Wa jo, da géif ech awer och gär vum Här Minister wëssen, firwat net nach aner Méiglechkeeten ausgelot gi sinn, well an enger Kommissiounssëtzung krute mer gesot, et géifen nach aner Méiglechkeete bestoen.

Dofir, Här President, déposéieren ech am Numm vun der CSV eis drëtt Motioun, wou mer d'Regierung opfuerderen, fir genau ze analyséieren, esou wéi versprach, wéi eng Investissementer, déi duerch speziell Oplagen noutwendeg sinn, nach kënnen zousätzlech geféiert ginn, an da bei Bedarf d'Gesetz unzepassen.

#### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

*- déplorant que les mesures d'intégration en zone verte, subventionnées dans l'ancienne loi agraire comme investissements non productifs à raison de 75%, ne bénéficient plus d'un taux d'aide spécifique dans la nouvelle loi agraire;*

*- rappelant que Monsieur le Ministre de l'Agriculture avait promis vouloir analyser s'il n'existe pas d'autres moyens de subventionnement pour des*





*investissements dus à des contraintes spécifiques (environnementales et d'intégration paysagère, etc.);*

*invite le Gouvernement*

*- à entamer dans les plus brefs délais cette analyse et de modifier, le cas échéant, la nouvelle loi concernant le soutien au développement durable des zones rurales.*

(s.) Martine Hansen, Aly Kaes.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Wann ech gelift!

Mir müssen d'Villfältgkeet, Innovationen, Alternativen fördern, an den Ae vun der CSV deen drëtto wichtege Punkt, fir d'Wettbewerbsfähigkeit vun eiser Landwirtschaft ze fördern. Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg eng villfältig Landwirtschaft. Mir hunn och vill Produktiounen, wou mer wäit ënnert dem Selbstversorgungsgrad leien. Dës solle speziell ënnerstëtzt ginn. Gëtt dat mat deem Agrargesetz gemaach?

**(Interruption)**

An eisen Ae sinn zumindest nach vill Verbesserung méiglech. Ech fänken emol bei de Selektionskritären un.

Firwat, wa mer Produktiounen wëlle fördern, wou mer hei zu Lëtzebuerg keen héije Selbstversorgungsgrad hunn, firwat dës net zousätzlech mat enger méi héijer Punktzuel bewäerten? Am Moment ginn dat fënnf Punkten. Bio kritt zum Beispill direkt 15 Punkten a wahrencheinlech nach déi fënnf derbäi. 15, ech muss soen, dat ass dräimol de Bachelor u sech, well e Bachelor, dat ginn och nëmme fënnf Punkten.

Als CSV bedauere mer dat. Mir fannen et sënnavoll a gutt, de Biobetriber bei de Flächeprimen, den Agrarëmweltmoosname méi grouss Entscheidungen ze ginn. Firwat awer esou staark gewichte bei de Selektionskritäre fir Investissementer, well mir brauchen déi zwou Landwirtschaften a mir brauche virun allem och déi, wou de Selbstversorgungsgrad hei zu Lëtzebuerg nach net erreecht ass, wéi zum Beispill och Geméisbau, Geflügelproduktioun an esou weider.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- En zweete Punkt zur Villfältgkeet vun de Betriber ass u sech d'Schwéngsproduktioun. Bei den Investitionsbäihëlfe bei de Schwäi ginn an deem Gesetz just nach geschlosse Betriber bei der Schwéngsmaascht an Zuchtbetriber gefërdert. Wann dëst elo aus ideologesche Grënn de Fall wär, da misst d'Politik dat och bei anere Produktiounen maachen. Mécht se net, ass och gutt esou! Et schéngt also net Ideologie ze sinn.

Ech verstinn och, datt d'Regierung seet, si wëilt net déi grouss Maaschbetriber staark subventionéieren. Mä firwat ass net un déi aner Betriber geduecht ginn? Mir hunn zum Beispill kleng Maaschbetriber, déi vläicht eng eegen Hameproduktioun mat Direktvermarktung maachen. Dës Betriber hu ganz dacks scho vill verschidde Produktiounsrichtungen an déi kënnen net och nach Sai halen. Wat ass da schlecht dobäi, wann esou e Betrib zum Beispill bei engem Lëtzebuerger Zuchtbetrib seng Fierkel akeeft? Ech hat den Här Minister an der Kommissioun gefrot. Dat ass u sech net méiglech, da gëtt en net subventionéiert. Mir brauchen awer och dës Betriber fir eng villfältig Landwirtschaft. Firwat ass hei keng Léisung fonnt ginn?

Och do erëm eng Kéier kann een d'Fro stellen: Ass dat eng konsequent Politik? Eisen Amendement ass op jidde Fall refuséiert ginn.

Am Sënn vun der Ënnerstëtzung vu klengen Betriber, vu Betriber mat Alternativen, wär et och sënnavoll gewiescht, d'Mindestinvestitionszomm bei de Biens meubles erofzesetzen. Als CSV hate mer en Amendement proposéiert, fir dës op 3.000 Euro ze setzen. En ass refuséiert ginn. Firwat? Mir hu mat de Leit geschwat. Et ginn Investissementer, zum Beispill am Wäibau, och bei der Direktvermarktung, déi manner wéi 5.000 Euro kaschten. Firwat net och déi ënnerstëtzen? Budgetär Grënn kënnen jo bal net d'Ursaach sinn. Firwat dann?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir müssen eis all Moyene ginn, fir Alternativen, Innovationen an eiser Landwirtschaft ze fördern. Eng innovativ, nohalteg Landwirtschaft ass nëmme méiglech, ech hat et schonns bei der Interpellatioun gesot, wa mer et fäerdegbréngen, fir alleguer d'Akteuren aus dem Beräich vun der Landwirtschaft méi no beieneenzebréngen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, fir an enger strukturierter Organisatioun un engem gemeinsame Problem zuesammenzeschaffen, fir innovativ Léisungen ze fannen.

D'Kommissioun gesäit heifir déi sougenannt Elen, Partenariats européens d'Innovation vir. Als CSV begreisse mir et ausdrécklech, datt dës och an eise Agrargesetz virgesi sinn. Déi sougenannt Groupes opérationnels solle sech aus alle concernéierten Akteuren zesummesetzen. Am Projet de loi war ursprénglech virgesinn, datt dozou kéinte praktesch Baueren am wäite Sënn, Fuerscher a Betriber aus dem Beräich vun der Landwirtschaft an der Alimentatioun gehéieren.

Als CSV hate mer heizou en Amendement gemaach. Mir hate gefrot, fir als méiglechen Akteur och d'Schoulen, déi mer am Beräich vun der Landwirtschaft an der Alimentatioun hunn, derbäizesetzen. Mir sinn och frou, datt dësen Amendement ugeholl ginn ass, well d'Schoule si ganz wichteg Akteure beim Wëssenstransfer an domadder eng Hëllef, datt d'Innovationen um Terrain ukommen.

Den urspréngleche Projet de loi hat och virgesinn, datt e Projet am Kader vum PEI kéint ëm zwee Joer verlängert ginn; normalerweis dauert en dräi Joer. Mä fir d'Verlängerungsphas ware keng Sue virgesinn. Dat war vläicht vergiess ginn, ech weess et net, logesch wär et op jidde Fall net gewiescht. Als CSV hate mer dofir och heizou en Amendement gemaach, datt fir dës zousätzlech accordéiert Lafzäit vum Projet och kéinte maximal 200.000 Euro accordéiert ginn. Och dësen Amendement ass ugeholl ginn, wat eis am Sënn vun enger nohalteger, innovativer Landwirtschaft natierlech freet.

Op dëser Plaz wëll ech awer nach eemol un eis Motioun erënneren iwwert de Kompetenzzentrum, dee soll um neie Site vun der Akerbauschoul entsto. Dës Motioun war eestëmmeg ugeholl gi bei den Debatten zum Budget vum leschte Joer. Et wär schéin, wann den Här Landwirtschaftsminister eis kéint iwwert den aktuelle Stand vun de Planungen informéieren.

Fir eng nohalteg Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg ze behalen, brauche mer - an dat ass an eisen Aen de véierte wichtege Punkt am Agrargesetz - jonk, motivéiert, gutt ausgebild Jongbaueren a Meedercher, déi e Betrib iwwerhuelen oder grënnen. Mir mussen si speziell ënnerstëtzen. Si mussen fir eis Prioritéit hunn. An dofir hu mer et als CSV net akzeptabel fonnt, datt de Minister a sengem Projet de loi virgesinn hat, fir genau hir Bäihëllef ze kierzen, dee Minister, deen och ëmmer seet: „d'Jongbauere si prioritär.“ Do kann ech dann erëm eng Kéier no der Konsequenz vu senger Politik froen!

Mir haten och heizou en Amendement gemaach an ech si frou, datt deen ugeholl ginn ass an datt mer esou dës geplangte Kierzung konnte verhënneren.

Als CSV hu mer nach eng Partie Problemer, well mer wierklech der Meenung sinn, datt mer déi Jonk müssen zousätzlech ënnerstëtzen. Ech zielen der elo just véier hei op, iwwert déi zumindest misst nogeduecht ginn:

1) An eisen Ae muss séchergestallt ginn, datt e jonke Mënsch, dee kee Betrib vun doheem aus huet, sech och kann installéieren. Mir brauchen esou Quereinsteiger. An der Schoul hu mer och ëmmer méi Jugendlecher, déi net Bauer sinn, déi et awer léieren. Ech si mer net sécher, ob dës Projet de loi dëst genuch berücksichtegt.

Mir kruten zwar gesot, mir kéinten eise Kapp a Rou leeën, d'Gesetz géif alles hierginn. Ech maachen awer e waarmen Appell un de Minister, fir dës jonke Leit keng onnéideg Steng an de Wee ze leeën: Zum Beispill muss den Standarddeckungs... - Standardoutput, ech sinn nach ëmmer am leschten Agrargesetz -, de Standardoutput laut Projet de loi schonns bei der Date d'Installation nogewise ginn. Wéi kann een dat maachen, wann ee bei null ufänkt? Wéi kann den Investitionsplaffong no den Aarbechskräfte berechent ginn, wann ee bei null ufänkt? Dann huet ee jo keen! Wéi kann een dat maachen? Wéi kann dat interpretéiert ginn? Hei mussen Léisungen fonnt ginn!

2) D'Installatioun vu jonke Leit därerf och net onnéideg verkomplizéiert ginn. De Projet de loi gesäit vir, datt, wann e Betribspang vun engem jonke Bauer keng zweet Installatioun vun engem anere virgesäit, datt dës kann eréischt no zéng Joer gemaach ginn. Als CSV si mer der Meenung, datt mer déi Jonk éischter sollen ënnerstëtze wéi bremsen. Et weess een net ëmmer alles zéng Joer am Viraus! Dofir hate mer och hei en Amendement gemaach, fir vun zéng op fënnf Joer erofzegoen - deen zweete jonke Bauer muss jo schliisslech och e Betribspang maachen -, mä och deen ass net ugeholl ginn, well et wär net am PDR virgesinn. Erëm eng Kéier: Wien huet de PDR gemaach?!

3) Dann, de Mindestalter bei der Installéierung: De Projet de loi gesäit vir, datt e jonke Bauer sech eréischt ab dem Alter vun 23 Joer kann installéieren. Dëst ass duerchaus sënnavoll. Bis da kann ee genuch Erfahrung sammelen, säi Betrib richteg kenneléieren, och déi wirtschaftlech Situatioun, an en esou besser aschätzen.

Mä mir hate gefrot, ob et net méiglech wär, fir an Ausnahmefäll - zum Beispill beim Doud vum Betribsleder oder schwéierer Krankheet, leider kënnt dat nach ëmmer vir - eng Méiglechkeet virzegesinn, datt de Minister an esou Fäll kéint eng Derogatioun accordéieren. Och de Statsrot hat heirobber higewisen. De Minister mengt awer, datt dat net noutwendeg wär.

4) Dann d'Ausbildung: De Bauereberuff ass e komplexe Beruff. De Bauer ass Betribsmanger, muss vill Constraintë kennen, muss säi Betrib plangen, déi jeeweileg agrarpolitesch Bestëmungen ëmsetzen, hie muss awer och seng Produktiounen kënnen plangen, duerchféieren an am beschte seng Produkter nach verkafen. Am Projet de loi steet - esou wéi zënter éiwegen Zäiten, mä d'Zäiten änneren! -, datt den DAP agricole „ou autre“ duergeet, fir e Betrib ze leeden, fir Bäihëlfe als Haapterwerbsbauer ze kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, en DAP agricole huet, well een domadder kann e Betrib leeden, a senger Ausbildung eng ganz Partie Économie rurale um Programm. Hie léiert, wéi d'Wirtschaftlechkeetsberechnung gemaach ginn, hie léiert, wéi d'europäesch an national Bestëmungen sinn a wéi se sollen ëmgest ginn, hie léiert seng Buchführungsresultater interpretéieren an esou weider.

Dëst ass an aneren DAP-Ausbildungen net de Fall! Mat deem Gesetz erlaube mer elo awer erëm, datt zum Beispill den DAP-Coiffeur kann als Haapterwerbsbauer ënnerstëtzt ginn!

Dëst entsprécht net méi den aktuellen Uspréchen an der Landwirtschaft. De Bauer huet eng grouss Verantwortung a puncto Ëmwelt, a puncto Liewensméttelproduktioun, a puncto Déieren, a puncto Rentabilitéit. De Minister huet d'Beispill vum Quereinsteiger erwänt, dofir misste mer all DAP zouloossen. Quereinsteiger, jo! Ganz dacks si se motivéiert, engagéiert Leit, mä eng gutt Ausbildung ass och bei hinnen erfuerderlech.

A wann e Quereinsteiger mat engem méi héijen Diplom wëllt Bauer ginn, da klappt dat och meeschtens ouni Problem. Awer um niddregsten Niveau, deen d'Gesetz virgesäit, do soll de Minimum en DAP agricole sinn an net soss eppes, virun allem well mer elo mat der Berufsausbildung iwwert d'VAE d'Méiglechkeet hunn, en DAP agricole unerkennen ze loosse, wann ee genuch Berufserfahrung huet. A villen anere Beruffer brauch een eng Meeschterprüfung, fir e Betrib opzemaachen. Ee landwirtschaftleche Betrib ass komplex. Dëst soll d'Politik och wëssen!

Mir müssen d'Regionalitéit fördern. D'Vermarktung, d'Veaarbechtung, Informatioun a Promotioun si wichteg Eckpunkten - dee leschte Punkt, op deen ech de Mëtteg wäert agoen a puncto Wettbewerbsfähigkeit vun eiser Landwirtschaft.

Eis Bauere si bei ville Produkter net direkt konkurrenzfähig mat anere Länner, dëst aus ënnerschiddleche Grënn. Dofir ass d'Regionalitéit e Méttel, wou de Bauer op där enger Säit méi e grouse Mehrwäert kann erzielen an de Konsument op där anerer Säit Virdeeler huet, andeems en net muss op anonym Produkter zréckgräifen, wou en net weess, wéi a wou se produzéiert gi sinn. Dofir soll de Stat mam gudde Beispill a senger Restaurante virgoen an och keng onnëtz Bremsen abauen. Hei ass nach vill Sputt!

Här President, och heizou déposéieren ech am Numm vun der CSV eng Motioun, an där mer d'Regierung opfuerderen, ze analyséieren, wat genau misst geännert ginn, fir kënnen méi regional Produkter an eise staatleche Kantinnen unzibidden, fir all Hindernisser aus dem Wee ze raumen, an awer och froen, datt de Minister eis de Cahier de charge presentéiert, vun deem hie schonns ee Joer laang seet, dee géif ausgeschafft ginn. Gläichzäiteg soll d'Regierung d'Méiglechkeet analyséieren, fir eng Plattform mat den Akteuren aus der Landwirtschaft, der Vermarktung an der Veraarbechtung ze grënnen, mam Zil vun enger besserer regionaler Veraarbechtung a Vermarktung.

**Motion 4**

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que l'agriculture luxembourgeoise produit des aliments de qualité;*

*- constatant que les raisons de la présence insuffisante de produits du terroir dans la restauration collective sont multiples;*

*- constatant que beaucoup de restaurants collectifs sont organisés sous la responsabilité de l'État et financés par les deniers publics;*

*- estimant que les opérateurs de ces structures de restauration devraient davantage s'approvisionner en produits régionaux voire luxembourgeois;*

*invite le Gouvernement*

*- à analyser par quels moyens on pourrait promouvoir et augmenter l'utilisation de produits du*

*terroir et de produits régionaux luxembourgeois dans la restauration collective;*

*- à présenter dans les meilleurs délais un cahier de charge type pour la restauration collective qui relève sous une forme ou une autre de la responsabilité de l'État, afin d'augmenter l'utilisation de produits indigènes dans ces établissements;*

*- à éliminer tous les obstacles qui entravent l'approvisionnement en produits d'origine luxembourgeoise dans les structures publiques telles que crèches, écoles, hôpitaux, maisons de retraite, etc.;*

*- à analyser la possibilité de la création d'une plateforme nationale où seraient regroupés les acteurs du secteur agricole et les acteurs de la transformation de produits agricoles ainsi que de la distribution et dont le but serait la promotion et la vente des produits et de services directement aux entreprises et aux consommateurs.*

(s.) Martine Hansen, Aly Kaes.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Wann ech gelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Regionalitéit ze fördern, brauche mer awer hei zu Lëtzebuerg déi deementsprechend Veraarbechtungs- a Vermarktungsbetriber. Nëmme wa mer déi behalen, wa mer där nach bäibehalen, kënnen mer déi regional Vermarktung nach weider ausbauen. Den Här Minister seet dat och. Mä firwat kierzt en hinnen dann de maximal méigleche Bäihëlfe saz? De maximale Plafong ass zwar no laangem Hin an Hier gehéicht gi vun 10, wéi et ursprénglech am Projet de loi virgesi war, op 15 Milliounen, wat mer natierlech begreissen. Mä de maximale Bäihëlfe saz ass vu 35, esou wéi et am leschten Agrargesetz virgesi war, op 30 erofgesat ginn! Obwuel d'EU 40% virgesäit a mer soen: „Regionalitéit ass wichteg“!

Mir haten als CSV en Amendement proposéiert, fir en erëm op 35% ze setzen. Do hätte jo kënnen Konditionnen dru geknäppt ginn: nei Produkter, nei Veraarbechtungsmethoden, innovativ Iddien. Mir haten och gefrot, datt de Mindestmontant, ab deem eng Bäihëllef ka bezuelt ginn, soll vu 75.000 op 50.000 erofgesat ginn. Och méi kleng Investissementer solle kënnen gefërdert ginn. Dës Amendementer si refuséiert ginn. D'Argument war: politesch Décisioun. Mä wann et op där enger Säit de politesche Wëllen ass, fir d'Regionalitéit ze fördern, da kann et net op där anerer Säit d'politesch Décisioun sinn, fir u sech de Contraire ze maachen. Och do: Wou ass d'Kohärenz?

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Zu der Fërdierung vun der Regionalitéit gehéiert déi deementsprechend Fërdierung vun der Promotioun, vun der Informatioun. Ech hat et schonns op dëser Plaz gesot: Vill Konsumente mengen, si géifen d'Landwirtschaft kennen. Mä si kenne se net. D'Kluft tëschent deem, wat de Konsument mengt, wat d'Landwirtschaft ass - Biller vu fréier, Reklamme mat nostalgesche Biller -, an deem, wat d'Landwirtschaft a Realitéit ass, gëtt ëmmer méi grouss.

En trauregt Beispill, wat dës Ausso ënnermauert, sinn d'Reaktiounen op d'Werbeaktioun vum Landwirtschaftsministère, déi bestëmmt gutt gemengt war, op der Foire mat hirer Kou „Rosette“. E groussen Deel vun eiser Gesellschaft ass wäit fort vun all Realitéit, wann ech wierklech deen - pardon - „shitstorm“ kucke vu Reaktiounen an de soziale Medien. Mir müssen dréngend duerch eng geziilt Informatiounsoffensiv probéieren, de Konsument opzeklären, d'Kluft tëschent sengem Bild vun der Landwirtschaft an der Realitéit ze reduzéieren!

Nëmmen dann, wann de Konsument d'Landwirtschaft a Realitéit kennt, nëmmen da kann hie se verstoen an och akzeptéieren. Dëst ass deen éischte Schratt, dee muss gemaach ginn, wou muss dran investéiert ginn, fir datt eng geziilt Promotioun vun eise regionale Produkter ka gräifen. An heimadder muss schonns bei de Kanner u sech an der Grondschoul ugefaange ginn, do ka viles richtig an och falsch gemaach ginn.

An deem Sënn déposéieren ech am Numm vun der CSV meng lescht Motioun fir haut.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Hei fuerdere mer d'Regierung op, fir eng Informatiounscampagne iwwert d'Liewensméttelpro-





duktioun an d'Landwirtschaft ze lancéieren, fir zesumme mat den Akteuren aus der Landwirtschaft an dem Éducatiounsministère ze kucken, wéi dës Informatiounscampagne, wéi dës Matière an de Schoulprogramm kann integréiert ginn, a fir ze analyséieren, fir d'Kooperatioun mat de Fermes pédagogiques oder mat anere landwirtschaftleche Betriber am Kader vun der Grondschoul auszubauen.

## Motion 5

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que la perception des consommateurs à l'égard de l'agriculture diverge très largement de ce qui représente l'agriculture en réalité;*

*- estimant que les modes de production de l'agriculture au 21<sup>e</sup> siècle sont seulement acceptés par les consommateurs si ces derniers ont pris conscience et connaissance de ces modes de production;*

*- estimant qu'il importe de familiariser les enfants dès le plus jeune âge avec les procédés d'agriculture;*

*invite le Gouvernement*

*- à organiser une campagne d'information sur la production alimentaire et le secteur de l'agriculture;*

*- à analyser avec les acteurs du secteur agricole et les responsables du Ministère de l'Éducation nationale comment cette matière pourrait être intégrée dans le programme officiel de l'enseignement fondamental;*

*- à analyser une collaboration accrue avec les fermes pédagogiques ou toutes autres exploitations agricoles qui souhaitent accueillir des groupes d'enfants dans le cadre de leur activité scolaire dans le but de leur faire découvrir le milieu agricole afin qu'ils comprennent mieux les processus de la production alimentaire.*

*(s.) Martine Hansen, Aly Kaes.*

Fir esou eng Promotiouns- an Informatiounscampagne kënnen geziilt ze fërderen, an deem Sënn hate mer als CSV en Amendement gemaach, fir de Spillraum, deem d'EU-Reglementéierung eis léisst, auszenotzen. Mä leider ass och dësen Amendement vun de Majoritéitspartei refuséiert ginn.

Ofschléissend wëll ech nach eemol widderhuelen, datt dat, wat als Ziler ugekënnegt gëtt, leider net konsequent an der Politik probéiert gëtt ëmzesetzen. Mir brauchen awer e konsequent Virgoe fir d'Erhale vun eiser Landwirtschaft! D'Politik muss sech däers wierklech bewusst sinn a si muss alles drusetzen, fir dee fir eis Gesellschaft wichtege Wirtschaftssektor ze erhalen, an net, fir en an de Koma falen ze loossen!

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Edy Mertes fir d'DP.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Ech kréien en „n“...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Oh! Entschëllegt, Här Mertens, ech hat den „n“ vergiess.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Einfach esou!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et kënnt mer net méi vir! Ech hat Här „Mertes“ gesot. Also, Dir hutt eng zegutt!

► **M. Edy Mertens (DP).** - Merci, Merci, Merci! Also, och vläicht net elo eng Minutt, fir ze schwätzen, well ech mengen, esou laang dauert et awer net.

Also mir stëmmen haut dëst Agrargesetz an enger Zäit - an ech mengen, dat ass och eis opgefall, Madamm Hansen, och an der DP an deenen anere Partei vum der Koalitioun -, wou et eise Baueren erëm eng Kéier ganz schlecht geet. An et kann ee wierklech soen „ganz schlecht“. Déi aktuell Maartpräisser, besonnesch déi vun der Mëllech an dem Fleesch, erlaben et hinnen net, genuch ze verdéngen. Et geet souguer esou wäit, datt vill Betriber Problemer hunn, hire Prêt zrëckzebezuelen. D'Schéier tëschen deem, wat eis Bauere verdéngen, a vergläichbare Secteuren an eiser Gesellschaft geet nach weider ausereen. An deem Kontext verstinn ech d'Verzweiflung a souguer d'Roserei vu verschiddene Baueren.

An ech mierken dat och a mengem Ëmfeld, ech wëll dat emol kloer soen. Do, wou ech hierkommen, si ganz vill Baueren. Ech menge souguer, meng Nopeschgemeng, déi huet déi meescht Baueren aus dem Land, prozentual gesinn. Ass et esou, Emile? Ech mengen, dat

stëmmt. An do hunn ech och nogelauschert an all där Zäit, déi et elo gedauert huet mat deem Agrargesetz, wat déi Bauere soen. An ech sinn elo awer iwwerglëcklech, datt mer an Zukunft mat der Madamm Hansen wahrscheinlech e Kommissär wäerte kréien oder e Spezialist - a si ass jo awer e Spezialist -, deen eis do kann hëllefen, eppes ze maachen!

Well ech hu mer och Zäit geholl, wéi ëmmer a menge schlaflosen Nächten, nozeliesen, an ee ganz gudden Artikel hunn ech fonnt, dee stoung vum Här Fischler am „Luxemburger Wort“. An do schreift deen dran - dee wor Kommissär, ech mengen zweemol, als Expert fir Landwirtschaft -, deen hat keng richtig Solutioun fonnt. An dofir sinn ech awer frou, datt mer da wahrscheinlech wäerten déi richtig Solutioun fannen, well ech mengen, x Leit hu sech ewell un deem do Sektour d'Zänn ausgebass! Well op där enger Säit schwätzt dee vun engem Präis, dee ginn ass, en Trendpräis, an da kënnt erëm eng Volatilitéit dran - wat dann dorëmmer um Maart geschitt. Also et schéngt a sech eng ganz komplex Geschicht ze sinn, an dat deet mer leed fir eis Baueren!

Ech wëll awer elo hei profitéieren, fir eppes riichtzestellen. Ech maachen et net gär, mä ech hu mer awer erlaabt, och Zuele virzeféieren, well mir jo erëm eng Kéier hei jéimeren a jéimeren zu Lëtzebuerg. Nu jee, dat ass eise Plang, dee mer opstellen, eist Agrargesetz, wat mer wäerte versichen ze stëmmen. Mä ech kucken awer och emol eng Kéier, wéi et op anere Plazen ass, fir datt d'Leit dobaussen net opgestëppelt gi géint d'Baueren, beileiwen net, dat si meng beschte Frënn! Also ech kenne se an ech hu vill, vill Jore bei de Bauere geschafft. An ech si 15 bis 20 Jore mam Véidokter ënnerwee gewiescht. Also ech weess, wat bei de Bauere leeft.

Mä ech kann Iech och nach eng kleng Geschicht, ier ech ufänken, verzielen, well ech esou vill Zäit hunn. Et ass esou, datt ech, wéi ech viru 45 Jore mam Veterinär mat wor, du krus de fir eng Zuucht Fierkel, fir e Fierkel, wat sechs Wochen al war, 1.100 Frang, 800 Frang, 700 Frang. Op eemol wor de Präis erëm e bëssen erop, da wor en erof. Ma ech mengen, haut kritt een nach ëmmer datselwecht. An dat ass wahrscheinlech dat, wat den Här Fischler gemengt hat mat deem Trend, dee ginn ass.

Mä d'Präisser säit 40 Jore an der Landwirtschaft hunn entweder stagnéiert oder se hunn ëmmer nëmmen ofgehall. Jiddefalls wor dunn och ewell geklot ginn, mä et ass, wéi d'Madamm Hansen gesot huet, eng ganz aner Struktur vun der Landwirtschaft gewiescht. Dat, wat mer elo erliwen, dat ass wierklech, mir befannen eis um Weltmaart. Also ech mengen, do ass net drun ze zweifelen!

Här President, d'Landwirtschaftskummer huet an hirem Avis geschriwwen, dës Regierung géif d'Landwirtschaft net genuch ënnerstëtzen, jo, datt si keng Prioritéit vun dëser Regierung wier, datt en Dësegagement vusäit vum der Regierung festzestelle wier.

Ouni elo op den Toun vun deem Avis wëllen anzegoen, wëll ech hei awer vu vireran emol kloerstellen: Dat ass awer absolut net de Fall! Et gi knapp ënner 400 Milliounen zur Verfügung gestallt, fir eis Landwirtschaft bis 2020 ze ënnerstëtzen. Dat ass net näischt! 105 Milliounen kommen dovun vu Bréissel, de Rescht aus dem Lëtzeburger Statsbudget. Fir een Euro aus Bréissel kommen dräi Euro aus Lëtzebuerg. Keen anert Land ënnerstëtzt seng Landwirtschaft esou vill wéi Lëtzebuerg!

Ech ginn Iech elo vläicht e blöd Beispill. Dat ass Bulgarien zum Beispill. Op dräi Euro aus Bréissel kënnt een Euro aus Bulgarien. Mä mir müssen net dohinner goen. Och Betriber hei an der Grenzregioun ginn net esou vill ënnerstëtzt wéi eis Lëtzeburger Baueren. Zum Beispill bei den Investitiounsbäihëllefen. E Bauer aus der Lorraine ka maximal 40.000 Euro kréien. Bei hinne läit näamlech de Minimum éligible bei 10.000 Euro an de Maximum bei 100.000 Euro. Zu Lëtzebuerg kann awer ee grouse Betrib bis zu 1,7 Milliounen Euro fir e Subsid éligible gemaach ginn. Dat sinn 1,6 Milliounen méi wéi deisäit der Grenz!

Mat engem Taux vu 40% kann dee Bauer hei zu Lëtzebuerg da maximal - an ech betounen et nach eng Kéier, ech ënnerstelle kengem Bauer eppes, also ech weess, datt d'Zommen net duerginn -, maximal 680.000 Euro Bäihëllef kréien. 680.000 Euro verglach mat 40.000 fir e Bauer aus der Lorraine, dat ass en Ennerscheed vu 640.000 Euro. An hei maachen ech elo wierklech kee Verglach wéi gesot mat deem Bauer aus Bulgarien, mä mat deem aus Lothringen, dat ass direkt bei der Grenz.

Ech fannen, déi Zuele muss een awer och emol kucken. Et ass jo net nëmmen, datt Spezialisten dat do kucke mam Agrargesetz. Mir hunn dobaussen och vill Leit, déi zu Polemik opgeluecht sinn, dat kennen ech alles, an déi dann do ech weess net wat mat der Landwirtschaft

maachen, ëmmer nëmme soen, et wiere Profiteuren an hin an hier, an dat si se absolut net. Also ech wëll näischt esou gesot hunn!

Wann also elo d'Landwirtschaftskummer oder een anere seet, datt eis Lëtzeburger Bauere géifen net genuch ënnerstëtzt ginn, dann ass dat falsch. Si kënnen vläicht aneschtens ënnerstëtzt ginn, et kann een nach eppes drun änneren. Ech mengen, et ass jo ee Pull Geld do, wat muss verdeelt ginn, an dorëms geet d'Agrargesetz.

Wéinst der Dréchant an dem Präisverfall bei der Mëllech an dem Fleesch haten eis Baueren 2015 ee ganz schlecht Joer. A wat huet eise Landwirtschaftsminister gemaach - deen iwwregens och eng staark Relatioun huet zu de Baueren aus der Famill? Éischstens, en huet fir d'Éischt emol déi 670.000 Euro Direkthëllef aus Bréissel verduebelt, soudatt am Ganzen 1,34 Milliounen Euro als Direkthëllef géint d'Kris verdeelt goufen. Dee staatlechen Deel bei de Sozialbäiträg gouf erhéicht. Dat sinn nach eng Kéier 3,77 Milliounen Euro, déi d'Baueren net musse bezuelen. Fir d'Drëtt, also drëtter Punkt, fir d'Dréchant gouf eng exzeptionell Hëllef vun 9,26 Milliounen Euro deblockéiert, fir déi Betriber ze ënnerstëtzen, déi ënnert der Dréchant 2015 gelidden hunn.

Lëtzebuerg ass iwwregens dat eenzegt Land an der EU, wat 2015 esou eng Hëllef ausbezuelt huet. Mam neien Agrargesetz wäert dat iwwregens och an Zukunft nach méiglech sinn.

Véiertens, d'Primmen an d'Hëllef goufen zu engem groussen Deel éischter ausbezuelt, fir de Liquiditéitsproblemer vun de Betriber Rechnung ze droen an deem entgéintzkommen, sief dat d'Basisprimm oder d'Indemnité compensatoire. D'Leguminoseprimm, de Jongbaurenzouschlag an de Sold vun der Basisprimm missten och elo an deenen nächsten Deeg op de Konten ukomm sinn.

Dir gesitt, et gouf alles ënnerholl vun dëser Regierung, fir datt d'Baueren, trotz dem Retard vun dësem Gesetz, regelméisseg Zuelunge kruten, bis elo nach an de Summer eran.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Edy Mertens (DP).** - Niewent dëse finanziellen Direkthëllefen, fir den akute Liquiditéitsproblemer entgéintzewirken, goufen awer och ganz vill strukturell Mesurë beschloss, déi eise Betriber aus der Kris hëllef sollen. Éischens mat der Steuerreform kënnt och méi e flexibelen „carry back, carry forward“-Prinzip, soudatt d'Bauere schlecht Jore mat gudde kompenséiere kënnen.

Zweetens, de Ministère schafft un engem Cahier des charges, fir datt Lëtzeburger Produiten an eise Kantinnen, Maison-relais, Klinicken, Schoulen d'Regel ginn an net méi d'Ausnam sinn.

D'Promotioun vun eise Produiten - drëttens - ass zur Prioritéit vum Landwirtschaftsministère erkläert ginn. Dat ass dat, wat ech gëscht am „CSV-Profil“ gelies hu vun der Madamm Hansen, wou se dat jo och gefuerdert huet. An dat ass och normal, dat froen d'Leit dobaussen no. Dat ass hinnen total onverständlech. Et muss een awer erëm wëssen, ech weess net, wéi dat rechtlech ass am Commerce, datt mer eis natierlech op engem offene Maart befannen. Mä ech mengen awer, wa mer d'Gemeengen dozou stimuléieren an och d'Klinicken dozou intervenéieren, kënnen mer awer wahrscheinlech eppes maachen, well mir kënnt et op alle Fall vir, datt an deem Land, wou ech ganz dacks sinn a laang wor, dat datselwecht ass.

Véiertens, d'finanziell Mëttele fir d'Bekämpfe vun der IBR-Krankheet bei de Randbéischte gëtt erhéicht. Dat ass eng Krankheet, déi d'Loftweeër betrëfft. Ech mengen, et ass e Virus, wou Prouwe gemaach musse ginn, wat relativ deier ass, deemno aus wat fir engem Land dat Véi kënnt oder a wat fir e Land et geet.

Am grouse Ganze sinn hei iwwer 14 Milliounen Euro agesat ginn, fir de Baueren direkt ze hëllefen. Keen anert Land an Europa huet esou héich Hëllefen deblockéiert, fir senger Landwirtschaft ze hëllefen. Ech fannen, wann een dës Zuelen hei héiert, kann een awer wierklech net behaupten, d'Landwirtschaft wär der Regierung egal.

Här President, datt eis Landwirtschaft op finanziell Ennerstëtzung ugewisen ass, ass nun eemol ee Fakt. An dat kann een net vun haut op muer änneren, well wa mir muer géifen ophalen, déi Landwirtschaft hei am Land ze ënnerstëtzen, wéi bis elo, da missten déi meescht Betriber zoumaachen. Dat ass traureg. Mä dat ass awer esou.

An ech weess och ganz genau, an aus x Gespréicher, an dat geet ewell jorelaang esou, weess ech ganz genau, datt d'Baueren am léifsten op d'Subventionierungsgeschichte géife verzichten. Si wëilten am léifsten, wéi dat an anere Secteuren ass, en anstännege Ge-

steungspräis kréie mat engem Gewënn drop, wou se kéinte verkaufen a wéi en anere Betrib dovun liewen. Mä leider ass dat awer net d'Realitéit. An dofir musse mir eis Landwirtschaft ënnerstëtzen, fir sécherzestellen, datt mer och nach weiderhi bei eis doheem qualitativ héichwäerteg Produite kënnen genéissen.

Firwat kritt de Bauer dann net de gerechte Präis fir seng Erzeugnisse? Do gëtt et, wéi virdu gesot, ganz vill Ursaachen. Wéi vill Secteuren ass och eis Landwirtschaft een Akteur um Weltmaart. Och eis Bauere sinn ofhängeg vun de Präisser um Weltmaart. Dat hunn ech grad gesot.

Beim Mëllechpräis kounn dunn de Problem wéi a China. Ech ka mech nach ganz gutt un déi Meldungen op der Televisioun erënneren, déi Geschicht mat de Bëbeëën, déi gestuerwe si vun der Mëllech. Do gouf e groussen Import vu Mëllech gemaach. An et ass och esou, datt dat grad an enger Phas geschitt ass, wou et de Chineese finanziell besser gong, wou d'wirtschaftlech Lag besser wor. An do hat dunn eng gewësse Schicht bei hinnen..., an dat steet och am Här Fischler sengem Artikel fein dran: Déi hunn de Kéis entdeckt.

Also, neen, et ass net fir den Här Kaes!

## (Hilarité)

Mä si hunn entdeckt, wéi gutt déi Produite kënnen sinn. An ech brauch Iech soss iwwert déi asiatesch lesskultur näischt ze soen. Fir si wor dat awer derwäert. An et ass immens, immens vill importéiert ginn. Et ass ewechgefall.

Dann en anere Sektour: Neiséiland. Also ech hunn do gelies an deenen Traitée vu Bréissel, ech mengen, wann Neiséiland houscht, da wackelt de Mëllechtank an eise Mëllechkommen. Dat huet een immensen Impakt, well déi 30% vun der Mëllechproduktioun duerstellen, weltwäit. Wat immens ass.

Dann de Russland-Embargo, deen derbäikoum. An dat spillt alles eng grouss Roll. Dat ass nun eben de Risiko, wann een op engem oppene Maart agéiert.

An da wëll ech nach just soen, ech mengen, den Här Eischen hat gesot zur Lag vun der Natioun, datt se kompetitiv misste sinn, datt se vläicht net kompetitiv wieren, d'Bauerebetriber zu Lëtzebuerg. Ech mengen, si sinn et awer, well d'Mëllechbauere liwwere jo dat meescht an déi dräi Molkereien oder an d'Luxlait an dann an d'Arla an d'Lactalis. Déi liwweren dat an da beliwwere se automatesch jo de Weltmaart. 80% vun eiser Mëllech iwwregens lant do.

Dat beweist, datt mir kompetitiv sinn, jiddefalls an deem Sektour. A bei mir am Norden, do sinn d'Bedingungen ideal. Dat huet och dann - wat war dat bei där Kou do, dat weess ech net -, mä do soen ech ëmmer: Wéi aus deem schéine grénge Gras eng schéin déck, wäiss Mëllech gemaach ka ginn, dat ass jo fantastesch!

An all déi Mëllechbetriber, déi nach investéiert hunn, do hunn d'Leit sech gewonnert dobaussen, do hu se all gesot: Ma sinn déi da verreckt? Wat geet deen dann nach do investéieren, geet deen nach e Mëllechroboter kafen, e geet nach 200 Charolais-, pardon, Limousin-Kéi kafen an et geet jo biergo! Elo ginn op eemol déi Quoten, déi verschwannen. Quoten, déi am Ufank kee Mensch wollt! Et gouf gesot, déi sollen ofgeschaaft ginn an dat géif dann och iergendwéi ee Plus bedeuten. An et kënnt, mengen ech!

Wéi gesot, 80% vun der Mëllech geet op de Weltmaart. Gott weess, wat nach do geschitt. An a sengem Artikel seet den Här Fischler: „Ich bin optimistisch“, datt awer do eppes geschitt. D'Experte soen, dat zitt erëm eng Kéier un. Da sinn déi do op alle Fall do.

Mä mir kënnen et jo net maachen, wéi der fréier vill et gemaach hunn. Wou ech am Stall wor, do hunn déi gesot: „Jo, mä déi Fierkel, déi kaschte (veuillez lire: bréng) jo näischt, den Händler gëtt mer näischt! Fir déi dausend Euro! Elo halen ech mat där ganzer Produktioun op.“ Dann huet de Véidokter ëmmer gesot: „Da pass op, Marechen, well a sechs Woche steigen d'Präisser, da jäiz de, datt s de keng Fierkel méi hues!“ - „Ma da muss ech se awer séier zillen!“ Also, esou geet dat net! Vlächtt sinn eis Baueren, déi dann do investéiert hunn an d'Mëllechbetriber, awer gutt gestiwwelt, wann et erëm eng Kéier lassgeet.

Här President, dat neit Agrargesetz ass am Fong e bëssen esou wéi eis Steuerreform: D'Sue gi ganz geziilt verdeelt, an net, wéi et soss de Fall war bei aneren Agrargesetzer, mat der Strenz ënnert d'Leit bruecht.

Et ass dëst eng méi nohaltege a cibléiert Approche um Niveau vun der finanzieller Ennerstëtzung. Dës Approche ass och nei. Et kann ee bal vun engem Paradigmewissel schwätzen. Mir ginn ewech vun engem rengen Subsidege-





setz zu engem Fördergesetz, dat cibléiert Ënnerstëtzen an der Vierdergrond stellt. An et ass genau déi doten Approche, déi eis Landwirtschaft brauch, wéi och ewell gesot gouf.

Ech wëll och hei nach eng aner Saach kloerstellen: Dëst Gesetz reglementéiert net, wéi eis Bauere sollen hire Beruff ausüben. Et verbitt hinnen och näischt, wéi aner Gesetzzer: Naturschutz, Waasserschutz an esou virum. Dëst Gesetz setzt just Incentiven, et gëtt en Impuls, dat heescht, d'Politik stellt e Rame fir verschidde Praxissen an Hëllef, déi si da fir richtig hält: richteg fir d'Entwécklung vun de Lëtzeburger Familljebetriber, richteg fir d'Präservatioun vun der Ëmwelt an eisem Landschaftsbild a richteg fir de soziale Charakter vun eise ländleche Géigenden.

An dat gesi vill Leit heiansdo ganz aneschtens. Wann e Bauer wëllt e Betrib mat 1.000 Kéi oprichten, da wäert déi Regierung hei hien net drun hënneren, dat ze maachen, wann et alle Regeln entsprécht. Mä am Kader vum Agrargesetz gëtt esou e Betrib nëmme bis zum festgesate Plaffong ënnerstëtzt. Déi Investitiounen, déi iwwert de Plaffong erausginn, muss de Betrib da selwer schëlleren. Dëst Gesetz ënnerstëtzt keng Agrarindustrie, mä soll e gesonde Wuesstum vun eise Familljebetriber erméiglechen. Een Haaptzill ass et och, dem Bauer säi Revenu laangfristeg ofzesécheren an de Jongbaueren ënnert d'Aerm ze gräifen, wa si e Betrib iwwerhuelen.

### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

D'Ënnerstëtzung vun de Jongbauere war a bleift och nach ëmmer eng Prioritéit vun der Regierung. An deem Agrargesetz kréie si um ganze Plaffong den Top-up vu 15%, soudatt si mat 55% Bähëllef bei Investitiounen besonnesch gutt ënnerstëtzt ginn. Duerch dëst Agrargesetz wäert et och elo méiglech sinn, datt, wa méi Jonker e Betrib, wéi virdru gesot, iwwerhuelen, si alleguerten d'Erstinstalléierungsprimm kréien, wa si d'Konditiounen erfëllen. Dëst war am viregte Gesetz net de Fall an ass sécherlech eng Beräicherung fir eis Jongbaueren.

Well besonnesch an dëse schwierigen Zäite fir d'Landwirtschaft ass et net einfach, fir Jonker nach ze motivéieren, wann déi soen: Ech lancéiere mech elo als Bauer, ech gi Bauer. Dofir muss d'Politik de richtege Rame setzen, fir datt si d'Betriber iwwerhuele kënnen. Et geet heibäi ëmmerhin ëm d'Zukunft vun eiser Landwirtschaft. An, Dir wäert erstant sinn, jiddefalls gesinn ech der all Dag vill, vill, vill vun de Baurejongen, vill aus der Akerbauschoul, déi ech kennen, déi sinn och déck gewëllt, de Betrib doheem virunzeféieren. An dann ass et selbstverständlech, datt mer u si denken.

Madamm Presidentin, d'Zil vum Agrargesetz ass et, eng modern, innovativ a kompetitiv Landwirtschaft ze ënnerstëtzen. Fir dëst Zil ze erreechen, goufe sechs Prioritéite festgehale: éischtens, d'Vermëttele vu Wëssen an Innovation, zweetens, d'Viabilitéit an d'Kompetitivitéit vun eise Betriber, drëttens, d'Qualitéit an der Chaîne alimentaire, besonnesch wat d'Hygiène ubelaangt an de Bien-être animal, véiertens, eng nohalteg Landwirtschaft, fënneftens, eng ressourcëschounend Landwirtschaft, sechstens, d'Entwécklung vum ländleche Raum, wéi zum Beispill de LEADER-Programm an esou.

Dës Prioritéite fanne sech och an deenen neie Selektionskritären erëm, déi agefouert goufen, fir ze definéieren, wat fir Projekte finanziell ënnerstëtzt ginn. Dës geziilten Ënnerstëtzung ass fir vill Leit eppes ganz Neies.

Also, ech muss iergendwéi awer eppes drénken.

### (Hilarité)

► **Une voix.** - E Glas Mëllech.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Also, fir vill Leit ass dat eppes ganz Neies. Dofir hunn der och vill ufanks ganz kritesch reagéiert. Ech muss soen, wann ee jorelaang dru gewinnt war, datt d'Suen aneschtens verdeelt goufen, da muss ee sech elo emol dru gewinnen, datt et méi geziilt Subventiounen gëtt. Dës Method garantéiert näamlech, datt Betriber ënnerstëtzt ginn, déi deene Prioritéite Rechnung droen, déi ech elo grad opgezielt hunn. Et garantéiert awer och de Baueren, datt während där ganzer Period, wou dëse PDR a Kraaft ass, genuch Suen do sinn, fir all dräi Méint Projekten ze subventionéieren.

Dat ass an anere Länner ganz anescht. Am Saarland zum Beispill gëtt e Montant festgehale, soe mer fir d'Biolandwirtschaft, da melle sech 500 Betriber. Déi 250 besch, no hire Kritären, kréien e Subsid an déi aner hate Pech! Dann ass de Buttek zou bis 2020.

Do hunn et eis Baueren awer mat deem System, dee mir hei zu Lëtzebuerg elo aféieren, vill besser. Wa si investéiere wëllen, kënnen si dat zu all Moment. A falls hire Projet éieren net zréckbehale géif, da kënnen si hire Projet och nach

eng Kéier, eng zweete Kéier presentéieren. Esou vill Flexibilitéit wéi Lëtzebuerg hei a säi Selektionssystem agebaut huet, gëtt et bal a kengem anere Land!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Edy Mertens (DP).** - Ech wëll hei och nach eng Kéier betounen, datt et eng Oblatioun vu Bréissel ass, esou e Selektionssystem anzeféieren, deen de Prioritéite Rechnung dréit an dee Limite setzt. Zu Lëtzebuerg goufe Plaffong festgehale, déi der Gréisst vun de Betriber Rechnung droen. E Betrib soll lues a lues wuessen an net méi investéieren, wéi e verkraafte kann, wat jo ganz logesch ass. Wiisst e Betrib awer duerch seng Investitiounen, esou kann een an darselwechter Period nach eng Kéier eng Investitiounshëllef ufroen, fir weider kënnen ze wuessen. Dës Step-by-step-Entwécklung vun eise Betriber ass eiser Meenung no déi richteg Approche, déi och am beschten op eis Lëtzeburger Familljebetriber passt.

Madamm Presidentin, et ass ewell leider zur Traditioun ginn, datt Agrargesetzer zu Lëtzebuerg mat Verspéidung a Kraaft trieden. Dat hu mer jo elo grad héieren. Et kann een awer weder der Regierung nach der Chamberskommission virwerfen, getrennt ze hunn. Ganz am Géigendeel! Kuerz nodeems de Projet de loi an der Chamber deponéiert gouf, huet d'Agrarkommission ugefaangen, Artikel pro Artikel ze analyséieren, ouni - wéi üblech - op den Avis vun der Kummer an dee vum Statsrot ze waarden. Dëst gouf esou gemaach, fir Zäit ze gewannen a fir prett ze sinn, wann déi wichteg Avice kommen.

Wéi dunn den Avis vum Statsrot do war, huet et och net laang gedauert, bis déi néideg Amendementer zréck un de Statsrot gaange sinn. Zu den Oppositions formelles vum Statsrot wëll ech dann och nach eng Kéier soen, datt dës quasi all weinst enger Jurisprudenz aus dem Joer 2014 sinn, déi et engem net méi erlaabt, verschidden Detailler a Reglementer ze schreiwen, mä obligéiert, se direkt an de Gesetzesramen, an d'Gesetz ze schreiwen. An deene leschten Agrargesetzer vun 2001 an 2008 war dat beim Statsrot nach duerchgaangen ouni Oppositions formelles. Haut muss een et eben an d'Gesetz schreiwen. Jo, wat mer dann dunn och mat den Amendementer gemaach hunn.

Dir gesitt also, d'Aarbechten an der Chamber sinn net schold um Retard, deen dëst wichtegt Gesetz kritt huet. Wann de Conseil zu Bréissel d'Reform vun der PAC eréischt am Dezember 2013 unhëlt, da kann een net dovun ausgoen, datt d'Agrargesetz ewell den 1. Januar 2014 a Kraaft trëtt. Derbäi kënnt, datt d'Duerchféierungsmodalitéiten, déi noutwendeg sinn, fir de PDR ze finaliséieren, eréischt am Summer 2014 publizéiert goufen. An da kënnt jo nach derbäi, datt Bréissel bal ee ganz Joer gebraucht huet, fir de Lëtzeburger PDR ze validéieren.

Dat war awer d'Kommission, Madamm Hansen! Ech mengen, do hätt ee vläicht bei den Här Juncker kënnen telefonéieren, e soll Damp maachen. Op alle Fall huet Bréissel,...

### (Hilarité)

...Bréissel huet dee PDR e ganz Joer zréckgehale.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Et kann een de PDR och virbereeden,...

► **M. Edy Mertens (DP).** - Madamm Presidentin, ech soen...

Pardon?

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - ...ier den Text ganz definitiv do ass.

### (Brouhaha)

► **M. Edy Mertens (DP).** - Madamm Presidentin, ech soen dëst net, fir de Retard ze excuséieren, mä éischer fir op déi laangwiereg Prozeduren zu Bréissel opmierksam ze maachen. Ech wëll och kengesweegs den Androck ginn, datt ech dës Detailler akzeptabel fannen. Ganz am Géigendeel!

Et geet jo hei ëmmerhin ëm d'Planungsscherheet vun eiser Landwirtschaft. Enger Landwirtschaft, déi, wéi ech ewell gesot hunn, an enger déif gräifender Kris ass. An do ass dat Lescht, wat se brauchen, Prozeduren, déi schleefen! Ech géif mer wënschen, datt Bréissel elo ewell ufänkt mat schaffen un der Agrarpolitik no 2020. D'Politik steet hei an der Verantwortung, fir datt mer net nach eng Kéier d'Baueren esou laang am Ongewësse waarde loossen.

Nach ee Wuert dann zu den Ausféierungsbestimmungen. D'Opposition huet jo bemängelt, datt d'Reglementer net séier genuch do waren. Madamm Presidentin, Ausféierungsreglementer bezéie sech op Gesetzter. A wann d'Gesetz nach net definitiv validéiert ass, ass et schwéier, d'Reglementer dovunner ze validéieren. Well och dës mussen vum Statsrot aviséiert ginn, oder sollen. A wann de Statsrot eppes um

Gesetz aussetzen huet, wéi dat jo dës Kéier de Fall war, ma dann änneren d'Reglementer deementspriedend och! Fir d'Éischt d'Gesetz, dann d'Ausféierungsreglementer, esou ass nun eemol de Fonctionnement vun eiser legislativer Aarbecht. Dat war bei de leschten Agrargesetzer absolut net anescht.

Dobäi wëll ech och preziséieren, datt awer dat wichtegt Reglement iwwert d'Detailler zu de Critères de sélection schonn zesumme mam Projet de loi disponibel war. Wat d'Reglement iwwert d'Agrarëmweltmoosnamen ugeet, esou gëtt do just dat confirméiert, wat och ewell ganz präzis am PDR festgehal gouf. Do kënnt keng Iwwerraschung. Madamm Hansen: Do kënnt keng Iwwerraschung!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Da sinn ech frou!

► **M. Edy Mertens (DP).** - Jo.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Just, et kann net ausbezuelt ginn, soulaang wéi et net do ass.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Här President, ... Oh! Madamm Presidentin.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Jo.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Planungsscherheet ass immens wichteg fir eis Baueren. Dofir sinn ech frou, datt, anescht wéi an deenen zwee bis dräi leschten Agrargesetzer, an deem Gesetz kee Schlusdatum steet. Dat ass fantastesch! Dat ass nei. Dat heescht, datt et net 2020 ausleeft. Dat heescht, datt mer net müssen 2021 erëm à la va-vite Iwwergangsgesetzter stëmmen, fir engem Vide juridique Rechnung ze droen. Dat heescht also, datt, wann op europäescher Ebene d'PAC an déi eng oder aner Richtung adaptéiert gëtt, mir 2021 keen neit Agrargesetz stëmmen, mä dat heite just an déi nei Richtung adaptéiere wäerten.

Här President... Madamm Presidentin, dat ass, mengen ech, eng Nouvelle, déi dobausse bei de Bauere misst gutt ukommen an och e beselche Freed bei deene ville Suerge maachen. Engem Problem gi mer domat aus de Féiss, näamlech deem, all siwe Joer datselwecht ze maachen, fir e Retard bei der Transposition ze verhënneren.

Här President... Madamm Presidentin, ma elo ass et awer... Madamm Presidentin...

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Et ass net schlëmm.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Ech muss ëmmer dohi kucken, da gesinn ech dat net. Madamm Presidentin, et gëtt och dacks bemängelt, datt elo alles a Stee gemeesselt wier, wat an deem Gesetz steet. Neen, et gouf nach ni en Agrargesetz, wat esou flexibel war! D'Mesuren, déi festgehal goufen, sinn adaptabel. Wann eng Mesure net dee gewënschten Erfolg huet, deen erwaart gëtt, da besteet d'Méiglechkeet, d'Suen, déi heifir virgesi waren, op eng aner Mesure ze iwwerdreien. Dës Flexibilitéit besteet.

Dofir gëtt och während där ganzer Period evaluéiert, wéi d'Impakter vun de Mesurë par rapport zu den Ziler sinn, an net nëmme während der obligatorescher „mid-term review“. Dat heiten Agrargesetz ënnerläit engem evolutive Prozess. Et stëmmt also net, datt mir elo d'Chance verpasst hunn, bis 2020 nach déi eng oder aner Mesure ze adaptéieren.

À propos adaptéieren: Bei deemem Projet de loi kann een der CSV awer wierklech net reprochéieren, an der zoustänneger Kommission net matgeschafft ze hunn. Wierklech net.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Edy Mertens (DP).** - Ganz am Géigendeel! Leider hu se awer heiansdo iwwert d'Zilerausgeschoss an heiansdo...

### (Hilarité)

...hu se awer och oppen Dieren agerant.

Madamm Presidentin, d'Madamm Hansen hat virdru bedauert, datt hir respektiv der d'Landwirtschaftskummer hir Amendementer net all berücksichtegt goufen. Dozou wëll ech dat hei soen: a) datt déi gutt Amendementer vun der CSV och vun der Kommission ugeholl goufen; b) datt anerer ewell virdru vun der Regierung agereecht goufen; c) datt verschidden Ännerungen einfach net machbar waren, well et eis de Bréisseler Kader net erlaabt.

A bei aneren Amendementer ware mir einfach anerer Meenung. Dat dierf jo awer och nach méiglech sinn éieren. Zum Beispill: E Projet muss all Autorisationshunnen, fir éligibel ze si fir Investitiounsbähëllef. Wäer dat näamlech net esou, da wären, wann de Projet ausgewielt géif, déi Suen esou laang blockéiert, bis all déi Autorisationshunnen do wären. Dës Sue wären dann net disponibel fir ee Betrib, dee seng Autorisationshunnen ewell hätt an deen d'Suen da gutt gebraucht hätt.

A wat geschitt, wann een d'Autorisation iwwerhaupt net kritt? Ma da wiere fir dëse Projet d'Sue während Jore blockéiert gewiescht, déi finalement guer net ausbezuelt kéinte ginn. An en anere Betrib hätt déi Suen dann awer vläicht gäre geholl.

En anert Beispill: D'CSV wollt, datt all Projet als ee Ganz ugesi gëtt. Bei den Aussidlerhaff ass dat jo elo esou. Mä bei anere Projekten ass dat einfach net méiglech, soss wieren automatesch, duerch d'Critères de sélection bedengt, déi Projekte bevirdeelegt, déi méi Infrastrukture wëlle subventionéiert kréien. An dann hätt de Betrib, dee just een neie Silo zum Beispill brauchen, keng Chance! En plus fuerdert d'Kommission hei kloer, datt d'Kritären „fair an transparent“ musse sinn. Et brauch een also en „level playing field“ - dat kléngt esou modern - bei den Investitiounsbähëllefen.

Madamm Presidentin, ech wëll och nach eng Kéier kloer soen, datt de Projet de loi op ville Punkten nogebessert gouf an esou och deels dem Avis vun der Landwirtschaftskummer Rechnung gedroe gouf. Hei d'Ännerungen am Detail:

Éischtens, bei de Selektionskritären ass de Minimum vu Punkten, deen een erreeche muss, esou definéiert ginn, datt garantéiert ass, datt kee Betrib vu viretan ewechfält.

Zweetens, de Minimum vun enger Investitioun, fir kënnen éligibel ze sinn, gouf bei de Maschinnen op 5.000 Euro a bei de Gebaier op 15.000 Euro erofgesat.

Drëttens, nei Aussidlerhaff gi bei den Investitiounshëllefen als e Ganz ugesinn.

Véiertens, de Plaffong bei den Transformationsbetriber gëtt op 15 Milliounen erhéicht.

Fënneftens, et gouf preziséiert, datt Jongbaueren, déi iwwert dem Plaffong vun 1,5 Milliounen Standard-Output leien, awer eng Majoration vum Taux kréie fir d'Investissementer.

Sechstens, statt enger Majoration vun 10% oder 15%, kritt elo all Jongbauer eng Majoration vu 15%, egal wéi héich de Montant vum Invest ass, natierlech och bis zum Maximum-Plaffong.

Siwents, Jongbaueren, déi sech nom Auslafe vum ale Gesetz installéiert hunn, awer virum Akraafttriede vun deemem Gesetz, ginn net benodelegt.

Aachtens, och d'Wunnhaiser kréien elo den Droit d'enregistrement ugerechent.

Néngtens, den Délai vun der Investéierung vu fënnf Joer gëtt verlängert, wann et eng Ursaach gëtt, fir déi de Bauer net kann.

Zéngtens, de Maximum vum Standard-Output, fir an de Genoss vun der Erstinstallatiounsprimm ze kommen, ass op 1,5 Milliounen Euro eropgesat ginn.

Eeleftens, ee Justificatif vun der Bank bei Investitiounen brauch een elo eréischt ab engem Invest vun iwwer 150.000 Euro.

An da gouf nach, no Consultatiounen mat der Landwirtschaftskummer, d'Lëscht vun de Maschinnen, déi éligibel si fir eng Subventioun, erweidert ëm den Hafracteur, de Wéngers-tracteur, de Präzisionstracteur an d'Grénglandsaatmaschinen. D'Lëscht, wéi se elo festgehal gouf, garantéiert, datt fir all Betrib op d'mannst eng Maschinn derbäi ass, déi hie ka fir seng Aarbecht gebrauchen. Och hei wëll ech nach eng Kéier betounen, datt Lëtzebuerg eent vun deenen eenzege Länner ass, dat iwwerhaupt nach Maschinne subventionéiert.

Madamm Presidentin, mat all deesen Adaptatiounen sinn ech der Meenung, datt dëst Agrargesetz eise Baueren déi cibléiert Hëllef gëtt, déi se brauchen, fir nach eng Zukunft ze hunn. Bei der Landwirtschaft dréit sech awer net nëmme alles ëm d'Suen. Wann dat esou wier, dann hätte mer näamlech hei zu Lëtzebuerg net méi vill Baueren!

Déi Leit, déi haut nach Bauer sinn, maachen dat aus Iwwerzeegung, aus Passioun. An dat kann ech bestätegen. Et ass awer net einfach fir si. Den Image vun der Landwirtschaft, och där hei zu Lëtzebuerg, leit. Mir brauchen zwar hei elo kee landwirtschaftlechen Nation Branding, mä et ass awer am Interessi vun eise Baueren, den Image vun der Landwirtschaft opzopoléieren.

Ech fannen, d'Leit mussen wëssen, datt mir zu Lëtzebuerg exemplaresch gefouert Betriber hunn. D'Leit mengen näamlech, och hei zu Lëtzebuerg géif Massentierhaltung bedriwwen ginn an esou virum. Dat kënnt dacks aus enger Onwëssenheet. Se sollen emol dorëmmer kucke goen a Betriber besiche goen! Hei zu Lëtze-





buerg huet e Betrib am Duerchschnëtt 152 Ranner. Do kann een, ëm Här Gotts wellen, awer net vun enger Massentierhaltung schwätzen! Wierklech net!

An dann, d'Leit dobaussen, dat hunn ech dacks gesinn, d'Leit soen: Mir hätte gäre Lëtzebuerger Produiten. Majo! Wann een dann an hirem Duerf wëllt iergendwéi Pouleten züchten an et wëllt een eppes opmaachen, da gi se op d'Barrikaden an et ginn Ënnerschrëfte gesammelt. Do mussen mer vill dru schaffen, datt dat sech ännert.

► **Une voix.** - Richtig!

► **M. Edy Mertens (DP).** - A wann do Leit wunne kommen an d'Duerf, déi dat net kënnen richen, da solle se sech een aneren Terrain eraussichen! Well ech fannen, mir sinn ëmmer nach um Land, an um Land, do gehéiert de Bauer dozou! An och, wann emol eng Kéier eng Këttel doläit, déi elo ersat gi sinn duerch Reitpäerd, mä wann dann eng Kéier do eng Kou geflappt huet, dann huet se do geflappt, dann ass dat nach laang keen Drama!

► **Une voix.** - Voilà!

► **M. Edy Mertens (DP).** - Dat ass awer esou!

(*Brouhaha et hilarité*)

► **Une voix.** - Och dat muss gesot ginn!

(*Brouhaha*)

► **M. Edy Mertens (DP).** - Iwwer 90% - fir dat emol ze soen -, iwwer 90% vun eise Poulete ginn importéiert! Meeschtens aus Betriber, wou iwwer 100.000 Hénger an engem Stall sinn. Ech hunn an Amerika... Dat geet an d'Honnertausenden! Fir do jiddwer Hunn an Hong gutt Nuecht ze soen, kritt ee keng Plaz. Do weisst een net, wou een hi sollt goen. Wann dann zu Lëtzebuerg ee Betrib e Stall mat 6.000 Hénger opmécht, gëtt dat ewell als Massentierhaltung dohinnergesat. Dat ass lächerlech!

Dofir sinn ech fro, datt de Landwirtschaftsminister ugekënnegt huet, och hei eppes fir de Secteur ze maachen. An Zukunft wäert net nëmme méi an d'Promotioun vun eise gudden landwirtschaftleche Produiten investéiert ginn, mä och de Beruff vum Bauer soll de Leit erëm méi no bruecht ginn. Ech fannen, datt dat wichteg ass fir eis Baueren, déi all Dag haart schaffen, fir eis genuch Liewensmëttel ze produzéieren vun héijer Qualitéit.

Wat elo d'Promotioun vu landwirtschaftleche Produiten ugeet, sou geet duerch dëst Gesetz den Taux vun der Hëllef vu 70% op 80% erop. Derniewent ginn och ganz geziilt Nische-secteurs ënnerstëtzt. Wa mir wellen, datt an eise Kantinnen, Spideeler, Altersheimer Lëtzebuerger Produiten op den Dësch kommen, da mussen mer och kucken, datt mer eis méi breed opstellen. Geméis, Uebst, Poulet an aner Nischeprodukten ginn zu Lëtzebuerg zwar produzéiert, mä et geet selten duer, fir eng gréisser Chaîne ze beliwveren, déi eng gewësse Quantitéit fuerdert. D'Demande ass do, och fir Nischeprodukten hierzestellen.

Wat d'Promotioun vum Wäibau ugeet, hat d'Madamm Modert jo während dem État de la nation bemängelt, datt d'Fong fir de Fonds de solidarité viticole zréckgefuert goufen. D'Madamm Modert kënnt vun der Musel, si kennt d'Leit do. Si wäert mat hinne geschwat hunn an déi missten hir jo och gesot hunn, datt och si net zefridde woren, wéi déi Suen do zulescht gehandhabt goufen oder ausgi goufen, an datt och si wellen, datt d'Promotioun vun eise gudden Lëtzebuerger Wäiner op de Leescht geholl gëtt, fir méi effikass ze ginn. An déi si wierklech gutt!

Madamm Presidentin, den Image vun de Bauere leit am meeschten, wann eppes schifft. Dat wor, wéi den Här Gusty Graas gesot huet, am September 2014 an der Belsch de Fall, wéi engem Bauer do eng Sprëtzmëschung mat Metazachlor ausgelaf wor an dat en Afloss hat bis op de Stauséi erof.

De Sujet Pestiziden an der Landwirtschaft ass méi wéi jee aktuell. Et muss een awer och wëssen, datt eis Baueren net méi sprëtzen, wéi se müssen. D'Planzeschutzmëttel sinn extrem deier. An ech als Dokter weess et jo och mat den Antibioticken: Ech mengen, wat s de der méi braucht, wat se manner wierken! Also esou domm sinn eis Baueren och net, a si ginn och extra gutt forméiert dofir.

Et kann een och net eis Landwirtschaft mat där vun Argentinien vergläichen! Dat wor deslescht an engem Reportage op RTL gewise ginn, wéi se do sprëtzen drop an derwider, ouni sech vill Gedanken ze maachen. Esou ass et nu wierklech net! Hei zu Lëtzebuerg jiddefalls hunn ech dat nach net gesinn, ech wunnen do, an dat ewell 60, 62 Joer.

Firwat ass dat net esou zu Lëtzebuerg? Ma weinst de Kontrollen a weinst der Berodung, weinst der Schoulung, dem gesonde Mësch-verstand vun eise Baueren! Eis Baueren, si liewe vun a mat der Natur. Si hunn also absolutt keen Intérêt drun, d'Natur ze zerstéieren! En plus wëllt de Bauer jo net d'Gesondheet vu sech, vu sengem Véi, vun der ganzer Famill op d'Spill setzen.

Vill Baueren, déi ech jiddefalls kennen, déi hunn eng exzellente Ausbildung, eng wonnerbar Formatioun, et sinn der net weenig do, déi hunn en Universitätsdiplom an der Agrarwirtschaft. Ma fir wéi domm hale mer déi?! Déi ginn dach net hin a werfen do tonneweis Mëttel erof, wou se herno Schwierigkeeten mam Grondwaasser a wat net nach kréien!

D'Reform vum Sprëtzipass, dat neit Pestizidge-setz, wat mer hei an der Chamber den 11. Dezember 2014 gestëmmt hunn, de Pestizide-naktionsplang an eng ëmmer besser Berodung vum Bauer sinn déi ideal Viraussetzung, fir datt an Zukunft esou mann wéi méiglech gesprëtzt muss ginn, Stéchwuert Fruuchtfolleg. A wa gesprëtzt muss ginn, ass dat eng Garantie, datt d'Planzeschutzmëttel keng negativ Folge fir d'Natur an de Mënsch hunn. Dorëms geet et!

Niewent der Berodung, déi am neien Agrargesetz erëm eng ganz wichteg Roll spillt an eng ganz wichteg Plaz huet, ginn och d'Recherche an d'Innovatioun an engem héije Mooss subventionéiert. De Bauer freet sech elo: „Wat hunn ech dann dovunner, wann iergendee Chercheur Sue kritt, fir a sengem Labo ze fuerschen?“ Wann dat esou gesi gëtt, ass et nämlech net richtig. Et ass eng Recherche appliqué! Wat heescht dat? Ma dat heescht: De Bauer muss fir d'Éischt e konkrete Problem hunn, wou d'Recherche eng konkret Léisung derfir soll fannen. An dës konkret Léisung soll dann net nëmme deem concernéierte Bauer zeguttkommen, mä der ganzer Landwirtschaft.

E Beispill ginn ech: Wann an e puer Joer e Sprëtzmëttel géif verbuede ginn, ma da müssen déi Baueren, déi dat benotzt hunn, eng Ersatzléisung fannen. An do géif dann d'Recherche asprangen. Mat der Recherche mengen ech elo net nëmme d'Chercheuren an hirem Laboratoire, mä och d'Beroder vu CONVIS oder der Landwirtschaftskummer an der Akerbauschoul, déi hei eng ganz wichteg Roll spillt.

D'Planzeschutzproblematik huet och en Afloss op eis Gewässer. Mä och hei gëllt: Iwwerall gëtt et wäiss Schof a schwaarz Schof. Mä weinst e puer Eefalten där awer net e ganze Berufsstand verdäiwelt ginn. Déi meescht Baueren, déi ech kennen -ech muss dat ëmmer erëm betounen, well ech si jo en hallwe Bauer -, passe ganz genau op, datt se d'Dränkwaasser net verschmotzen. Wéi ech virdru gesot hunn: Si liewe mat a vun der Natur an hu guer keen Intérêt drun, hiert Gewässer ze verschmotzen!

Madamm Presidentin, et gëtt och eng Rei Baueren, déi haut ewell guer keng Planzeschutzmëttel benotzen. Mä d'Biolandwirtschaft ass zu Lëtzebuerg nach ëmmer marginal. Nëmme 3,4%, wéi mer virdrun héieren hunn, vun eise Bauere sinn an där Biolandwirtschaft tätég. Et freet ee sech dann, firwat et der net méi sinn. D'Demande ass jo awer do. Ma ech kéint mer virstellen, ech kéint lech et soen: well een an der Biolandwirtschaft wesentlech méi Op-lagen huet, wesentlech méi Aarbecht, an ernert dem Stréch just minimal méi kritt fir seng Produiten. Eis Bauere si jo och net, wéi ech virdru gesot hunn, op de Kapp gefall! Et muss sech fir si och lounen a rentéieren, fir de Betrib op Bio ëmzestellen!

D'Politik mécht säit Joren, a besonnesch och mat dësem Agrargesetz, alles, fir datt méi Betriber op Bio ëmklammen. Mä de Reiz där net just vun der Politik aus kommen, mä och vum Marché selwer. Wann de Marché net genuch gëtt fir Bioprodukten, ma da maachen eis Bauere kee Bio!

Den Deel vun der Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg ze vergréisseren ass en Objectif vun dësem Agrargesetz. D'Ënnerstëtzung sinn do, mä et kann een eis Baueren awer net zwängen, op Bio ëmzeklappen. De Wille vum Bauer muss do sinn an och d'Präisser, déi d'Grosiste fir d'Bioprodukte bezuelen, mussen stëmmen.

Madamm Presidentin, zum Schluss probéieren ech, nach e Bléck an d'Zukunft vun eiser Landwirtschaft ze werfen. Mir sinn eis all eens, datt si enorm wichteg ass fir eist Land. Mir sinn eis och all eens, datt dee Secteur momentan erëm eng Kéier an enger ganz, ganz schwieriger Phas ass an datt d'Baueren op d'Hëllef, déi dëst Gesetz definéiert, ugewise sinn. Et geet jo ëm bal 400 Milliounen iwwer siwe Joer. Dat si vill Suen, déi hei verdeelt ginn. An dofir versteet een och, wéi et och virdru gesot gouf vum Här Gusty Graas, datt een och muss genau kontrolléieren, datt kee Schmu mat deene Sue gedriwwen gëtt, datt just déi Leit se kréien, déi och d'Konditiounen erfëllen.

Ma leider heescht dat och fir de Bauer, datt en ëmmer méi Zäit hannert dem Computer setzt, anstatt am Stall Zäit ze hu fir säi Véi oder op d'Felder ze goen. An deem Kontext begrëssen ech et, datt de Landwirtschaftsministère un engem neien Internetsite schafft, deen als Zil huet, dem Bauer besser duerch de Prozedurdschungel ze hëllef.

An der EU ass et jo och esou, datt Der dann all Joer e groussen Débat hutt am Europaparlament iwwert d'Feelerquot an der Landwirtschaft, an der Agrarwirtschaft. Da läit déi Feelerquot do knapps ëm 3%, wat u sech vill besser ass wéi an aneren Domänen an der Politik do. Mä da geet et lass, da gëtt gesicht: A wat ass dann do bei deene Bauere lass? An da ginn Etüden a Gott weess wat gemaach, déi verschlängen en Heedegeld, e risegen, risege bürokrateschen Opwand! An do muss ee sech wierklech Gedanken maachen, ob een esou an deem Sënn soll virufieren.

An den Här Fischler schreift dat dann och a sengem Artikel, wou e seet, ob een dann net soll déi Betriber, déi gewisen hunn, datt se gutt schaffen, dat Land, wat seng Agrarpolitik richtig ëmsetzt, déi brav woren, déi anstänneg an uerdentlech dat Ganzt gëereien, soll een net do den Espace vun der Kontrolle méi grouss maachen a se net ploen domat? Oder gëtt et keng aner Méiglechkeet, fir kleng Betriber ze entlaaschte vun deem ganze Wahnsinn?

Well, wéi gesot, wann s de Visite maache gouns zu Zäiten, wou de Bauer am Stall war, dann hues de misse jären, tuten, da kounn en; mä elo sëtzt ëmmer een entweder um Späicher oder an der Stuff op engem Computer an deen tippt do ronderëm, an dat erënnt mech e bessen un d'Santé an de Spideeler! Do gitt Der dohinner: „Infirmière, Infirmière!“ - „Ma si ass net hei, si sëtzt do ze schreiwen.“ Si schreiwen a schreiwen a schreiwen! Rufft Der an enger Crèche un: „Ech schwätze gär mat deem.“ - „Ma si hunn eng Reunioun.“ Rufft Der an enger Schoul un: „Wou ass deem?“ - „E sëtzt an enger Reunioun.“ - „E schreift an ass um Computer.“ A fir de Baueren dat do unzedeinn, dat kann et net sinn! Do muss een eppes anescht fannen!

Déi meescht Bürokratie imposéiert Bréssel. Mä et gëtt awer kee Land - kee Land! -, wou een esou laang brauch, fir eng Geneemegung ze kréien, fir e Stall ze bauen! Dat ass elo kee Brésseler Problem, mä dat ass e Lëtzebuerger Problem. Dat wor ganz interessant, dat stoung nämlech am Interview mat deem Här Fischler. Hei ennen, do schreift en dat: „Aufwand“, also hei seet en: „Man darf auch nicht vergessen, dass nicht der gesamte bürokratische Aufwand aus Brüssel kommt. Auch die Mitgliedsländer tragen ihren Teil dazu bei. Brüssel hat z. B. nichts mit dem komplizierten Genehmigungsverfahren für einen Stallbau in Luxemburg zu tun.“

Här Minister, do hoffe mer, datt an Zukunft dann eppes geschitt. Wann dat neit Naturschutzgesetz do ass, ginn d'Prozeduren vläicht méi séier. Mä do kéinte mer wierklech hinnen hëllef!

D'Präisschwankungen um Marché, dat ass eng Realitéit. Si si schwéier ze beaflossen a schwéier virauszugesinn. Dat hate mer virdrun et gesot. Da weess natierlech och Bréssel. Elo muss no Léisunge gesicht ginn, fir déi europäesch Landwirtschaft fit ze maachen, fir datt si laangfristeg géint d'Präisschwankungen um Marché gewappnet ass. Well wann ee vu Schwankungen schwätzt, dann ass et wéi op der Bourse: lergendwa ginn d'Präisser och erëm eng Kéier an d'Luucht. An ech hoffen et fir eis Baueren!

Elo gëllt et, déi Dispositiounen, déi vun der Brésseler Kommissioun proposéiert gi sinn, fir sech géint d'Kris ze wieren, beschtméiglech zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Dofir sinn ech fro, datt gläich d'Assises agricoles stattfanne wäerten. Dësen Dësch wäert déi richtig Plaz sinn, fir mam Beruff, also mat de landwirtschaftlechen Organisatiounen, de Veraarbechtungsbetriber ze kucken, wéi ee sech besser opstellt, fir duerch dës Kris ze kommen.

Madamm Presidentin, eis Landwirtschaft ass méi wéi déi 0,3% vum PIB um Pabeier! Si ass méi wéi déi 2.000 Betriber, déi mer nach zu Lëtzebuerg hunn. Si ass net nëmme e Stéck Lëtzebuerg, mä si garantéiert eis, datt mer och nach an Zukunft qualitativ héichwäerteg Produkter bei eis um Teller fanne wäerten.

An ech wëll zum Schluss trotzdeem e groussen Merci soen un d'Kommissioun vun der Agrikultur, wou mer all, jo, ech mengen bis op eng Kéier, all Kéiers do waren. Ech wëll jiddwerengem Merci soen, der Oppositionsbänk Merci soen, de Kolleeginnen a Kolleegen, an och deene vun deenen anere Parteien. Mir hunn eis agesat, fir datt heirauss eppes gëtt fir eis Baueren! Wann dobauss behaupt gëtt, d'Regierung géif näischt fir d'Bauere maachen - et kann een iwwert d'Form, wéi een et mécht, schwätzen, do ass jo ze diskutéieren, do huet jiddweree säin Avis -, dann ass dat schlicht falsch! Well

mir hunn eis all zimlech déiselwecht Gedanke gemaach: „Do muss een eppes maachen.“

Also wierklech, egal ob vun der Opposition, mir hate wierklech eng gutt Zesummenaarbecht! Den Här Minister wor och ëmmer do, seng Beamte wore präsent an dat wor wierklech lehrreich!

Ech wëll och soen: Wa mir als Koalitioun jo ewell un allem schold sinn, un allem, ob et dobauss reent, schneit oder Gott weess wat, wann een dat liest! Also mir sinn dës Kéier awer fro, fro derbäi ze sinn, fir dat Agrargesetz hei ze validéieren, well et eng grouss Hëllef ass, fir eise Baueren ze hëllef, fir de Jongbaueren ze hëllef, fir d'Agrarwirtschaft duer ze setzen, wou se higehéiert. Mä wou mer da wierklech e groussen, groussen Géigner hunn, oder mat deem mer mussen auskommen, wou mer mussen och kucken, datt et klappt, dat ass eben d'Weltwirtschaft! Dat spillt do eng grouss Roll, wéi et op dem Maart weltwäit zougeet.

Also nach eng Kéier un alleguerten e groussen Merci. Et wor en interessant Thema. A mir wäerte jiddefalls alles maachen, fir dat heite Gesetz gutt unzewenden. A wéi gesot, et ass dat éischt Gesetz, wat op ass, wat ganz interessant ass, wann an nächster Zäit déi eng oder aner Ännerung oder iergendwéi eppes muss kommen.

Dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschten a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Villmools Merci, Här Mertens. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Frank Arndt. Här Arndt, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Gusty Graas Merci soen als Rapporteur, deen eis an der Kommissioun ëmmer gutt gefouert huet, mat enger gudder Mathëllef, dat ass den Timon Oesch, ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, déi hunn dat formidabel gemaach.

Ech wëll och elo net méi alles hei opzielen, wat vun Hëllef schonn ernimmt ginn ass. Ech mengen, dat ass elo zur Genüge gemaach ginn. Ech wëll virun allem awer nach eng Kéier och Merci soen alleguerten de Leit aus dem Ministère souwéi och all de Kolleegen, déi mat dru geschafft hunn, un deem heite Gesetzes-text.

An et ass mer selbstverständlech och eng Freed, hei ze schwätzen als een, deen aus dem ländlechen Raum kënnt an och do wunnt an dee gesäit, mat wéi enger Suergfalt, mat wéi enger Villfalt, awer virun allem och mat wéi engem Fläiss d'Bauerebetriber haut nach fonctionnéieren, wou jiddwereen heibannen, an dovu sinn ech iwwerzeegt, dat Beschit fir de Secteur wëllt.

D'Agrargesetz gëtt d'Richtung u fir d'Entwécklung vun der Landwirtschaft an deene kommende Joren. Dëst Gesetz gëtt mat Ongedold erwaart, well et den Zäitraum vun 2014 bis 2020 ofdeckt an domat eigentlech vill éischter hätt misse a Kraaft trieden. Zu dëser Verspéidung ass awer alles schonn hei gesot gi vum Rapporteur souwéi et och an de Kommissiounssätzungen Erklärungen gi sinn. D'Ursachen dovu sinn entre-temps och fir jiddweree kloer an et muss een awer dozou soen, fairnesshalber dozou soen, dass och déi viereg Agrargesetzer alleguerten aus äänleche Grënn ëmmer mat enger däitlecher Verspéidung a Retard ëmgesat goufen a gestëmmt goufen.

Mä trotz deem groussen Zäitdruck muss een ënnersträichen, dass mir als sozialistesch Fraktioun an der Kommissioun all Geleeënheet hatten, fir den Text am Detail ze analyséieren. Mir hunn deen ausféierlechen Avis vun der Landwirtschaftskummer gekuckt an d'Verrieder vun der Landwirtschaft empfangen, soudass si eis konnten hiert Uleies matdeelen. Mir hunn hinnen nogelauschart an eng Rei vu Verbesserungen um initialen Text gemaach, déi deene Bedenke Rechnung droen, soudass d'Gesetz, wat mer haut stëmmen, an den Ae vun der LSAP ausgeglaach ass an de Baueren, Gäertner a Wënzler deen néidege Réckhalt fir déi nächst Jore gëtt.

Ier ech méi am Detail op e puer Aspekter vum Agrargesetz aginn, wëll ech e puer méi generell Iwwerleegungen zur Entwécklung vun der Landwirtschaft zu Lëtzebuerg maachen. Meng Kolleegin Tess Burton wäert herno méi speziell op de Wäibau agoen, mä viles vun deem, wat ech elo hei uschwätze wäert, gëllt souwuel fir d'Baueren, d'Gärtner wéi och fir d'Wënzler.

D'Zukunft vun der Landwirtschaft ass en Thema, deen an der Lescht méi oft an der Effentlechkeet diskutéiert gëtt, an d'Sozialiste sinn der Meinung, dass d'Baueren oft net allze gutt ewechkommen. Ech géif dofir gär kuerz drun erënneren, wéi komplex a villsäiteg d'Erwaardungen un d'Landwirtschaft engersäits an





d'Contrainten, mat deene si musse schaffen, anersäits sinn.

Als Éischt zu den Erwaardungen: Eise wichtegsten Usproch un d'Bauern, Gäertner a Wénzer ass, dass si qualitativ héichwäerteg Liewensmëttel produzéieren, déi gutt schmaachen, schéin ausgesinn, frësch a gesond sinn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Dir sidd jo sécher och der Meenung, dass d'Bauern a Wénzer selbstverständlech all Regele vun der Liewensmëttelsécherheet musse respektéieren. Dierneft kommen dann nach aner Typpe vu Qualitéitskritären awer derbäi a sinn ëmmer nach als méi wichteg ze betruechten, mä déi fënnt een net ëmmer am Endprodukt zréck. Mä am Produktionsprozess spille se eng Roll.

Dozou zielen eng aartgerecht Haltung vun den Déieren oder d'Ubaumethoden, déi d'Ëmwelt schounen. Ganz niewebäi erfëllt d'Landwirtschaft eng wichteg Aufgab mam Erhale vu Kulturlandschaften an dréit domat aktiv zum Naturschutz bäi. Erwaart gëtt och, dass d'Landwirtschaft weiderhin Aarbechtsplaze schafft, och wann et der manner si wéi fréier. A schlussendlech gesi mer et als selbstverständlech un, dass d'Landwirtschaft e positive Bäitrag zur ländlecher Entwécklung leescht an e weidert Standbeen am Beräich vum Tourismus entwéckelt.

Als LSAP si mir och weider der Meenung, dass am ländleche Raum nei Aufgabefelder, ënner anerem d'Kreatioun vu Mikroentreprisen an den Ausbau vum sougenannten „soften Tourismus“ weider gefërdert solle ginn.

Derniewent gëtt vill Wäert op déi nohalteg Duerferneierung an d'Duerfentwécklung geleeht. Wann an enger Gemeng am ländleche Raum esou en Duerfentwécklungspang erallt gëtt, da kann de Stat bis zu 40% dozou bäidroen. Also kann ee just nëmmen d'Gemengen invitéieren, op deser Schinn matzagoen.

Wat soll dann domadder erreecht ginn? Ma et soll erreecht ginn, dass am ländleche Raum déi flott Landschaften, déi mir vun eise Virfahre geierft hunn, erhale bleiwen. Dat wäert schwéierfalen, well och do de Bauboom een ukuck an déi néideg Infrastrukturen, déi gebraucht ginn, kommen an eis viru Problemer wäerte stellen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, gläichzäiteg geet awer d'Versteedemach, d'Veständnis an der Effentlechekeet dofir erof, dass d'Bauerebetreiber wéi all aner Produktionsbetreiber och Terrain brauchen, Ressourcë verbrauchen an Emissiounen verursaachen, déi en negativen Impact am Sënn vum Ëmweltschutz hunn. Dat gëllt awer fir all mënschlech Aktivitéit a soll dofir net vu vireran d'Bauern an e schlecht Liicht réckelen! Et ass gutt a richtig, dass de Schutz vun natierleche Ressourcen ëmmer méi en héije Stellewäert kritt, an d'Bauerebetreiber musse sech genauso wéi aner Betreiber an och Privatleit un déi nei Virschreften an dese Beräicher upassen. Alldéngs muss dat mat Aemooss geschéien, fir dass d'Bauern och an Zukunft nach eng Liewensgrondlag behalen.

Et läit op der Hand: D'Bauere liwweren eis hir Produkter net fir näischt a si musse fir d'Servicer, déi si der Allgemengheet leeschten, bezuelen. D'Fro ass deemno: Wie bezilt dat? A wat si mir bereet, dofir ze bezuelen? Dovun hânt schlussendlech of, wat d'Bauern eis kennen zréckginn.

D'Agrargesetz erënnert eis drun, dass d'Bauern zu engem gudden Deel ofhängeg si vun effentleche Subventiounen. An dat erkläert, wéisou d'Politik esou e staarken Afloss op d'Ausrüstung vun der Landwirtschaft huet a wéisou mir haut iwwerhaupt esou e laangen Débat zu deem Sujet hei musse féieren.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir leeën am Agrargesetz fest, woufir d'Effentlechekeet d'Bauere bezilt a bestëmmen esou hir Zukunft mat. An der Diskussioun bréngt sech d'Zivillgesellschaft ëmmer méi staark an. Dobäi solle mir awer net vergiessen, dass e landwirtschaftleche Betrib kee Selbstzweck ass an dass hien ëmmer nach dovun leeft, dass seng Produkter kënnen verkaaft ginn. Doriwirer entscheede weder d'Politik nach Ëmweltorganisatiounen, mä de Konsument.

Zu engem gewëssen Deel iwwerschneide sech deenen hir Virstellungen. Sou gëtt et eng reell Demande no Bioprodukter, déi net eleng duerch eng lokal Produktioun befriedegt ka ginn. Do gëtt et also nach e Potenzial fir d'Lëtzebuurger Landwirtschaft an dat gëtt och mat deem neien Agrargesetz prioritär gefërdert.

Doriwirer eraus dierf een awer net vergiessen, dass d'Konsumenten net nëmme Bio kafen an hir Prioritéit net ëmmer beim Déiereschutz oder beim Ëmweltschutz läit, wa se akafe ginn. E ganz groussen Deel vun de Konsumenten treffen hire Choix opgrond vum Präis. Si kafen

dat, wat hinne spontan gefält a wourop si Loscht hunn, ouni sech vill Gedanken ze maachen. Wann et ëm d'esse geet, hu si oft wéineg Zäit, soudass si Fäerdegprodukter kafen, woubäi si net bei all eenzel Zutat wëllen oder kënnen nofroen, wou se hierkënnt a wéi se produzéiert gouf. Datselwecht gëllt natierlech fir all déi Leit, déi am Restaurant iessen oder sech hire Menü heemliwwere loosse.

Et stëmmt natierlech, dass ëmmer méi Leit sech Gedanken doriwirer maachen, wat se iessen, a méi selektiv akafen. Dat sinn awer net onbedéngt déi Kritären, déi d'Politik oder d'Ëmweltorganisatiounen am Hannerkapp hunn, wa se vun enger neier Orientéierung vun der Landwirtschaft schwätzen.

Bei de Konsumente gëtt et ganz ënnerschiddlech Zilgruppen. Gewënscht sinn do net ëmmer Bioprodukter oder Liewensmëttel fir Veganer, mä Produkter, déi glutenfräi sinn, kalorienarm, ouni Zocker, mat wéineg Salz, no de Kritären vu bestëmmten Diäten oder no reliéis geprägten Traditionen zoubereet sinn.

D'Hiersteller vu Fäerdegprodukter wëllen des Demande befriedegen an dobäi eng méiglechst breet Marge fir sech selwer behalen. A wann d'Liewensmëttel méi staark transforméiert sinn an d'Chaîne alimentaire méi laang ass, wat net ausbleift, wat engersäits de Produktionsprozess manner transparent gëtt an anersäits de Benefiss op méi Leit muss verdeelt ginn, an da bleift fir de Bauer natierlech ganz wéineg rescht.

Da wiere mir bei der zentraler Fro vum Präis, fir de Baueren ee reelle Präis fir Produkter kënnen ze liwweren oder fir ee Produkt kënnen ze kréien, mä de Präis bestëmmen net d'Politik an net d'Zivillgesellschaft, mä de Marché. An d'Maartpräisser ginn net zu Lëtzebuerg gemaach, mä, wéi virdru schonn hei ugeklongen, um internationale Plang.

Fir dee Spagat, deen d'Bauern all Dag musse maachen, fir et jiddwerengem recht ze maachen a selwer net dobäi ze erhéngen, ma dofir verdéngt se Respekt! Wann d'Politik, d'Ëmweltschützer an aner engagéiert Leit eng gewësse Virstellung vun der Landwirtschaft wëllen an d'Realitéit ëmsetzen, da musse se un alleréischter Stell déi grouss Masse vun de Konsumenten iwwerzeegen, no dese Prioritéiten anzekafen an net ëmmer nëmmen dat Bëllegst ze kafen. Wann dat geléngt, ass alle Säite gehollef.

Niewent all de Fuerderunge vu Konsumenten a Politik, gëtt et ee wichtige Kritär, deen oft vergiess gëtt, an dat ass de sozialen Aspekt. Mir maachen zwar Promotioun fir Fair-Trade-Produkter, fir de Baueren an Drëttstate besser Aarbechtsbedéngungen ze erméiglechen, bezuelen awer eisen eegene Bauere kee faire Präis. Fir mech e ganz positivt Beispill ass an deem Kontext ze gesinn „fair Mëllech“, wou de Konsument d'Méiglechekeet kritt, bewosst ee Bäitrag dozou kënnen ze leeschten, dass d'Bauere korrekt rémunéiert ginn.

D'Lëtzebuurger Landwirtschaft ass mat enger weiderer Onsécherheet konfrontéiert. Si leeft vum internationalen Handel, si profitéiert och zu engem gudden Deel dervun natierlech, leit awer gläichzäiteg ënner engem enorme Konkurrenzdruck.

Et gëtt zum engem d'Tendenz, den internationalen Handel ze féerden, net zulescht iwwer nei Handelsaccorden, wat fir d'Landwirtschaft natierlech bedeit, dass si zousätzlech Efforte misst maachen, fir géint weider Konkurrenten ze bestoen. Zum anere gëtt et an Europa eng Tendenz zu der Renationaliséierung, d'Grenze ginn erëm verstärkt zougemaach an et ass een net esou sécher, wéi d'EU an de Bannemaart an zéng Joer oder an zwanzeg Joer ausgesinn. An esou engem Fall wier eng Landwirtschaft, déi op e regionale Marché ausgeriicht ass, eventuell oder sécher besser drun.

Mat all eise Wënsch a Fuerderunge solle mir eis bewosst bleiwen, dass d'Zukunft vun eiser Landwirtschaft net eleng hei zu Lëtzebuerg bestëmmt gëtt. D'Agrargesetz kann deemno och just am Kader, deen déi gemeinsam Agrarpolitik vun der EU virgëtt, an am Kader vun der Situatioun um internationale Plang operéieren. Mir kënnen um nationale Plang d'Prioritéite setzen an déi spigele sech am Agrargesetz erëm.

Fir d'LSAP hu mir hei e gudden Équiliber fonnt. D'Agrargesetz erméiglecht de Betriber, an der Kontinuitéit ze schaffe vun der Politik, déi an de vergaangene Jore gemaach gouf. Et encouragéiert den Ausbau vun der Biolandwirtschaft, andeem et de Betriber eng besser Ausgangsbasis bei den Investitiounsbäihëllefe gëtt. Et limitéiert d'Fördermoosnamen esou, dass keen Ureiz fir Betriber entsteet, ze schnell ze wuesen oder nei Massebetriber opzebauen.

Ganz positiv fanne mir déi nei agefouert Conseile bei den Investitiounsbäihëllefen. Et geet hei drëm, dass d'Chancë vun engem Pro-

jet, fir herno ënnerstëtzt ze ginn, vu virera verbessert ginn. Domat soll d'Prozedur och méi schnell op en Enn kënnen kommen.

Ervirhiewe wëll ech awer weider och déi nei Bestëmmunge fir d'Ënnerstëtzung vun de Jongbaueren. D'LSAP begreist, dass an deem Punkt d'Amendementer konnte gemaach ginn, fir d'Hëllefe vun de Jongbaueren ze verstärken. Mir hoffen, dass domat de Generatiounswechsel an de Betriber erlichtert gëtt. Souwuel fir déi jonk wéi och fir déi erfuerer Bauere fanne mir, dass d'Weiderbildung ee wichtigen Aspekt ass, an deem gëtt och am Agrargesetz Rechnung gedroen.

Et gëtt doriwirer eraus eng Rei Ännerungen, déi just eenzelne Beräicher zeguttkommen an déi d'Diversifizéierung vun der Landwirtschaft féerden. Dat ass ganz wichtig, wa mir regional Produkter wëlle promouvéieren. Et gëtt vill Liewensmëttel, vun deene mir dee gréissten Deel importéieren, wou et géif Sënn maachen, déi lokal Produktioun ze ënnerstëtzen. Grouss Efforte fir Nischeprodukter ze féerden, wéi am Geméisbau, goufe schonn ënnert der viregter Regierung vum Romain Schneider matgemaach a matgedroen. Alldéngs feelt et hei, wéi esou oft, u géeeegenten Terrainen.

Nei Fördermoosname gesäit d'Agrargesetz awer och bei der Schwéngszucht vir. Hei muss dann natierlech séchergestallt ginn, dass et net drëm geet, grouss Massenhaltungsbetreiber ze subventionéieren an opzebauen.

Ganz positiv ass an den Ae vun der LSAP des Weideren, dass an der Zukunft d'Beizüchter kënnen vun den Hëllefe profitéieren. Si spille fir d'Landwirtschaft eng enorm wichtigen Roll, an dat geet wäit iwwert de Verkauf vum Hunneg eraus.

Wéi virdru scho gesot, ass d'Landwirtschaft ville verschiddenen Onsécherheeten ausgesetzt. Ee ganz klassches Risiko ass natierlech do d'Wieder. Derbäi kënnt, dass eis Wiederkonditiounen an deene leschte Joren d'Tendenz hunn, sech ze veränneren, a méi extrem Wiedersphenomeener ze beobachte sinn. D'Agrargesetz dréit deem Rechnung iwwer staatlech Hëllef am Schuedensfall.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, a wann endlech emol eng Kéier d'Eierlechekeet kënnt bei den Energiepräisser, da wäerte mir net méi déiselwecht Mass u Fleisch, Uebst a Geméis aus ferne Géigenden importéieren, mä eise Bléck vläicht méi op Produkter werfen, déi aus dem Land oder aus der Groussregioun kommen.

Een anere Volet vum Agrargesetz behandelt dann de PDC, also och de LEADER-Programm. Dofir stinn am Programm bis 80% vun de Bäihëllefen, déi éligibel sinn, zur Verfügung fir d'Zäitschinn 2014 bis 2020. D'Ziler vun deem Programm, déi an deene leschte Jore vill Zoustëmmung vun deenen am ländleche Raum fonnt hunn, si vu verschiddener Zort. Et geet haaptsächlech drëm, d'Innovatioun, d'Ëmwelt, d'Liewensqualität an d'Diversifizéierung mateneen ze kombinéieren. Am Spezielle solle virun allem déi natierlech Liewensraum an déi kulturhistoresch Elementer vun eiser Vergaangenheet protegéiert ginn.

Ganz besonnesch wëlle mer duerch déi Bottom-up-Prozedur déi aktiv Kräften am ländleche Raum fir d'Entwécklung an d'Duerchféierung vu Projekte gewonnen. Duerch d'Zusummeschaffe vu lokalen Aktionsgruppen am Land an iwwert d'Grenz eraus kann et dann zu konkrete Schrëtt an Aktiounen kommen. Virun allem gëtt gewënscht, dass Mënschen hei zesumme fannen, fir eben an der Groussregioun och mateneen ze schaffen.

Als Konklusioun wëll ech festhalen, dass d'Agrargesetz ee gudden Kader setzt. Dëst Gesetz eleng kann awer net all Problemer vun der Landwirtschaft léisen. Dofir mussen och doriwirer eraus Efforte gemaach ginn. Dat Wichtigst ass ee permanenten Échange mat der Politik, fir dass punktuell Problemer gemeinsam kënnen geléist ginn.

Sou huet een Agrargesetz zum Beispill keen Afloss op de Mëllechpräis oder de Präis um internationale Marché. Iwwert déi Problemer, mat deenen d'Lëtzebuurger Mëllechbaueren doduerch ze kämpfen hunn, muss awer geschwat ginn, an et muss ee kucken, wéi si gehollef kënnen kréien. Mä dat betrëfft an deem Fall net nëmmen d'Bauern, mä déi ganz Vertriebsketten. Ech begreissen et dofir, dass souwuel um EU-Niveau wéi och tëschent dem Ministère an de betroffene Produzenten Mesurë geholl gi sinn. Eis sozialistesche Fraktioun wier frou, wann de Minister eis zu deemem Sujet regelméisseg kéint informéieren, wann et dann een neie Moment gëtt.

Ee wichtige Knackpunkt, deen ausserhalb vun der Kompetenz vum Landwirtschaftsminister läit, ass den Interessenkonflikt tëschent Ëmweltziler an der Landwirtschaft. Et ass en erkläert Zil vun der Regierung, eng Landwirtschaft ze fër-

deren, déi nohalteg wirtschaft an ee Bäitrag zum Waasserschutz, zum Buedenschutz, zur Biodiversitéit an dann och an der Zukunft wuel verstärkt zum Klimaschutz leescht. Dat ass grondsätzlech richtig an d'LSAP steet zu desen Ziler.

Wichtig ass awer, dass des Bestëmmunge mat de Baueren ofgeschwat ginn an net andauernd geännert ginn, well d'Bauern d'Geleechenheet musse hunn, sech op Verännerungen anstellen. Da soll een eng gewësse Verhältnisméissegkeet a Kohärenz respektéieren.

Ee grouse Problem besteet jo doran, dass d'Fuerderungen, déi d'Politik an dese Beräicher stellt, nëmme begrenzt kënnen finanziell ausgeglaht ginn, well mir soss net méi konform mat den EU-Regele sinn. Wann also d'Contrainten, déi imposéiert ginn, net kënnen kompenséiert gi mat engem Subsid, muss séchergestallt ginn, dass déi Contraintë verhältnisméisseg a wierklech noutwendeg sinn.

Ee Beispill, wat zu Recht oft genannt gëtt a wou et eng gewëssen Inkohärenz gëtt, betrëfft den Aussiedlerhaff. Mir mussen eis ee fir alle Mol eens sinn, ob mir d'Bauerebetreiber am Duerf oder an der Gréngzon wëllen, an dann déi entsprecheend Léisungen och ënnerstëtzen. Virun ass hei geschwat gi vum Guichet unique. Ech mengen, et gëtt och eng Plattform, déi och en interessante Volet kéint sinn dofir, dat ass déi Plate-forme interministérielle, fir och der Simplification administrative virze-gräfen. Ech hunn eng gutt Erfahrung domat gemaach bei de Friché vu Wolz, wou mer do begleet ginn, wou dann och sämtlech Ministère mat un den Dësch geholl ginn a ganz schnell kënnen dann Décisiounen geholl ginn. Dat ass dann och eng Iddi, déi ee kéint do mat erabringen.

Zum Schluss, fir just nach eppes zum Image vum Bauer an eiser Gesellschaft an zum Émgangstoun ze soen: D'Politik an och d'Vertriender aus der Zivillgesellschaft musse respektéieren, dass d'Bauern ee wichtigen Akteur sinn, deenen hir Aarbecht souwuel positiv wéi negativ Auswirkungen op d'Ëmwelt huet, an dass ee partnerschaftlech muss mateneen ëmgoen, wann ee Verbesserungen an deem Beräich wëllt erreechen. D'Bauern dierfen net den Androck kréien, dass si bei dese Froen automatesch op der Uklobänk setzen.

Dëst Gesetz eleng kann awer net all d'Problemer vun der Landwirtschaft léisen. Dofir mussen och doriwirer eraus...

Pardon, elo wollt ech nach eng Kéier vu vir ufänken.

**(Hilarité)**

Dat ass, wann ee béidsäiteg gedréckt huet. Et ass mer awer nach opgefällt.

Eng wichtigen Roll spillt natierlech och d'Promotioun vun eise gudden regionale Produkter. D'effentleche Hand muss mam gudden Beispill virgoen an an hiren eegenen Institutionen Lëtzebuurger Qualitéitsprodukter virzéien. Dat ass déi beschte Werbung. Och d'Gemenge kënnen hei hire Bäitrag leeschten.

D'LSAP ass frou dofir, dass elo de Gesetzesprojet déposéiert gouf, fir d'Marchés-publics-Gesetz unzepassen. Dat dierft eis an deem Punkt eng besser Rechtssécherheet an nei Méiglechekeete ginn.

D'LSAP war an ass sech der Wichtigkeet vun eiser Landwirtschaft an dem Wäibau scho bewosst a wäert se och weiderhin tatkräfteg ënnerstëtzen. An deem Sënn soen ech emol Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Arndt. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Merci, Madamm Presidentin. Ech mengen, ech géif direkt mech e bësse stäerken, ier et lassgeet.

Den éischte Merci wär natierlech un de Rapporteur, un de Gusty Graas ze soe fir dee ganz ausféierleche Bericht. Mir hunn hei e Gesetzestext, deen 82 Artikelen ëmfaasst, wou mer och iwwer 70 Säite Rapport dozou fannen, ouni dass mer u sech do déi Règlement-grand-ducallen alleguerten nach mat derbäiziele. Ech hunn doheem dräi Classeure gefëllt mat Dokumentatioun. Et ass en neit Thema fir mech gewiescht, e vast Thema.

Mir hate vill Reuniounen an der Kommissioun. Mir haten awer och vill Reuniounen a part vun deenen an der Fraktioun. Ech hat och vill privat Reuniounen mat Biobauern, mat Netbiobaue- ren, Kolleegen, déi ech hunn, déi ganz extensiv





schaffen, déi ganz intensiv schaffen, soudass ech probéiert hunn, mer e Bild ze maache vun deem Secteur.

Eng Klammer maachen ech direkt op: An zwar dee ganze Volet, wat de Wäibau ugeet, wat och d'Berodung am Wäibau, am Wéngert ass, och wat d'Entwécklung vum ländleche Raum ass, d'Iddien am Beräich vum Tourismus, LEADER, PDC, dat wäert mäi Kollege, den Deputéierten Henri Kox maachen.

Mäi Fokus wëll ech hei werfen u sech op d'Problemer an der Landwirtschaft, op eventuell Léisungssätz, ouni awer elo hei esou vermiesen ze sinn, ze mengen, ech hätt allegueren d'Léisungen hei parat.

Wat fir eng Landwirtschaft wëlle mir fir Lëtzebuerg?, ass déi Fro, déi ech mer stellen. Wat fir eng Roll huet d'Landwirtschaft fir d'Erhale vun eiser Natur an Ëmwelt? Wat fir eng fir de Schutz vum Buedem, vun der Qualitéit vun eise Baachen an eise Flëss?

A menger Meenung no ass d'Landwirtschaft de primären Akteur a Garant, fir an Zukunft propert Drénkwaasser hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren. Wat fir Chancen a Virdeeler huet an deem Kontext d'Biolandwirtschaft?

An och am Beräich vum Klimaschutz kënn der Landwirtschaft eng wichteg Roll zou, déi mer jo och am Débat, dee mer am November 2015 hei an der Chamber haten zu Energie a Klima, erausgeschielt hunn a wat do am Rapport och nozeliesen ass.

Fir mech ass et kloer, dass d'Berodung ee ganz wichtegen Aspekt ass, an zwar déi ganzheetlech Approche brauche mer, opbauend op deenen dräi Saile vun der Nohaltegkeet: deem ekonomesche Volet - also den Zuelen, dem Verdéngscht -, dem Sozialen - dat sinn d'Aarbechtsbedingungen, d'Gesondheet vum Wénzer a Bauer - an der Ëmwelt, Thema Buedem, Loft, Waasser an och Biodiversitéit.

D'Berodung an op d'Beroder lauschteren, dat ass de Knackpunkt an Zukunft fir eis Betriber. D'Berodung ass den Dréi- an Aangelpunkt fir déi gréng an och d'Chance fir d'Lëtzeburger Landwirtschaft, fir mëttel- a laangfristeg kënnen hei ze iwwerliewen an engem Maart, dee ganz staark ëmkämpft ass.

An et ass net ëmmer d'Héicht vun de Subsiden, déi de Bauer a Wénzer fit fir d'Zukunft mécht; et ass éischter - wann een an d'Vergaangenheet erakuckt, an dat geet jo - de Contraire de Fall. Do ass ze dacks ze vill an déi falsch Richtung subventionéiert ginn.

Ech erkläre mech: Ze héich Subsiden hunn am Maschinnepark zu enger technescher Ausrüstung gefouert, déi net un d'Produktionsvolumen ugepasst war. Wann elo ee mengt, dat géif vu mir kommen, dann ass dat net esou. Dat doten ass eng Publikatioun vum CONVIS, Dezember 2015, wou se u sech d'Mëllech- a Randfleeschproduktioun hei zu Lëtzebuerg op de Leescht geholl hunn. Dat ass hir Ausso.

### (Interruption)

Ech ginn elo méi genau an op de Mëllechsektor. De Mëllechsektor ass ganz speziell betraff vun de Fluktuationen vum Weltmaart, eng Kéier vun de Fudderpräisser, déi ugezunn hunn, an eng Kéier vun dem Mëllechpräis selwer, deen an d'Gette gaangen ass.

Ass elo méi Mëllechproduktioun eng Léisung? Ass d'Turbo-Kou den Auswee? Ass fir de Gréngstanduert Lëtzebuerg net eng aner Pist noutwendeg a méiglech?

Kënnen a musse mir net mat méi strenge Qualitéitskritäre wéi eis Nopere produzéieren, fir eis vun hinne kënnen ofzesetzen an och geziilt de Maart zu Lëtzebuerg a vun der ganzer Groussregioun ze bedéngen? Beispiller gëtt et hei zu Lëtzebuerg, si si virdru schonn ernimmt ginn. Niewent der Biolandwirtschaft gëtt et awer och „fair Mëllech“ als Beispill, déi sech selwer Qualitéitskritäre ginn hunn. Dann hu mer awer och heivir an der Belsch zu Arel „FAIREBEL“. Dat ass eng Kooperativ, wou ënner anerem och deen ee Volet gemaach ginn ass, dee mer onbedéngt mussen ugoen: de Konsument an de Produzent méi no beienebréngen, well do kënnen och Konsumente Member ginn an dëser Kooperativ.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Musse mir net och d'Biolandwirtschaft, ech hat se schonn ernimmt, zu Lëtzebuerg endlech offensiv ënnerstëtzen an als eng vu méigleche Produktionsaart a -weisen an der Landwirtschaft no vir huelen?

Ech sinn der Iwwerzeegung, dass mir nëmmen duerch eng ganz éierlech Analys vun eise

Stärkten a Schwächte vun all eenzelne Betrib hei kënnen d'Landwirtschaft an Zukunft richteg a gutt opstellen.

An do ass eiser Meenung no d'Berodung den A an O an dësem Dossier, sief et bei de Jongbaueren, wat jo Virschreift ass, wa se gären e Subsid hätten, wa se sech nei wëllen nidderloossen, respektiv och de Monitoring vun de lafende Betriber. An déi ganzheetlech Berodung, déi ass ausschlaggebend.

All Investitioun muss awer besser ekonomesch ageschat gi wéi an der Vergaangenheet an et muss och méi de Rotschléi vum SER Rechnung gedroe ginn. An ech hätt mer an der Vergaangenheet gewénst, an ech mengen, verschidde Betriber hätt sech dat och am Nachhinein gewénst, dass den SER, an domat de Ministère, léiansdo emol déi Giel oder déi Rout Kaart aus der Täsch geholl hätt, fir ze soen: „Dir sidd net um richtige Wee.“ Da géife bei verschiddene Betriber net d'Banken d'Soen hunn an deene géife faktuell de Betrib gehéieren, mä da wäeren et d'Bauern, déi u sech Här a Meeschter op hirem Betrib nach wieren.

Wat fir Piste gëtt et elo? Ma Piste fënnt een, an déi fënnt een all Joer am Buchstellentag vun dem SER an hirem Bericht erëm. 2015 ass dat gemaach ginn, wou d'Resultater vun 2014 analyséiert gi sinn. Do hu mer dann och en Duerchschnittsbetrib oder Testbetrib, deen huet zu Lëtzebuerg zirka 83 Hektar fir Gréngland a Fudderplanzen, wou och en Undeel Mais derbäi ass, an da komme mer zum Fudder a mir kommen zum Zesummespill vu Stärkt, Energie duerch de Mais an als Complément den Eewäiss, dee ganz dacks a ganz vill duerch Soja gemaach gëtt. Dat ass en Duo, e bësse wéi aus der Bande dessinée vum Hergé den Dupont et Dupond, déi ginn nëmmen zesummen. Stärkt an Eewäiss gehéieren zesummen...

### (Interruption)

...an dësem Fudderdeel.

An dofir brauch en duerchschnittlechen Testbetrib zu Lëtzebuerg net nëmmen déi 83 Hektar Land, déi e faktuell op sengem Betrib stoen huet, mä en huet och nach u sech zwielef Hektar a Südamerika matgepacht, fir Sojabounen unzeplanzen. Wou mer jo wëssen, wéi dee Soja ugeplant gëtt, mer sinn an Amerika ënnerwee: genmanipuléiert a mat ganz intensivem Asaz vu Pestiziden. Mir mussen eiser Meenung no aus dësem Modell eraus.

Ee grouse Käschtpunkt ass näamlech och, wann een d'Analys éierlech mécht, ebe genau d'Fudderproduktioun an dat, wat muss zoukaaft ginn. An dat schléit beim Mëllechpräis - an dat ass och eng Donnée, déi eben aus engem Bericht kënn, net vu mir, mä vu CONVIS - mat zéng Cent de Liter oder de Kilo, dat ass jo eng äänlech Unitéit, bei der Mëllech zu Buch. A mer wëssen, dass am Moment mer op dem „break-even point“ an der Mëllechwirtschaft ukomm sinn, dat heescht, déi 25, 26 Cent, déi elo nach bezuelt ginn, dat geet just duer, fir all Käschten ze decken. An dee Gewënn, deen esou e Betrib mécht, gëtt reng iwwert d'Subsiden ofgedeckt. Dat kann net sinn! An dofir muss een analyséieren op all eenzelne Betrib, wou ee kann usetzen, fir dëser Entwécklung entgéintzesteieren.

Lëtzebuerg ass ee Grénglandstanduert. Mir hunn zirka 60.000 Hektar Dauergréngland. An dofir ass u sech och eng Kou gemaach. An dat ass och hire grouse Virdeel. Dat ass dat, wat d'Mënschen net kënnen maachen, an zwar d'Gras verwäerten. Dat kann nëmmen d'Kou maachen, mat hire verschiddene Mee, mat dem Widderkäuen. Dat kënnen mir soss net valoriséieren. Eng Pist ass opgebaut ginn, dat ass déi, fir d'Gras an enger Biogasanlag ze notzen. Da wënschen ech mer awer léiwer, dass d'Kéi d'Gras friessen an u sech duerno ee gesond a propert Liewensmëttel eis zur Verfügung stellen.

Natierlech, wa mer ëmstellen, fort vu Mais- a Sojakombinatioun méi op Grénglandnotzung, also Graswirtschaft, da geet natierlech och d'Produktioun pro Kou pro Joer erof. Da wier awer och méiglech, dass ee fudderautark an engem Betrib kéint fonctionnéieren, an dann huet een och manner Betribskäschten. Dofir soen ech: Et brauch een eng ganzheetlech Berodung, eng ganzheetlech Ennersichung vun deem, wat op engem Betrib eran- an erausgeet, fir zu proppere Léisungen ze fannen.

An d'Diskussioun ëm d'Zuel vun de Kéi am Stall, déi ass am Hierscht 2015 gemaach oder ugestouss ginn. Ech erënnere mech drun, dat war ëm den Zäitpunkt vun der Ökofoire, wou do zwee Projeten, déi och aus menger Géigend kommen, aus dem Weste vum Land, mat enger Demande vun iwwer 1.000 Kéi am Stall eng Ufro haten, fir da geneemegt sollen ze ginn.

An d'CSV wier jo och elo keng Vollekspartei, wann an hire Reien net do eng gedeelte Meenung dozou wär, géif ech emol mengen, oder keng eenheetlech Meenung wär. Déi eng wëllen Téi vum Séi an déi aner 1.000 Kéi.

### (Hilarité)

► **Une voix.**- Aah!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- A firwat hu mir an der Chamber keen Téi vum Séi?

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Ass dat e Widdersproch? Mä ech mengen, dat ass vläicht guer kee Widdersproch, dat ass vläicht déi falsch Diskussioun. Et muss een éierlech si vis-à-vis vun de Betriber. Et muss een éierlech si vis-à-vis vun de Leit aus dem Land an och vis-à-vis vun de Baueren.

### (Interruption)

An och bei Betriber, déi nëmmen 200 Kéi hunn, kann et sinn, dass dat der vill ze vill sinn,...

### (Interruption)

...well d'Fläche vum Betrib net do sinn, fir u sech hiert eegent Fudder kënnen ze produzéieren.

Mir hunn also zu Lëtzebuerg - dat ass eng aner Donnée - 2015, nodeem dass d'Quote gefall sinn, 330 Milliounen Kilo Mëllech produzéiert. Domat si mer Europameeschter an der Steigerung, an zwar mat plus 20%, nach virun den Iren, déi nëmmen 19% hikritt hunn.

Mä, eis national Molkerei, ënner anerem, kann dës Mëllech natierlech guer net verschaffen. Zweek Drëtter mussen leider um Spotmaart verkaaft ginn, an zu Präisser, déi virun allem Länner wéi Neiséiland ebe festleeën. An dat sinn 18 bis 20 Cent de Kilo. An nëmmen een Drëtter ka leider, an do mussen mer och sécherlech dee Prozentsaz verbesseren, hei zu Lëtzebuerg valoriséiert ginn. Dat primäert Produkt Mëllech soll ebe weiderverschafft ginn zu engem méi héichwäertege Produkt an och dofir d'Plus-value hei am Land gelooss ginn.

An do brauch awer och d'Landwirtschaft Ënnerstëtzung vun der Politik, ganz kloer, fir méi Produkter hei am Land och ze notzen, sief et a Kantinnen, Maison-relais, an och brauche mer d'Politik, fir dat Verständnis (veuillez lire: Verhältnis) zu der Landwirtschaft erëm hierzustellen, de Konsument an de Produzent méi no beieneenzebréngen.

An do ginn ech menger Virriednerin e bësse méi wäit ewech, dem Martine Hansen, vollkomme recht, dass dat idyllescht Bild vun der Landwirtschaft absolutt e Pub-Bild ass, mat deem e Produkt verkaaft gëtt an dat net der Realitéit entsprécht, net der Realitéit an der konventioneller Landwirtschaft an och net ëmmer der Realitéit an der Biolandwirtschaft. An do mussen mer d'Leit awer erëm eng Kéier méi mat der Hand huelen. An do kënnen och Naturschutzsyndikater eng Bréck bauen, fir mat Kanner - ech soen ëmmer: iwwert d'Kanner ass et méi einfach méiglech - op den Haff ze goen, fir eng Kéier ze weisen, wéi dat fonctionnéiert.

Ech selwer war erstaunt iwwert d'Detailer, déi mir net esou präsent waren, vun deem Bild, dat een ëmmer am Kapp huet vun de Kéi op der Wiss. Mä Meedchen ass weini erëmkomm, an der Maison relais hate se u sech och esou eng Aktioun, dass se dat kucke waren, a se hatten och e flotten Austausch mam naturhistoresche Musée, wou se selwer duerno Kéis gemaach hunn. An do ass et erëmkomm mat Biller vun de Kéi, déi haten allegueren keng Haren. Dat ass eben eng Realitéit, där ee sech muss stellen. An de Klischee aus der Pub, dee mussen mer e bësse méi, vläicht, korrigéieren.

Voilà! Vu wat fir enger Gréisstenuerdung schwätze mir dann? Ma virdrun hat ech gesot: De Betrib vun 200 Kéi, deen huet dacks ee Problem, an dat ass dee vum Investissement. A wann ee Betrib elo nei sech wëllt opstellen, da wäert e misse rechnen mat 12.000 bis 13.000 Euro pro Kouplaz, déi en do huet. Dat wär also en Invest vun ëm déi 2,4 Milliounen Euro. Dofir ass et immens wichteg, dass déi Berodung ebe ganzheetlech gemaach gëtt, souwuel vun de Suen, vun awer och der Liewensqualität vum Bewirtschafter, awer och vun der Ëmwelt, fir dass eng Feelorientéierung eben net méi geschiit.

Ech hat scho gesot: D'Banke sinn dacks Här a Meeschter, well am Moment hu mer ganz niddreg Zësen. Wann déi eng Kéier unzéien, da mussen mer niewent dem Deel, dem Kapital, wat mer zrëckbezuelen op de Betriber, och d'Zësen tilgen. An da gëtt et ganz, ganz enk.

Elo scho sinn an den Ofschreiwungen - och déi Donnée fënnt een erëm an den Testrichter - 12 Cent pro Liter Mëllech noutwendeg, fir u sech de Maschinnepark an eis Gebaier ze bezuelen. Ech hat virdru gesot: 10 Cent brauche mer fir d'Fuddermëttel bäizekafen, 12 Cent fir u sech d'Ofschreiwung ze tilgen, da si mer schonn iwwert dem Spotpräis vum Liter Mëllech, deen um Weltmaart bezuelt gëtt. Also ass jiddwereen hoffentlech mat mer eens, dass dat ganz enk gestréckt ass. An dofir brauchen déi Betriber eis Ennerstëtzung.

An och méi grouss Betriber kënnen zu Lëtzebuerg fonctionnéieren, mä nëmmen, wa se déi noutwendeg Flächen hunn. Mir bewirtschaften elo och schonn an der Belsch an och an Däitschland méi wéi 6.000 Hektar, niewent deenen Hektaren, déi, wéi ech sot, mer och ëmmer ënner Beschlag hunn, well mer Soja mussen akafen.

Wat fir eng Roll spillt d'Landwirtschaft elo fir d'Erhale vun enger intakter Natur an der Ëmwelt, fir propert Drénkwaasser? Wat fir ee Bäitrag kann d'Landwirtschaft liwweren zum Erhale vun der Biodiversitéit zu Lëtzebuerg?

Menger Meenung no ass d'Roll vum Erhale vun der Kulturlandschaft, dat heescht där geformter Landschaft, duerch eis Betriber eng ganz wichteg. Déi ass primordial. Ouni d'Landwirtschaft ass zu Lëtzebuerg keen Naturschutz um oppene Land méiglech. Et geet nëmme mateneen, soss wäerte mer an Zukunft e ganz grouse Verloscht u Biodiversitéit hei zu Lëtzebuerg musse bekloen.

An eng wichteg Bréck, mengen ech nach eng Kéier, ech widderhuele mech, kënnen do Naturschutzsyndikater an d'Naturparke spillen, fir erëm de Produzent an de Konsument méi no beieneenzebréngen, fir dass d'Leit dobaussen erëm eng Kéier wëssen, wat u sech e moderne landwirtschaftleche Betrib bedeit, onofhängeg dovun, wéi seng Produktionsaart a -weis ass.

An am Waasserschutz, do hu mer jo schonn e flotte Modell fonnt, an zwar ronderëm de Stauséi. Do ass schonn e kooperative Modell opgestallt ginn, wou d'Landwirtschaft, d'Bauerebetriber, déi do bewirtschaften, an de SEBES zesumme probéieren, Léisungsweeër ze fannen, fir och zu enger anerer optimierter Bewirtschaftung vun dëse Waasserschutzzonen ze kommen. Et geet, ech widderhuele mech, nëmmen zesummen an net géinteneen.

Wat sinn aner Pist fir d'Lëtzeburger Landwirtschaft? Bon, de Geméisubau war hei scho gesot ginn, héichwäertege Qualitéitsprodukter an allgemeng natierlech och Bioprodukter. De Maart fir esou Produkter besteet zu Lëtzebuerg. Mir hu méi e groussen Émsaz, wéi mer eng Produktioun hunn. Dat war och schonn erwänt hei ginn, dass mer just am Moment knapp 3,4% Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg hunn.

Fir d'Formation zum Geméisubau, och déi ass schonn op d'Bee gestallt, an zwar an Zesummenaarbecht mat der Akerbauschoul, do si mer also prett. D'Formation ass do. Mir mussen nach den Incentive ginn, fir u sech dee Feelbedarf, dee mer hei hunn um Lëtzeburger Maart vun dësem Produkt, och dann ze decken.

D'Vermaartung, d'Valoriséierung vu Primärprodukter zu héichwäertege Produkter ass eng aner wichteg Pist. Do feelt et och der Biolandwirtschaft ganz kloer un Infrastrukturen. Mä do kommen ech herno nach eng Kéier kuerz dozou.

Och den Zougang, dee mäi Virriedner hei erwänt huet zu den öffentliche Kantinnen an den Ausschreiwungen, dee brauche mir. Mä da brauche mer och Qualitéitskritären. An ech fäerten, da geet et net duer mat dem Slogan „Esou schmaacht Lëtzebuerg“. Da mussen mer duerno schaffen. Mir mussen méi prezis Qualitéitskritäre festleeën, fir eis ze differenzéieren vum noen Ausland, soss wäerte mer nach ganz sécher géint EU-Recht verstoussen. Mä ech si ganz sécher, dass mer do kënnen e Maart opmaache fir eis Betriber, konventionell oder Biobetriber.

Elo zu der Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg. Dat ass eiser Meenung no eng ganz wichteg Pist, fir verschidde Betriber zu Lëtzebuerg och gesond op d'Been ze stellen an och ëmstellen. En Zilwäert vun 20% Biolandwirtschaft, mengen ech, wär méiglech. Elo gëtt et scho méi wäi aacht Länner hei an Europa, déi méi wéi 10% Biofläch hunn, sief et e ganz klengt Land, Liechtenstein, déi hunn 30%, Eisträich, Schweden, Estland, Schwäiz, Lettland, Tschechien an och Italien. De Weltrekord hunn anscheinend d'Falklandinselen mat 36%.

En anert gutt Argument, fir hei vill Bio ze maachen, ass u sech, dass dee gréissten Émsazmaart fir Bio u sech Däitschland ass. Déi si ganz no bei eis, a wa mir gutt Produkter hunn, da kéint ech mer och virstellen, dass ee Bioprodukt kéint op deem Maart mat ofsetzen.

Bio ass gutt fir eis Gesondheet. D'Biobetriber schaffen no engem wichtege Prinzip, dee mer och an der Ekonomie am Moment souwisou verfolgegen, dat ass d'Économie circulaire, fir ze probéieren, mat gréisstméiglecher Futterautarkie ze schaffen, ouni Asaz vu chemeschen Dünger a Pestiziden. Bio ass och gutt fir d'Waasser, fir d'Natur, awer och fir dem Bauer seng Gesondheet a steet och fir eng adärgerechet Déierenhaltung mat vill Fräilaf. Dofir ass d'Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg onbedéngt e Konzept fir d'Zukunft.





Mir wëllen hoffentlech net..., an Dir hutt vläicht deen Artikel an „Tageblatt“ gelies, wéi an Amerika geduecht gëtt, d'Biolandwirtschaft u sech no vir ze pushen: Si hu grouss Flächen, fir extensiv ze schaffen, si bréngen et awer net fäerdeg, fir op der Plaz bei sech Fuddermëttel unzabauen, well alles manipuléiert ass, an da loosse se de Mais aus Indien aféien, fir an Amerika Bioprodukter ze maachen. Wann den TTIP d'Grenzen opmécht, da kommen déi Bioprodukter no hire Qualitéitsstandarden hei op de Maart an Europa an da sinn eis Betriber am Nodeel. An dofir, dat ass am „Tageblatt“ nozelies, dat ass eng, soen ech, Visioun vun der Landwirtschaft, déi, mengen ech, keen hei am ganze Raum wëllt hunn!

Déi jonk Bauere sinn e ganz wichtege Faktor an dofir si mer och frou - elo ass d'Kolleejin grad eraus, mä et si jo Vertrieeder hei...

## (Interruption)

Et si jo awer Vertrieeder hei vun der CSV, déi eben en Amendement erabruucht huet, fir déi jonk Baueren ze ënnerstëtzen. An och do fanne mer, dass dat..., och wann Amendementer ugeholl si ginn, da si se jo vun der ganzer Kommissioun ugeholl ginn, an dat do war och een esou en Amendement, wou et ganz kloer ass, dass mer eis jonk Bauere mussen ënnerstëtzen.

## (M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir mussen se awer och ënnerstëtzen an der Formatioun. Mir mussen se ënnerstëtzen an der Berodung, am Plan d'entreprise, an dem Ëmweltschutz, fir dass och hir Liewensqualitéit als Bauer garantéiert ass. An do ass erëm eng Zuel, déi mech awer ganz nodenklech stëmmt, grad wann ech u jonk Baueren denken an un d'Iwwerhuele vun de Betriber. Dat ass och erëm eng Kéier de Buchstellentag an d'Donnéeë vum SER 2015, ëmmer bezunn op eng Ëmfro vun 2014 - dovu ginn ech aus -: „Ass een Nofolger um Betrib do?“

Bei deene Leit, déi matgemaach hunn, ass et esou, dass leider nëmmen en décken Drëttel geäntwert hunn: „Jo, kee Problem.“ Bei engem aneren, 39%, ass et ganz ongewëss, wien iwwerhëlt. A bei 21%, an 3% zousätzlech, also 24%, ass et net garantéiert, dass do een dee Betrib iwwerhëlt. Dat soll eis nodenklech maachen!

Wann een da kuckt, wou Leit sinn, déi wëllen iwwerhuelen, dann hu mer u sech e ganz gutt Ausbildungsprofil, wou eben awer 41 den CATP hunn, oder DAP, deen hei elo schonn ugeschwat ginn ass. An et sinn der awer eng ganz Partie, déi vill méi héich Ausbildungen hunn: Een Drëttel hunn eng Technikerausbildung, 12% respektiv 10% hunn e Bachelor- oder e Masterofschloss. Et sinn also gutt forméiert Leit ënnerwee, déi d'Nofolleg wëllen iwwerhuelen, mä mir hunn der awer leider net op all Betrib. Dofir wäert ganz sécher eng grouss Restrukturëierung, eng ganz grouss Erausfuereierung op d'Landwirtschaft zoukommen, an net nëmmen, wéi mer dat ëmmer am Handwierk och hunn; och hei ass d'Nofolleg ee grousst Thema.

E leschte Volet fir ofzeschlëssen ass de Volet Landschaft, Klima an Energie. An eng wichteg Pist ass do vun eise Landwirtschaftsminister Fernand Etgen u sech gemaach ginn, andeem dass en e Pabeier um informelle Conseil vun den Agrarminister presentéiert huet. An dat war dee Pabeier „Towards climate-smart agriculture“. Do sinn eng Partie Pisten opgewisen, wéi u sech d'Landwirtschaft och dem Klimaschutz kann eppes Positives bréngen, u sech Klimagaser reduzéieren. Et ass awer och opgewise ginn, wou d'Problemer kënne sinn, ebe mat deem Undeel vun Emissiounen, déi eben och an der Landwirtschaft sinn, virun allem duerch den Asaz vun dem mineralleschen Dünger.

Wa mer also op déi Pist ginn, déi ech virun ugeschwat hunn: mannes mineralleschen Dünger asetzen, méi organesch, also méi um Haff produziéierten Dünger, méi de Wirtschaftsdünger valoriséieren, da kommen éischters d'Betribskäschten erof an et ass gutt fir eist Klima an och fir de Portmonni vum Bauer! An do ass eben och ee Knackpunkt, deen ugeschwat ginn ass: d'Erhale vum Dauergréngland, wat ëmmerhin awer d'Halschent vun eiser Agrarfläch ausmécht.

Ech ginn net nach eng Kéier op déi Voleten alleguerten an, déi sinn an deem Bericht ausféierlech beschriwwen. Mä ganz kloer: Déi Mesuren, déi hei ergraff ginn, déi si gutt fir verschidde Faktoren: fir d'Biodiversitéit, fir d'Ëmwelt an och fir de Portmonni vum Bauer an och fir seng Gesondheet.

Ee Stéchwuert just nach, dat ass d'Prezisiionsausbréngung grad vun dem Dünger um Haff. Dat spillt och nach eng Kéier eran an dee Volet Waasserschutz. Do hu mer also eng ganz Partie Voleten, déi mateneen ofgedeckt ginn, wa mer an deem Kader vun den Drénkwaasserschutz-

zonen och wäerten op esou Prezisiionsmaschinen erëm eng Kéier zrëckgräfen.

A vill ze dacks gëtt leider de Piff - ech soen et ganz graff - als Offall betruucht, also als Offallprodukt vun de Produktiounsprozesser Mëllech a Fleesch, an net als wäertvollen Dünger, deen u sech kann hëllefen, d'Betribskäschten ze drécken. Dofir och eiser Meenung no, ech mengen, dass et gutt wär, wa mer déi Capacitéit op den Häff vu sechs Méint op néng Méint kéinten erweideren, well dann hu mer eng aner Méiglechkeet, fir deen Dünger ganz geziilt erauszubréngen: da wann d'Planzen um Aker sinn. Wann u sech eng Planz de Stéckstoff kann ophuelen, dann dreit dat och eppes zum Wuesstum vun de Planze bäi. Och dat wär wichteg an déngt och eppes dem Waasserschutz.

Ech kommen esou lues zum Schluss. Eiser Meenung no ass et wichteg, wa mer all déi Mesurë wëllen ëmsetzen, dass mer eng ganzheetlech Berodung vum Betrib brauchen, opbauend op den dräi Saile vun der Nohaltegkeet: also Suen/Verdénsgscht, Gesondheet a Liewensqualitéit vum Bauer a Wënzer, de Schutz vu Buedem, Natur a Waasser. An déi véiert, déi nei Sail, dat ass déi, déi duerch den Déiereschutz opgemaach gëtt: d'Wuel vum Déier a seng aartgerecht Haltung.

Leif Kollegeinnen a Kollegen, et gëtt ganz vill an deem Sektor vun dem Bauer a vum Wënzer ze schaffen, fir dass de Stellwäert vun deem Berufsstand an eiser Gesellschaft och erëm eng Kéier op déi richteg a wichteg Plaz geréckelt gëtt, déi dese Berufsstand misst hunn!

Domat wëll ech schlëssen a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi. Merci fir d'Nolauschteren!

## ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Anzia. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här Präsident. Leif Kollegeinnen a Kollegen, och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleg Gusty Graas fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech hu missen als Riedner hei kuerzfristeg asprange fir mäi Kolleg Roy Reding, dee Member an der Kommissioun ass an dee leider erkrankt ass an haut duerfir net kann hei d'Wuert ergräifen. Ech mengen, haut diskutéiere mer hei iwwert d'Reform vum Agrargesetz, déi siwint, an dat Ganz soll am Prinzip am Interessi vun der Landwirtschaft, eise Baueren, de Wënzer an de Gäertner sinn.

Meng Virriedner hunn et dacks genuch heibanne schonn de Mëtten ugesot, dass d'Landwirtschaft sech an enger ganz schwiereger Situatioun befënnt, existenziell Schwiereregkeeten huet.

D'Zuel vun eise Betriber, wa mer 100 Joer zrëckkucken, louch nach bei 40.000. Mä eleng an deene leschte 25 Joer, vun 1989 bis 2014, also a 25 Joer, huet d'Zuel sech vu 4.000 op 2.000 Betriber halbéiert. An de Kolleg Anzia huet elo grad hei gesot, wéi grouss d'Bevëlkerung ass haut, fir Betriber ze iwwerhuelen, wéi grouss d'Successioun ass. An da mussen mer wëssen, wann déi Zuel weider erofgeet, da geet op där anerer Säit d'Gréisst vun de Betriber automatesch an d'Luucht a mir kommen dann och erëm an eng Diskussioun, wat d'Gréisst vun de Betriber ubelaangt.

Keng aner Politik wéi d'Agrarpolitik ass an deene leschte 50 Joer méi vun den europäeschen Institutiounen bestëmmt ginn - mam bekannte Resultat.

Vun deenen 2.000 Betriber, déi mer haut nach am Land hunn, stellen, wéi gesot, ganz vill Leit hir Zukunft a Fro, wéi se weiderfueren. Vill stelle sech d'Fro: Solle mer ophale mat dem Betrib? A sollen net déi jonk Leit an en anere Sektor schaffe goen, wou se méi Liewensqualitéit hunn, besser a gesécher Paien hunn a wou se dann hiert Land verpachten oder verkafe kënnen?

Oder déi aner Alternativ ass, dass se mussen massiv investéieren a sech domadder och deelweis oder ganz massiv verschëlden, ouni awer an eng sécher Zukunft ze goen, mä éischter an eng ongewëss Zukunft müssen ze goen. Et gëtt am Abléck keng nohalteg Perspektiv.

Wéi gesäit d'Zukunft fir d'Landwirtschaft aus? Wat fir eng Landwirtschaft wëlle mir? Éischter Familljebetriber? 93% vun eise Betriber hei am Land si Familljebetriber. Oder wëlle mer méi industriell Betriber? Ech mengen, mir sinn eis heibannen eens, dass mer en Interesse drun hunn, eis Familljebetriber ze ënnerstëtzen an net op industriell Betriber iwwerzegoen, quitte dat mer wëssen, dass déi Familljebetriber, där et der ëmmer manner gëtt, och ëmmer méi grouss wäerte ginn.

Betriber, wou de Bauer a seng Famill awer kënnen dervu liewen, an net just iwwerliewen! An ënner „liewen“ verst mir: Liewensqualitéit fir hien a seng Famill, an net de Sklav vum Betrib ginn, Unerkennung fir seng Aarbecht, fair Präisser. An et ass de Mëtten hei dacks ugeschwat ginn: d'Präisser vun der Mëllech, d'Präisser vum Fleesch; wa mer d'Mëllechproduktioun huelen, wou de Bauer am Fong haut ënnert dem Prix de revient muss produzéieren. Wat fir ee Betrib, wat fir eng Gesellschaft géif iwwer länger Zäit ënner engem Prix de revient finanzéieren? Ma just d'Baueren, well se eben deen Idealismus hunn, déi Not zu hirem Haff, zu hirem Betrib, déi ganz dacks iwwer Generatiounen an hire Famillje geschaft si ginn.

Mir hunn als ADR virun e puer Méint, am Februar dëst Joer, eng Motioun eraginn, wou mer am Fong gesot hunn, dass och déi Sanktiounen, déi Europa géint Russland decidéiert huet, dass déi negativ Konsequenze fir eis Bauerebetriber hunn, virun allem, wat d'Mëllechproduktioun ubelaangt, an dass mer sollten als Europa drun denken, fir déi Sanktiounen opzehiewen. Dat ass hei vun der Regierung refuséiert ginn, fir op europäeschem Plang an déi Richtung ze drécken, mat de Konsequenzen, dass haut eis Betriber vill dorënner ze leiden hunn.

An op där anerer Säit hat de Fernand Kartheiser och den 22. Dezember 2015 eng parlamentaresch Ufro gestallt, déi genau och an déiselwecht Richtung gaangen ass, well mer ebe wëssen, wat d'Konsequenze fir d'Betriber sinn. Wann d'Politik Décisiounen trefft, wou se Sanktiounen géint e Land wéi Russland hält, an do duerch negativ Konsequenze fir d'Landwirtschaft erauskommen, da muss d'Politik och bereet sinn, opgrond vun hirer politescher éischter Décisioun, och eng Décisioun ze huelen, déi en Ausgläich da fir déi Bauere mat sech bréngt.

## (Interruption)

A mir müssen awer och op där anerer Säit, an dat ass och de Mëtte schonn dacks gesot ginn, en Emdenke bei de Konsument bréngen. Wann eis Leit gären an de Supermarché ginn a Mëllech do kafen, déi keen hallwen Euro kascht, wann d'Supermarché Reklamme maachen, dass ee Poulete kritt vun 2 Euro, da muss een och wëssen, wann een als Konsument déi Produkter keeft an ënnerstëtzt, da kann een net e qualitativ héicht Produkt verlaangen, mä dann hëlleft een, d'Massendéierenhaltung ze ënnerstëtzen. An ech mengen, mir sollten och hei als Politik - an et ass jo de Mëtten dacks genuch ugeklongen - no bausse weisen, wat d'Leit mussen sech bewusst sinn, wa se akafe ginn.

Mir müssen de Leit och soen, dass d'Baueren zu eise Wiesen, zu eiser Landschaft gehéieren. A mir müssen de Leit och soen..., an alleguerten déi, déi Buergermeeschter sinn oder Buergermeeschter waren, déi wëssen, wéi et an eisen Dierfer ass, wa Leit op eemol bäikommen an da sech opreegen, dass e Bauer do ass, dass Mëscht ausgefuert gëtt, dass Mais eragefuert gëtt, dass et knaschteg ass. Dann ass dat all Kéiers e Skandal! An trotzdem mussen mer och dann deene Leit soen: „Ma dat gehéiert zu eise Duerf. Dat gehéiert zu eiser Gesellschaft. An Dir hutt en Intérêt drun, fir lech dodrun ze gewinnen an d'Baueren hir Aarbecht maachen ze loosser, eng gutt Aarbecht maachen ze loosser“, fir dass mer och kënnen op där anerer Säit uerdentlech Produkter kréien.

Kee Bauer ass frou, opgrond vu Subventiounen, Subsiden ze iwwerliewen. Gerecht Präisser fir seng Aarbecht, dat ass dat, wat de Bauer gären hätt, dass e vu senger Aarbecht ka selwer liewen, egestänneg liewen, ouni müssen op aner Hëllef ugewisen ze sinn. An dat ass net nëmmen am Interessi vum Konsument, mä och a sengem eegenen Interessi hätt de Bauer dat gären.

An datselwecht ass och, wann haut vill hei geschwat ginn ass vu Pestiziden, vu chemeschen Dünger an esou virun: Kee Bauer huet en Intérêt drun, fir eis Ëmwelt ze vergëften, fir d'Waasser ze vergëften. Ech mengen, et ass kee méi mat der Natur verbonne wéi e Bauer! An ier mer Parteien haten - mir alleguer, oder déi gréng, déi sech ëm d'Ëmwelt bekëmmern -, majo iwwer Jorhonnerte waren et d'Bauere praktesch exklusiv, déi an eiser Ëmwelt, eiser Landschaft, eiser Natur geschaff hunn an déi se erhalen hunn! Kee vun hinne wëllt dat. An ech mengen, och an hirem Interessi, well et gëtt eng Rei vu Kribskrankheeten, wou de Prozentsaz bei de Baueren am héchsten ass. An duerfir hu si alleguer selwer och en Interessi drun, fir esou mann wéi méiglech mat Chemikalien a Pestiziden ze schaffen.

Mä et gëtt awer och ëmmer méi Reglementatiounen a Virschreife fir d'Bauerebetriber, ëmmer méi administrativ Aarbechten. Keen aneren ekonomesche Sektor kritt esou vill Virschreife gemaach a gëtt esou kontrolléiert, wéi dat an der Landwirtschaft de Fall ass. Ëmweltvirschreften - et gëtt kee Beruff, dee méi mat der Natur, wéi ech gesot hunn, verbonnen ass!

Déi gréissten Naturschützer sinn an der Landwirtschaft an dach kréien d'Baueren ëmmer méi Oplagen.

Mir hunn och do net méi spéit wéi geschter als ADR hei eng Motioun virgeluecht, déi och verworf ginn ass vun der Majoritéit, wou mer am Fong gesot hunn: Wa mer e Gesetz maachen, wou mer ebe Virschreife maachen, och am Ëmweltberäich, da wier et wichteg, dass mer och bei deene Gesetzter, bei deene Reglementer genau eng Fiche derbäi hätten, wat dat och als Konsequenze fir d'Betriber huet, wat dat als Nofolgekäscht fir d'Betriber huet. An och déi Motioun ass geschter hei vun der Majoritéit ofgeleent ginn!

Vill Bauere sinn enttäuscht iwwert d'Politik vun deser Regierung! Vill Bauere soen, dass se ëmmer e Landwirtschaftsminister haten, emol eng Kéier e besseren, emol eng Kéier ee méi schlechten, mä deen awer de Vertrieeder vun hinnen an der Regierung war, deen hir Interesse vertrueden huet - vun de Baueren - an der Regierung. Haut soen d'Baueren: „Haut ass de Landwirtschaftsminister éischter Maskottche vum Ëmweltminister, fir d'Baueren ze schikanéieren.“

## (Interruptions et brouhaha)

Ëmweltbestëmmunge kommen um lafende Band. Ëmmer méi müssen d'Baueren dorënner ze leide kréien.

D'Reform, déi mer haut diskutéieren, huet e ganz laange Wee an huet laang op sech waarde gelooss. Elo trëtt dat Gesetz a Kraaft, réckwierkend op 2014, bis 2020, wou mer also schonn zwee Joer faute de base juridique am Fong keng Engagementer méi kënnen huelen. Dat ass d'Ëmfeld, an deem d'Landwirtschaft sech am Abléck befënnt.

An am Avis vun der Chambre de l'Agriculture ass dat am Fong treffend resüméiert ginn: «La Chambre de l'Agriculture estime que cette attitude passive du législateur par rapport au secteur agricole n'est pas admissible! Elle craint que ce retard ne soit que l'expression du manque d'engagement du Gouvernement vis-à-vis du secteur agricole. En effet, la politique du Gouvernement actuel ne semble plus considérer le secteur agricole comme un secteur important et économique, mais plutôt comme un secteur en déclin qu'il n'y a plus lieu de prioriser.» Dat ass d'Meenung vun der Landwirtschaft zu der Politik vun deser Regierung, wat dee Sektor ubelaangt!

## (Interruption)

Mir investéieren hei bal 400 Milliounen iwwer all déi Joren an deenen eenzelne Bestëmmungen, déi an deem Gesetz festleien, souwuel fir d'Landwirtschaft, de Wäibau, d'Gäertner bis bei d'Beienziichter, déi zu 75% vum Lëtzebuerger Stat a 25% vun der Europäescher Unioun finanzéiert ginn. De Kolleg Edy Mertens huet virun hei dat als eng grouss Zomm dohinnergestallt an huet versicht, dass dann ze vergläiche mam Ausland, mat Rumänien a mat der Lorraine.

Bon, ech wëll dem Kolleg Mertens, Här Präsident, soen, dass mer awer hei zu Lëtzebuerg liewen, an net a Rumänien an och net an der Lorraine,...

## (Interruptions)

...an dass mer hei zu Lëtzebuerg an alle Secteuren aner Präisser hunn, aner Käschten hunn an dass och d'Gehälter hei aneschtens si wéi an anere Secteuren.

## (Interruption)

An och d'Gehälter vun den Doktere si sécherlech hei zu Lëtzebuerg aneschtens wéi a Rumänien. Och dass muss ee bedenken. A wann ee wëllt vergläichen, da muss een alles vergläichen an et kann een net ee Sektor eraushuelen an dann dohinnerstellen, wéi wann deen hei am Land mat Subside géif iwwerheeft ginn an an deenen anere Länner wier dat net de Fall. Da muss een dat och global dohinnerstellen.

Ee grouse Punkt, dass ass deen iwwert d'Prozeduren, wat d'Hëllefen ubelaangt. Wa mer wëssen, dass an Zukunft dat méi Insécuritéite mat sech bréngt, dass et schwéierfällg ass, „e schlecht équilibréierte System“, schreift d'Chambre de l'Agriculture.

Fir all Investitiounen muss een individuellen Dossier agereecht ginn a fir all Dossier si separat Prozedure fir d'Selektioun. All eenzelnen Dossier gëtt eenzel behandelt an eenzel no engem Punktesystem autoriséiert oder net. Fir dass e Betrib awer funktionéiert, muss en eng gesamtfunktionell Unitéit sinn. Wann een ee Stall baut, da muss een och zu dem Stall Zetäre





kënne bauen, et muss een e Stockage hunn, et muss ee Siloen hunn an et muss ee Scheieren hunn, fir Hee oder Stréi ze säckelen oder fir Maschinnen ze maachen (veuillez lire: ënnerstellen). Alles dat muss zesummen harmoniséieren.

Dat gëtt alles awer ënner engem Punktesystem no budgetäre Prioritéiten autoriséiert oder och net. Een Deel vu Projete kann autoriséiert ginn, een Deel kann net autoriséiert ginn. Dat ass keng Politik, déi e Bauer encouragéiert, ze investéieren. A vill administrativ Prozéduren an Ongewëssheet sinn d'Resultat, an et wäert duerfir net méi investéiert ginn oder net d'Leit encouragéieren, méi ze investéieren, bei esou enger komplizéierter an onsécherer Prozedur.

Nach kuerz, eng Minutt hunn ech, e Wuert zu der konventioneller oder der Biolandwirtschaft. Richtig ass, datt mer all en Intérêt hunn, fir d'Biolandwirtschaft finanziell ze ënnerstëtzen a fir déi och ze férdere. Mä et dierf net op d'Käschte vun der konventioneller Landwirtschaft goen.

Mir mussen wëssen, datt mer Leit och mussen ëmzillen. An ech hunn dat virdru gesot, wa mer mengen, de Konsument misst Bëllegwuier kafen, dann ass et Zäit, bis mer en erëmhunn, datt e Bio keeft. Da misst mer en emol fir d'Eischt dohinner kréien, datt en en uerdentleche Präis fir dat Konventionellt bezilt, ier mer en op der Bioschinn hätten. Et muss also do och en Émdenke kommen.

An ech mengen, de Kolleg huet och virdru gesot, den TTIP, iwwert dee mer hei am Parlament jo politesch e bësse vergiessen, driwwer ze diskutéieren - et pour cause! -, do wësse mer, wann dee géif a Kraaft trieden, datt dat eng zousätzlech Belaaschtung géif fir eis Betriber ginn. An duerfir hate mir net fir näischt als ADR och do eng Motioun agereecht, fir datt TTIP vum Parlament ratifizéiert misst ginn an datt et net nëmmen dierft op europäeschem Niveau gemaach ginn. Mä do huet dës Majoritéit bis elo awer och Raute gewénkt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deem Gesetz hei gëtt et eng Rei vu positive Moosnamen. An d'Landwirtschaft waart doudsécher op Subsidien. Mä et gëtt awer och eng ganz Retsch vun negativen Texter a Bestëmmungen an deem Gesetz hei. An duerfir enthalte mir eis.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. An enger Émfro vun TNS ILReS, déi de Mouvement écologique 2009 schonn an Opdrag ginn huet, goufen d'Konsumenten zu Lëtzebuerg gefrot, wéi eng Bedeitung fir si lokal, regional, saisonal an nohalteg produzéiert lesswueren spillen a wéi se zur landwirtschaftlecher Produktioun stinn.

Doraus ass Folgendes ervirgaangen: 92% vun de Befrote fannen et wichteg, regional a saisonal Produkter ze konsuméieren. 70% waren der Meinung, datt de Stat d'Ëmstellung op eng biologesch landwirtschaftlech Produktioun soll weiderdreien. 82% respektiv 81% fannen et wichteg, d'Biodiversitéit ze schützen an den Erhalt vu propperem Waasser ze verdeiden. Iwwer 80% vun de Leit sinn der Meinung gewiescht, datt a Kantine méi regional a biologesch Produkter sollen zerweiert ginn an och Restaurants sollen incitéiert ginn, deem Beispill nozegoen. 81% si schlisslech der Meinung, datt d'Bauere fair Präisser fir hir Produkter solle kréien a wiere souguer bereet, eppes méi fir d'Mëllec ze bezuelen.

Ouni ze vill an dës Zuele wëllen eranzeinterpretéieren, weisen d'Resultater awer, datt déi meescht Leit sech lokal a regional Produkter aus enger ekologescher, sozial nohalteger Landwirtschaft wënschen. An ech ginn dovunner aus, datt d'Majoritéit am Haus hei, vläicht souguer jiddwereen, och der Meinung ass, datt d'Biodiversitéit wichteg ass, datt et wichteg ass, lokal ze iessen, datt d'Bauern, zemools déi, déi d'Ëmwelt, de Buedem an d'Konsumente respektéieren, vun hirer Aarbecht liewe kënnen.

Eng Saach virewech: Jo, de Beruff vum Bauer ass keen einfache Beruff, och wann e sech staark moderniséiert huet. Mä an eiser Gesellschaft gëtt et vill Beruffer, wou d'Leit vill schaffe mussen, déi och net onbedéngt immens gutt bezuelt ginn, an deemno wéi ëmmer manner bezuelt ginn, an déi och eng grouss Responsabilitéit droen, an ouni deenen hire Beruff och eis Gesellschaft net richtig kéint funktionéieren. Infirmière ginn net gutt bezuelt, schaffen

immens vill, hunn eng staark Responsabilitéit a mussen sech u vill Prozéduren a Reglementer och halen. An där Beruffer gëtt et der vill.

Ech mengen, mir mussen oppassen, keng falsch Debatten ze féieren. Et geet net drëms, ze uerteelen, wat d'Bauere richtig maachen oder net richtig maachen. Et gëtt där enger an et gëtt där anerer. Dat wësse mer all. Mir mussen de Rame schafen, an deem d'Bauern duerno schaffen, dorëms geet et. De Ramen, deem ass an eisen Aen absurd, deem aktuellen, well en engersäits op de fräie Maart setzt. A vu datt de sougenannte fräie Maart guer net esou gutt funktionéiert, wéi dat an der Theorie esou schéi kléngt, muss d'Allgemengheet asprangen an d'Bauere mat Subside subventionéieren. Ass och richtig!

D'Fro stellt sech nëmmen: Wie subventionéiert een? A firwat? A vläicht sinn net onbedéngt ëmmer déi Richtig am richtige Mooss subventionéiert ginn a vläicht och net encouragéiert ginn, fir gewësse Reformen ze maachen, well et ass scho verständlech, wann een e Betrib muss féieren, da weess een net onbedéngt ëmmer, wéi et muer ausgesäit. An de Risiko anzegoen, dat ass gutt fir Theoretiker, mä natierlech muss do e klöre Rame bestoen, well mir sinn eis all eens hei, datt mir dovunner ausginn, datt immens vill Bauere wëilten an déi Richtung goen, fir lokal an esou propper wéi méiglech kënnen ze produzéieren.

D'Biolandwirtschaft huet haut en Undeel vun 3% un der gesamter bewirtschafteter Fläch. Den Här Anzia ass virdun och dorobber agaan. Et gëtt eng Retsch Länner an Europa, déi gutt 20% Biolandwirtschaft hunn. Dat Beispill vu Liechtenstein vun 30% wouss ech emol net. Dat sinn esou kleng Länner, fir déi ee sech och net ëmmer interesséiert. Souguer eis Lëtzebuerger geschitt dat.

D'Produkter, déi op där Fläch awer erzeugt ginn, gi bäi Wäitem net duer, fir d'Nofro ze stëllen. D'Veaarbechtungen, an d'Logistikstrukture fir biologesch Erzeugnesser, déi feele ganz oft. Mir hunn eng Landwirtschaft, déi an hirer konventioneller Ausprägung duerch den Asaz vu Planzeschutzmëttel a chemeschem Dünger, duerch den Ubau vu Monokulturen a feelender Fruchtfolge, duerch d'Notzung vun décke Maschinne maassgeblech zum Réckgang vun der Biodiversitéit bäidréit an d'Qualitéit vum Waasser a vum Buedem schiedegt.

A Wierkechkeet, an dat ass ëmmer méi gewosst, sinn eis Biedem, a ganz Europa d'ailleurs, um Ausstierwen. Dat huet net nëmme mam Asaz vu Chemie ze dinn, mä och mat der Tendenz, ze vill déif ze plouen, wat dee ganzen natierlechen a regenerative Prozess vun de Biedem zerstéiert.

Mir hunn och eng Landwirtschaft, déi schrumpft. D'Zuel vun de Betriber ass mat knapp iwwer 2.000 haut esou déif wéi ni. Fir d'Zuel vun de Beschäftegten an der Landwirtschaft zielt datselwecht. D'Wäertschöpfung geet zrëck. Dës Entwécklung sinn awer beleet gi vun enger massiver Konzentratioun an der Landwirtschaft, déi d'Folleg war och vun der PAC. Esou sinn déi bewirtschaft Fläche vum Duerchschnëttsbetrib haut esou grouss wéi ni, an d'Hauptproduktioun, d'Mëllec, gëtt an ëmmer méi grouse Quantitéiten op ëmmer méi vun de besteeënden Häff produzéiert.

A wann ech liesen, datt mir eis doriwwer freeën, datt mer erëm eng Nisch hätte fir eis Landwirtschaft, déi aus Fleesch- a Mëllecproduktioun besteet, da stellen ech mer seriö Froen, ob mer wierkech eng responsabel Landwirtschaftspolitik wëlle bedriewen. D'Konzentratioun op Fleesch an op Mëllec ass keng Nisch. Et ass éischter e Lach, an dat eis Landwirtschaft kéint falen.

An dat ass d'ailleurs am Widdersproch och mat där SWOT-Analys, wou ee liese kann: «Les goûts des consommateurs tendent vers des produits plus diversifiés, exotiques et simples à préparer. En même temps, l'image des produits laitiers et de viande est détériorée.» Mëllec a Fleesch sinn emol keng Visioun fir d'Géigewuert an ëmsou manner fir d'Zukunft.

Dës Produktioun, net nëmme vu Mëllec, mä och vu Fleesch, setzt den Import vu proteinhaltige Fuddermëttel viraus, wat nieft klimapolitische Problemer och seriö mënscherechlech Bedenken opwerft, dat wësse mer och. A Südamerika gëtt Bësch ofgeholzt, CO<sub>2</sub> gëtt fräigesat, d'Biodiversitéit gëtt zerstéiert, „land grabbing“, d'Leit gi vun hire Länneren verdriwwen a gi krank opgrond vu Pestiziden an Herbiziden.

Mä déi Nisch, déi eng „niche“ ass, an där kee Mupp wëllt schlofe goen, déi bedeit, datt 50% vun der Surface agricole utile als Fudderquell benotzt gëtt. Ech stellen d'Fro: Kéint een de Buedem net och fir aner Saache gebrauchen?

Mir hunn eng Landwirtschaft, déi duerch d'Liberalisierung enger immenser Konkurrenz bei de Präisser ënnerläit, déi d'Konzentratioun vun

der Landwirtschaft provozéiert. Do géif ech de President vum Agrarausschuss aus dem EU-Parlament, de Fransous Eric Andrieu aus der sozialistescher Fraktioun, zitéieren, deem am Januar gesot huet - ech zitéieren: «A force de libéraliser au niveau international et de déréguler au niveau européen on met en danger le devenir des millions d'agriculteurs et la sécurité alimentaire des consommateurs européens. Il est temps de sortir d'une approche libérale et linéaire de la Commission européenne, la seule exportation ne peut régler tous les problèmes.»

D'Betriber mussen wëssen an hir Produktiounskapacités eropsetzen, meeschtens op d'Käschte vum Ëmwelt- an Déiereschutz, fir iwwerhaupt kënnen ze iwwerliewen. Se mussen sech spezialiséieren, fir hir Käschten esou déif wéi méiglech ze halen, ënner anerem och beim Personal.

Déi heirauss entstond Iwwerproduktioun, wéi zum Beispill bei der europäescher Mëllec, féiert natierlech zu weider falende Präisser. Fair Präisser an anstänneg Revenue fir Baueren an Ugestallter sinn esou net méiglech! An d'Iwwerproduktioun gëtt dann zu Dumpingpräisser a méi aarme Géigende vun der Welt op de Maart gehäit, woumat d'Landwirtschaft an deene Länner an d'Liewensgrundlage vun der lokaler Bevëlkerung zerstéiert ginn.

Lëtzebuerg zum Beispill mécht dat mat der Mëllec, vun där mir 60% exportéieren a Mauritanien oder an de Ghana. Et dierf ee sech och net herno wonneren, wann an dese Géigenden dat zu gréisseren Déséquilibere féiert.

D'PAC fiedert dës Problemer fir europäesch Baueren deelweis of. Mä se féiert awer och e System weider, dee keng Zukunft kann hunn. Lëtzebuerg ka mat sengem PDR net all dës Problemer léisen, natierlech. Allerdéngs bitt dëst Instrument der Regierung awer d'Méiglechkeet, mat enger zilgerichter Politik an den néidege finanzielle Mëttel verschidde Weichstellungen ze maachen.

Mir mengen awer generell, datt an deem Projet de loi keng richtig Visioun, keng Strategie besteet. Et gëtt kengem op d'Feiss getréppelt. Et gëtt dem Trend vun der Industrialisierung a vun der Konzentratioun nogelaf, deem och net a Fro gestallt gëtt. Dernieft ënnerläit de Projet der Spuerpolitik an dem Kompetitivitéitsmantra. Esou ass keng nohalteg, ekologesch a sozial Neiausrichtung vun der Landwirtschaft méiglech.

Déck Betriber kréie méi a si bevirdeelegt de klenge géigeniwwer. De Plaffong, deem hei agefouert gëtt, ass u sech zwar ze begreifen. Mä anstatt déi Suen ëmzeverdeelen a konkret politesch Ziler an der Landwirtschaft ze verfolgen, gi se agespuert. Et ass vill Drock ausgeübt ginn, och fir de Plaffong esou héich wéi méiglech ze halen.

Et gouf zum Beispill kee Plaffong fréier och fir den Akaf vu Maschinnen. Wat geschouch? D'Maschinnen, an zum Beispill riseg Méidrescher, déi goufe regelrecht exportsubventionéiert, wann een dat esou wëllt soen, datt se an d'Ausland gaange sinn, well se hei dem Besoin net entsprach hunn. An da si se an d'Ausland dresche gaangen, do, wou natierlech och d'Bauern net déi entsprechend Subside kruten.

Esou gëtt der Konzentratioun vu Betriber net entgéintgewierkt. Ganz am Géigendeel! De klenge Familljebetrib kënnt hei potenziell méi schlecht ewech. An dat ass onlogesch. Wa grouss Betriber, wéi ëmmer gesot gëtt, méi effikass kënnen schaffen, da stellt ee sech d'Fro, firwat déi och besser subventionéiert solle ginn.

An och wann de Plaffong agefouert gëtt, da stelle mer fest, datt grouss Exploitationen eendeitig da méi bevirdeelegt ginn. Wann een eng Exploitation vun enger UTA, enger Unité de travail agricole, hält - wat och nach eng Berechnungsmethod ass, déi ee kéint a Fro stellen, déi Leit a Fro stellen -, huet déi e Plaffong da vun enger hallwer Millioun Euro. Eng Exploitation awer vu fénnef UTAen huet e Plaffong vun 1,7 Milliounen Euro. Do kéint ee soen: 5 mol 1,5 Millioun, dat ergëtt 2,5 Milliounen. Dat ass méi wéi 1,7 Milliounen.

Mä ech mengen, esou kann een dat net berechnen, an do kéint een och vun de Präisser vun Akerland schwätzen. An ech mengen, et kann een och wierkech net esou berechnen, well wann ee vun der Économie d'échelle ausgeet, da weess een, och wann et vläicht an absoluten Zuelen degressiv ass, ass et a relative Montante progressiv.

A wann da monéiert och gëtt, datt gréisser Betriber méi produktiv wieren a méi effikass schaffe kéinten, da stellt sech d'Fro, firwat se esou staark subventionéiert ginn. - Dat hunn ech virdru scho gesot. Ech war menger Zäit viraus.

(Interruption)

Mir hunn och e Problem mat de Selektionskriterien bei de Subventionen, well hei kënnt quasi

all Betrib an de Genoss vun ekologesche Primmen, ouni dat kloer ass, ob iwwerhaupt eppes erreecht gëtt, wéi verschidden Ziler, och wat d'Biodiversitéit an de Waasserschutz ugeet, sollen ëmgesat ginn. Dat ass net esou ganz kloer. All Betriber mussen awer ab elo Dossierer eraginn, ier se kënnen Subventiounen kréien.

Esou entsteet natierlech bürokrateschen Opwand, dee weder dem Bauer nach der Ëmwelt onbedéngt eppes bréngt. An do erëm: De gréisssere Betrib ka sech dee bürokrateschen Opwand wahrscheinlech besser leeschte wéi dee méi klengen. An de gréisssere Betrib, deem et net esou eescht hält vläicht mat den ekologesche Kritären, dee kann trotzdem dann dës Primme kréien, woubäi dee klenge Betrib, deem et seriö mécht an dofir och méi Geld investéiere muss, dee kritt dës Primmen och, mä ass erëm eng Kéier an deem Kontext dann der deloyaler Konkurrenz vum grësseren, vläicht manner ekologesche Betrib ausgesat.

Biolandwirtschaft an d'Transitioun hin zur Biolandwirtschaft bleiwen ekonomesch weiderhi weenig rentabel. De Manque à gagner vu Biobetriber par rapport zu konventionelle gëtt mat de proposéierte Primmen net ausgeglaach, an esou bleift leider Bio eppes fir Idealisten.

Här President, ech hu geschter och mat grousem Interesse dem Här Graas senger Question élargie nogelauschtert iwwert d'Verhandlungen tëschent der EU an dem Mercosur.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Beim Här Graas, jo, et waren der net vill, mengen ech, déi gutt nogelauschtert hunn. Leider sinn interessant Debatten ëmmer um Enn vu Sätzungen. Dat misst een erëm gesinn.

Mä den Här Graas huet sech vill Suerge gemaach, an dat zu Recht. Ech muss awer och soen, datt mir eis awer e bëssen als Lénk och freeën, datt lues a lues jiddwereen ufänkt, dat anzegesinn, wat mir scho viru Joren dénoncéiert hunn a wou virdru mir gewarnt hunn a wou keen eis seriö geholl huet. Elo, wou et eescht gëtt, elo, wou d'Gefore konkret ginn, fänken der u mat zidderen.

Den Här Graas huet zu Recht eng Parallel zu TTIP gezunn. Déi Parallel kann een zum CETA natierlech och féieren. An et ass richtig ze soen, datt et net nëmmen ëm dës Accorde geet, well d'EU eng ganz Hällewull vun Accorden verhandelt mat anere Géigende vun der Welt, déi kengem Bierger zegutkommen, well se dem Drock vun de Multie Rechnung droen.

D'Bauern an Europa an och hei zu Lëtzebuerg, a souguer déi Baueren, déi mengen, si wiere Groussbaueren, solle sech seriö Suerge maachen! Si wäerten déi Konkurrenz net nëmmen aus Latäinamerika, mä och net aus den USA aushalen, well esou, wéi an den USA oder Latäinamerika Fleesch produzéiert gëtt, mat Antibiotika a Wuesstumshormonen an den „feedlots“, do wäerte se net kënnen mathalen.

An do wollt ech awer och op eng gewëssen Hypokrisie hiweisen, déi hiresgläichen awer hei sicht. Hei am Haus gëtt et Vertrieeder, déi sech als grouss Verteideger vun der Landwirtschaft duerstellen, an ech kucke ganz bewosst op meng riets Säit, déi sech als grouss Verteideger vun de Baueren duerstellen, oder inszenéieren, an déi awer, am selwechten Otemzuch, fir den TTIP sinn, fir de CETA sinn, fir all déi Handelsverträge och ëmmer gestëmmt hunn.

Wéi kredibel ass dat? Well wie fir den TTIP ass oder fir de CETA ass, dee fält de Baueren an de Réck! An och wann elo d'ADR, ënner anerem, entdeckt huet, datt den TTIP oder de CETA vläicht schlecht kéinte sinn, well se elo och e bëssen d'Émfroe kucken, wëll ech just nëmmen drun erënneren: Virun zwee Joer hat de Justin Turpel hei eng Ried gehalen iwwert den TTIP. Do haten der net vill driwwer geschwat. Den Här Kartheiser, dee stoung hei an deem huet den TTIP mat ganzer Kraaft a mat ganzer Wucht verteidegt. An e sot, dat wieren alles lénk a gréng Hirngespinnster an esou weider, deenen dierft ee guer net nolauschteren. Elo op eemol maache se esou, wéi wa se géint den TTIP an de CETA wieren, well se och matkritik hunn, datt d'Bauere sech Suerge maachen. - Zu Recht maache se sech Suergen!

Dofir wollt ech awer nach do opruffen, datt d'Leit, déi sech ëm d'Landwirtschaft, ëm d'Bauere Suerge maachen, an d'Bauere selwer, déi mussen ganz gutt oppassen, wat hir Volleksvertrieeder alles esou maachen an awëfern si och kredibel a kohärent sinn.

Ech soen lech Merci. An deem Sënn, aus deene verschiddene Grënn - ech sinn net un d'Enn vu menger Ried komm - wäerte mer trotzdem géint dese Projet de loi stëmmen.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

(Hilarité et brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Am Compte rendu wäert stoen «une voix isolée».



**(Hilarité et interruption)**

An nächst Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert, déi scho prett hei steet. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en neit Agrargesetz ass ëmmer e wichtege Moment fir de Secteur. Natierlech kann et ni perfekt sinn. Wat a wien ass dat schonn? Mä et sollt jiddefalls d'Landwirtschaft virubréngen, Impulser ginn.

Et ass jo en Entwécklungsgesetz, e Siwejoresplang fir de Secteur. Dëst Gesetz kënnt dobäi zu enger Zäit, wou d'Landwirtschaft besonnesch groussem finanziellen an och anerem Drock ausgesetzt ass. Dofir muss en neit Gesetz de Secteur op d'Zukunft virbereede kënnen. D'CSV wëllt eng zukunftsfaeg Landwirtschaft, dofir ass Innovatioun wichteg, wat mer jo alleguer heibannen - d'Majoritéit sougutt wéi mir an der CSV, a sämtlech Parteien heibannen - bevirdelegen. Fir all Wirtschaftszweig hätte mer dat gär, dofir sinn d'PLEn eng gutt Iddi. D'Martine Hansen an anerer hu schonn drop higewisen.

D'Resultater vun den Innovatioune mussen awer an d'Praxis kënnen ëmgesat ginn, an dëst Gesetz gesäit selwer vir, datt et esou muss sinn. Do kënnt d'Berodung an d'Spill. D'Berodung ass immens wichteg fir d'Entwécklung vun de Betriber, fir nohalteg, qualitativ a wettbewerbsfaeg Landwirtschaft a Wäibau ze garantéieren. Dofir däerf ee se och net administrativ iwwerfrachten. Dat gëtt awer deels de Fall hei. Och den neie Conseil agricole, deen a sech gutt ass, muss de Realitéiten ugepasst sinn an e misst allëmfaassend sinn an déi dräi Piliere vun der Nohaltegkeet kucken, soss ass et net kohärent. Och hei soll den Opwand net iwwerhandhuelen.

De Verwaltungsopwand däerf och net ausarten an der praktescher Ëmsetzung vun der Berodungsbäihëllef. Déi nei Konditiounen a Modalitéite vun der Bäihëllef dierfen net verhënnern, datt an Zukunft d'Berodungsdéngscht-leechter nach déiselwecht Qualitéit a Berodungsvolume wéi bis elo ubidde kënnen. Dat wär e Réckschrëtt, deen zu engem Qualitéitsréckgang vun der Produktioun féiere géif. Dat wär eng Katastroph. An et misst jiddwerengem uewe leien, d'Qualitéitshierstellung ze förderen. Also muss op déi praktesch Uwendung herno opgepasst ginn.

Et ass awer dramatesch fir d'Organisatiounen, datt d'Reglements grand-ducaux iwwert d'Berodung nach feelen. Si kënnen net wëssen, wou se dru sinn, wéi se hir Leit solle bezuelen a wéi se sech esou séier herno op déi nei Situation astelle sollen, fir rapid dem Secteur nees Berodung maachen ze kënnen.

Als Deputéierte kenne mir just eenzel Detailer heiriwwer, déi de Minister op anere Plaze gesot huet. Mä do stellt sech d'Fro: Firwat gëtt et net deeselechten Taux fir jiddweren? Wéi geet et mat de Modullen an der Ofrechnung herno an der Praxis? Geet herno de Berodungsdéngschter hire Budget op, fir weiderhi genuch a qualitativ Berodung leeschten ze kënnen fir d'Bauern a fir d'Wénzer?

Et wär gutt, wann d'Regierung nach hir Reglementsprojete géif iwwerkucken, fir datt all d'Betriber gläich behandelt kënnen ginn. Dat bréngt mech zu de groussherzogleche Reglementer, den Ausféierungsbestëmmungen.

Dir Dammen an Dir Hären, et déngt näischt, datt haut endlech iwwert d'Agrargesetz ofgestëmmt gëtt heibannen, d'Gesetz kann nämlech nach net ugewannt ginn! Et kann nach näischt ausbezuelt ginn, well d'Reglementer nach net do sinn. Dobäi hätt ee weinstens all déi Zäit profitéiere kënnen, fir sech mat de Reglementer virzeschaffen, wéi et elo Verspéidung ginn ass, well déi Verspéidung gëtt elo nach méi grouss. De Rapporteur, hunn ech iergendwou gelies gehat, hat gesot, uganks Juli wär et sécher a Kraaft. Mä dat sinn nach zwee Méint weider!

Dobäi hat d'CSV begréisst, datt de Minister den Deputéierten zougesot hat, hinnen d'Reglementer ze ginn. En hat d'lescht Jor iterativ gesot, mir géife se viru Chrëschttag kréien. Ech weess net, ob e Mokuchsdag gemengt hat, well bis haut hu mer déi wichtegst Reglementer nach net all kritt, wéi zum Beispill déi vun den Agrarëmweltmoosnamen.

Mir hunn och keen aktualiséierten Text iwwert d'Investitiounslëschten an d'Selektionskritären, oder mir wëssen net, ob dat, wat mer kritt haten, déi lescht Versioun ass. Mir kënnen eis also kee Bild maachen iwwert d'Agrargesetz a seng Auswierkungen um Terrain a beim Beruff. Wann ee wëllt eng Bewäertung maache vum Gesetz, da sollt een och all d'Elementer kennen, an dozou gehéieren d'Ausféierungsbestëmmungen. Dat kënnen mir elo net, wat mir bedauern, obscho mir se ëmmer nees versprach kritt haten.

Elo hunn ech op der Internetsäit vun der Landwirtschaftskammer hiert Gutachte vu virgëschter gesinn zu den dräi Haaptreglementer, wou mir vum Minister nach keen Dokument kritt haten. Wann ech hir Observatioune liesen, muss ech zwou Konklusiounen zéien: Éischtens, et sinn nach méi Argumenter, fir sech bei dësem Gesetz ze enthalten. Et si fir eis nach vill méi Argumenter mat deem, wat an deenen Avisen do drasteet, fir datt mir eis zum Gesetz enthalten. An zweetens: Ech hoffen, datt den Umierkunge vun der Kammer Rechnung gedroe gëtt a weinstens d'Reglementer nach nogebessert ginn.

Sou heescht et zum Beispill iwwert d'Landwirtschaftsprimm, datt déi ganz wichteg ass fir den Agrarsector, mä den neie Regimm «constitue un vrai monstre administratif et, en raison du degré de détail et de la complexité des conditions d'éligibilité, une chausse-trappe sans pareil pour les exploitants». Esou sinn d'Tatsaache vun der Vereinfachung ënnert dëser Regierung!

Doduerch muss zousätzlech och nach bezweifelt ginn, datt déi nei Regelung en «effet incitatif en matière de techniques plus respectueuses de l'environnement» net méi géif kënnen kréien. Mä dat ass natierlech dann duebel schued, well mir wëlle jo eng ëmmer méi extensiv Landwirtschaft. Dat hei ass also net kohärent.

D'selwecht seet d'Kammer zum Reglements-entwurf iwwert d'Agrarëmweltmoosnamen, datt se begréisst, datt dës Bäihëllef weidergefouert gëtt, och ënnert dësem Agrargesetz. Awer si monéiert nees d'Multiplication de restrictions, den Degré de détail, de la complexité des conditions d'éligibilité et de la hauteur des sanctions.

Dat ass inkohärent! Esou gëtt weder de Bauer nach d'Ëmwelt entlaascht. Insgesamt ginn déi administrativ Prozedure vill méi schwéierfällig a komplex mat dësem neie Gesetz, wat mir bedauern.

Firwat ass et normal, virzeschreiwen, wéini mam Plou op d'Stëck däerf gefuer ginn? Oder wéini een d'Kéi érischt däerf op d'Weed erausloossen a verschiddene Géigenden, a verschiddene Beräicher, zum Beispill nom 15. Juli? Et geet och dann net op mat deem, wat zum Beispill den Här Anzia gesot huet, zu Recht: „Et ass gutt, wann d'Kéi kënnen dobause sinn. Et ass gutt, wa se kënnen an d'Perche goen.“ A mir hu jo hei am Land schonn den Nodeel, datt mer dat net esou laang kënnen hu wéi an eenzelnen anere Länner wéi Irland oder Neiséiland. Also ass dat natierlech wierklech eng Saach, wou ee sech muss d'Fro stellen: Ass dat wierklech néideg?

Och beim Akraafttrieden hätt d'CSV sech méi genau Aussoe gewënscht gehat. Och dem Rapporteur seng Ausso vun elo grad virdrun huet mir net all Antworte ginn. D'Reglement, wat virgesinn ass am Artikel 82 (2), dat feelt nach. An et ass net dem Secteur säi Feeler, datt en elo iwwer zwee Joer kee Gesetz hat, wouno e sech riichte konnt, datt en d'Konditioune vun der Stee net kenne konnt, mä se deelweis awer schonn erfëlle sollt. Dofir misst d'Retroaktivitéit och konsequent en faveur vum Bauer a Wénzer, vum Administré, fir ausdrécklech juristische Jargon ze benotzen, interpretéiert ginn.

Zwar sinn allgemeng Bestëmmungen nogeschoss ginn, awer wéi ass et da mam Ausbezuelen? Ech schwätzen hei net vu Moratoireszënsen, mä et sollt een d'Bestëmmungen en faveur vum Concernéierten interpretéieren an ausféieren, a schonn esou vill Verspéidung opkomm ass wéi bis elo.

D'Saach mat der Demande préalable - wou mer driwwer diskutéiert haten, déi een elo hätt misse maachen -, déi hätt een awer elo misse maachen, ouni datt eng gesetzlech Basis dofir existéiert huet, well se ass jo nach net a Kraaft! Déi Saach do bleift, fäerten ech, och eng Affär fir d'Gerichter.

D'Betriber hänken also ewell zwee Joer laang an der Luucht. Et bleiwen Ongewëssheeten. Gëtt zum Beispill dee méi héijen Taux vun der Méigeforeversécherung réckwierkend op 2014 ausbezuelt? Jo, et steet am Artikel 82 (1): «La présente loi produit ses effets à partir du...» Et komme verschidden Datumen am lafende Joer 2014, da misst dat jo och esou sinn. Mä ass dat dann och wierklech esou, Här Minister? Well d'Antwerte vun den Instance ware mir net ëmmer kloer an där Hisiicht hei.

Ech wëll eng Klammer opmaachen a soen, datt et begrëssenswäert ass, datt de Subventions-taux hei op de Maximum ugehewe gëtt, deen europäesch erlaabt ass. Et muss een natierlech awer och gesinn, datt déi Versécherungen immens deier ze stoe kommen, egal wéi.

Et ass awer unzëerkennen, datt en administrativ einfache Wee gesicht ginn ass, fir den Antrag ze stellen, jiddefalls emol fir d'Musel. An elo hoffe mer, datt net nach an de Modalitéiten oder äänleche Saachen herno eppes do derbäi ännert vis-à-vis vun haut.

Eng aner Fro: Wéi geet et mam Ausbeziele vun de Primmepprogrammer Landschaftsfléeg an Agrarëmwelt, wou déi lescht zwee Joer laang keng nei Kontrakter gemaach konnte ginn? Et konnt jo net, well et war jo keen Text do, keng Base juridique. Kréien nei Kontrakter elo réckwierkend Kraaft, oder ginn einfach zwee Joer Sue gespuert op d'Käschte vu Landwirtschaft a Wäibau? Ech géif awer do virdu warnen, well da kéint jo den Androck opkommen, d'Verspéidung vum Gesetz wär gewollt gewiescht. Dovunner gi mer jo emol net aus.

Am Regëster vu weideren Ongewëssheete kënnt een och net derlaanscht, déi nei Selektionsprozedur an d'Selektionskritären ze ernimmen. Mir hunn heibannen zweemol d'Reglementer kritt, wëssen awer net, wat de leschte Stand ass. Bis elo ass et jiddefalls eppes, wat riskéiert, wéi eng Lotterie ze ginn. Et weess een net, wéi et funktionéiert. Dat ass eng grouss Onsécherheet fir d'Betriber!

Et kënnt jo derbäi, datt een all d'Geneemegungen am Virfeld muss hunn. Dat ass net kohärent. A wann een dann net an där Lotterie do gewonnen huet an de Projet net ugeholl ginn ass, dann ass et sécher och keng administrativ Vereinfachung - an dat ass eng Tatsaach! - an et huet awer vill Käschte verursaacht. Prévisibilitéit ass aneschtens!

Et kéint ee sech och froen, firwat fir kleng Investissementer déi komplizéiert Prozedur iwwerhaapt muss gemaach ginn, ob déi net kéint do ganz kuerz a ganz aneschtens gemaach ginn.

Mä och wann d'Selektioun nei vum EU-Reglement virgesinn ass, esou ass dës Prozedur also alles aneschtens wéi eng administrativ Vereinfachung. Dobäi gëtt et Beispiller am Ausland, wou se dëse Regimm aneschtens gestalt hunn, well d'Selektionskritären, déi leien am nationale Spillraum, Dir Dammen an Dir Hären. D'Regierung hätt sech hei méi Flexibilitéit solle ginn. Fir e Fördergesetz geet dat hei net duer!

Ernimme mer hei och nach d'Ongewëssheet, ob déi jeeweileg periodesch Budgetsenveloppen duer wäerte goen. Ech sinn do e bësse méi skeptesch wéi den Här Minister, ausser wann näischt investéiert géif ginn, oder wa kee Projet ugeholl géif ginn, mat där Prozedur, déi ech elo grad beschriwwen hunn. Quod non, hoffen ech!

Kontrollen a Sanktioune passen och nach an dat Kapitel hei eran a si mussen de Prinzip vun der Proportionalitéit respektéieren a si sollen net zur Onsécherheet bäidroen, souwuel en quantité wéi en volume.

D'Sanktiounen, déi d'Bauern an d'Wénzer opgebrummt kréien, stinn dacks net am Verhältnis zu de festgestallte Verstéiss. Proportionalitéit ass wichteg an et ass e wichtege fundamentale juristische Prinzip, deen een hei ëmmer erëm brauch. Esou kann et eigentlech net sinn, datt bei ville Moosnamen direkt bei minimale Verstéiss alles ofgezu gëtt.

Nach eng ongewëss Fro, wou den Här Minister eis vläicht eng Informatioun ka ginn: Wéi ass et mat der Ausgläichzoulag no 2017? Dat ass net méi ganz laang. Wou sinn d'Diskussiounen do drun? Mir mussen op jidde Fall kucken, e Maximum u Flächen doranner ze behalen.

Bei den Ongewëssheete kommen natierlech dann och nach déi administrativ Ongewëssheeten derbäi. D'Martine Hansen, mä och aner Riedner hei viru mir, hu vun de villen Oploen aus verschiddenen Haiser geschwat. Ech ginn net méi dorobber an.

Ech muss awer nach soen, datt et immens laang, einfach ze laang dauert, bis eng Geneemegung, fir zum Beispill auszubauen oder auszesidelen, kënnt, onofhängeg dovun, datt ëmmer erëm nei Oploen en cours de route kommen. Fäll, wou se elo schonn zwee Joer amgaange si mat der Geneemegung, fir auszesidelen, si leider keng Ausnam.

A wann dat e Wénzerbetrib mat Kellerei ass, da weess jo jiddwereen heibannen, datt, wann een net ëm dës Zäit am Joer mat bauen ufänke kann, well d'Geneemegung nach ëmmer net do ass, da kann een deen nächsten Hierscht och net an deen neie Keller leeën. Da geet nach vill méi wéi ee ganz Joer verluer. An dat si reell wirtschaftlech Aboussen, fir déi eigentlech dem Stat seng Servicer verantwortlech sinn. Et däerf och no véier Méint en zoustänneg Beamte roueg emol, wéi versprach, zrëckruffen.

Hei stelle sech also zwee Problemer, well dat ass einfach iwwerdriwwen: éischtens, d'Délaien; zweetens, keng Transparenz an de Kritären. An ech verweisen op d'Motioun vun Martine Hansen vu virdrun. Och hei ass keng Planungssécherheet. Et ass net nëmmen ongewëss, mä och onberechenbar! An ech hoffen, datt déi Visiounen aus deem Haus net einfach nëmme just wäerte sech drop beschränken, d'Bauern an d'Wénzer dohier ze maachen.

Am Kontext vum Agrargesetz bleiwen ech beim Wäibau. Verschidde vun den neie Regimern vum Gesetz droen net de Spezifitéite vum Wäibau Rechnung, wéi zum Beispill den Astiigspräis fir d'Maschinen. De Minimum-Invest, dee fir d'Maschinne virgeschriwwen ass, ass dem Wäibau net ugepasst. D'CSV bedauert dohier, datt hiren Amendement net ugeholl gi war, fir de Seuil d'entrée nach erfzesetzen.

Souwiso ass och d'Lëscht vun de Maschinen net ugepasst. D'Lëscht ass exhaustiv. Dat heescht, dat, wat de Moment nei an innovativ ass, steet zum Beispill net dran, souwäit wéi mir wësse jiddefalls. An d'Lëscht ass limitativ a fir méi Joren opgestallt.

Och wann et e Reglement ass, esou däerf een awer bezweifelen, datt déi Lëscht wäert opgemach ginn, fir se neien Entwécklungen unzepassen. Sou ass duerch eng figéiert Lëscht den Innovatiounen, déi jo als Eenzeg nach solle subventionéiert ginn no dësem Gesetz, duerch déi figéiert Lëscht ass elo den Innovatioune kee Raum méi gelooss. An dat ass inkohärent!

Am Fong wär et am beschte gewiescht, beim neie System vun dësem Agrargesetz guer keng obligatoresch Lëscht vu Maschinen opzustellen, vläicht och kee Seuil minimum, well et gëtt jo e Plafond maximal, mä se fräi ze loosse, eventuell verschidde Saachen auszeschleissen. Mä esou hätt een nei Entwécklungen kënnen fërdere an net verhënnere.

Am Wéngert zum Beispill misst eigentlech alles, wat mechanesch Buedembearbeitung ass, direkt förderfäeg sinn. Ech schwätzen zum Beispill vun deenen neie Rollhacken, fir d'Unterstockbearbeitung ze maachen, well et hëlleft, datt manner gesprëzt muss ginn, an et ass och gutt am Biowäibau. Do gi mechanesch Methode gradesou gebraucht wéi am konventionelle Beräich. Awer esou Maschinne sinn och nach net deier genuch. Dat ass och dat falscht Incitationssignal.

Natierlech, et ass richtig, hu mir de leschte Stand net vun dësem Reglement. Mir haten éischt Fassung kritt, dat wëll ech och ervirsträchen, ervirhiwen a Merci dofir soen, mä dofir géif ech den Här Minister froen, ob e gewëllt ass, dës Lëscht weinstens elo nach unzepassen.

Och d'Selektionskritären an d'Punktenziel benodelegen de Wäibau. Hir Chancen, fir an de Prioritéterang ze kommen, si sécher net esou gutt - déi vun de Wénzer -, ausser bei de jonke Wénzer, och wann et elo zéng Punkte gëtt, soubal wéi ee bei der AOP matmécht, an datt jiddwereen och elo just nach ee Punkt brauch, fir net eliminéiert ze ginn, falls dat dann och definitiv esou wäert sinn herno. Mä gläichzäitig weist déi eventuell Neierung vun deem enge Punkt am Fong geholl och, datt de System e bësse komesch ass a féiert am Fong dee ganze System ad absurdum.

Bei den Agrarëmweltmoosname wësse mer, datt grad an de Wéngerte vill Ustrengunge gemaach ginn, fir d'Biodiversitéit ze förderen, zum Beispill mat där sougenannter Wollefsmëschung vu Kraider a Blumen, déi och ganz beiefreëndlech ass. An et besteet eng ganz grouss Bereitschaft op der Musel, weider op esou Weeër ze goen, och am Planzeschutz, fir ëmmer méi ekologesch Mëttele anzesetzen. Dat gëtt leider dacks vergiess.

Datt de RAK méi héich gefërdert gëtt, ass sécher ze begrëssen. Hoffentlech wäerten, och wann et keng Helikoptergenossenschaft méi gëtt, nach iwwerall RAKen opgehaange ginn, well dat wär soss e grouse Problem.

Schued ass eventuell, datt bei der Landschaftsfleegeprimm déi géi Wéngerten net méi staark ënnerstëtzt ginn. Et ass keng Progressivitéit méi haut dran. Och wann et natierlech fir vill Leit gutt ass a flott ass, wann d'Wéngerte mëttlerweil alleguer kënnen mat dra sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'LAG ass aktuell net roseg am Wäibau. Et kënnt derbäi, datt et och nach virun zwou Woche plazeweis zolidd erkaalt ass. Et ass dofir de Moment, datt mir eis hei am héijen Haus méi genau mat deem Secteur ofginn, an ech froen heimadder eng Interpellatioun iwwert de Wäibau un. Här President, wann ech gelift!

**(Dépôt d'une demande d'interpellation par Mme Octavie Modert.)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Ech weess net, Här Minister, ob op den Assises agricoles, déi jo nächstens eng Kéier solle sinn, och iwwert de Wäibau rieds geet. Mä et wär interessant, denken ech, och fir eis alleguer heiban-





nen ze wëssen, weini dës Assisë stattfanne wäerten. Kënnt Dir eis do den Datum scho soen? Läit dee scho fest?

Ech kommen, Dir Dammen an Dir Hären, op ee leschte wichtige Piller vum Agrargesetz, dee vun der Entwécklung vum ländleche Raum, wat eng bewäerte Moosssnam ass. Hei huet sech an deem Gesetz och net vill geännert, bal näischt.

D'LEADER-Initiativen an hire Bottom-up-Prinzip, déi hu sech jo och bewäert, de Prinzip vum selwer Gestalte fir d'Awunner aus dem ländleche Raum, datt si dat mat hirem eegene Liebensfeld maache kënnen. An esou ass mat weinege Mëttelen eigentlech e Resultat erreecht ginn, wat vum Bierger gedroen ass. Souguer d'Naturparke sinn eng Emanatioun vum LEADER. Deen éischte war dee vun der Uewersauer mam Marco Schank. Den Naturpark Mëllerdall gëtt an engem Mount offiziell gegrënnt. De Guichet unique fir d'PMEn ass am Kanton Clief aus dem LEADER eraus entstanen ënnert dem Emile Eicher. Dat sinn also ganz vill Initiativen, déi ganz glécklech a richtungsweisend Entwécklung fir de ländleche Raum bruecht hunn.

Och d'PDCen, d'Gemengenentwécklungspläng fousse op dem Matwierken am Virfeld vun de Bierger, wa se gutt gemaach sinn allerdéngs. Dat ass normalerweis och meeschtens de Fall. D'Fro no der Koordinéierung mat anere Planungsinstumenten muss awer erlaabt sinn.

Ech hat och an deem Kontext en Amendement virgeschloe fir e GAL, ee bestëmmten, dee mat deem Gesetz Nodeeler géintiwwer vu virdu kritt. Souwuel muss en eng Garantie stelle wéi och en neie Verdeelungsschlüssel, deen op en zoukënt.

Ech hat gehofft, mat deem Amendement eng Reaktioun kënnen ze provozéieren, fir gewuer ze ginn, wat déi diplomatesch Léisung wär, déi de Minister ugekënnegt hat, respektiv datt Bereetschaft gewise gi wär, fir sech Gedanken ze maachen, wéi een hinnen entgéint kéint kommen, ouni datt eng Gemeng eventuell muss eng Garantie fir se stellen.

Iwwert déi Garantie eraus wär et näamlech och gutt, datt d'Privatinitiativ hei nach an der Onofhängegkeet méiglech géif kënnen bleiwen. Vläch, Här Minister, gëtt et jo nach aner Weeër, iwwert déi een nach kann nodenken.

Dir Dammen an Dir Hären, sonner Zweifel ass dës Agrargesetz am zweete Wurf, esou wéi mer et haut hei stëmmen, no den Ännerungen, déi am Februar virgeholl gi sinn, besser a méi favorabel fir de Secteur wéi déi éischt Versioun, déi mir an der Chamber kritt haten, soss hätt d'CSV nach méi Amendementer gemaach.

Et hätt awer nach besser misse sinn, fir dat gutt Fërdergesetz ze sinn, dat de Spriecher vun der DP gemengt huet. Et ass och richtig, dat huet en och gesot gehat, datt d'EU-Texter spéit gestëmmt gi sinn. Awer näischt verhënnert, de PDR schonn iwwerdeems virzebereeden, ier en EU-Reglement definitiv ass, grad wéi déi laang Zäit hätt sollen ausgenotzt ginn, da wäeren elo déi wichteg national Reglementer scho fäerdeg.

Et bleift mir zum Schluss d'Fro, ob de Minister bereet ass, an der Lafzäit vum Gesetz, wann et bis a Kraaft getrueden ass, Ännerungen dru virzehuelen, wann dat sech als néideg a gutt erweise géif an der praktescher Uwendung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ee méi héich Erwaardungen un d'Landwirtschaft stellt, wat ee se méi ënnerstëtze muss. D'Bauere sinn engem ganz groussen Drock ausgesat a si hunn insgesamt d'Flemm! Dat dierf een och net ënnerschätzen.

Här President, d'Bauern a Wënzer brauchen dofir Perspektiven. Si schaffe gär a vill. Loosst se schaffen a loosst se liewen, a loosst se derfuer suergen, datt mir eng Grondnarungsproduktioun hei am Land behalen an net dem Ausland ausgeliiwert sinn! Dat ass a bleift déi wesentlech Roll vun der Landwirtschaft!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Modert. An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Tess Burton fir d'LSAP.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat neit Agrargesetz ass net nëmme vun de Baueren, mä och vun de Wënzer mat Ongedold erwaart ginn, well et hinne fir déi nächst Joren eng gewësse Planungssécherheet gëtt. Et ass richtig, wéi de Frank Arndt virdu sot, dass am

Agrargesetz vill Bestëmmunge sinn, déi d'Baurenen an d'Wënzer gläichermooosse betreffen. Trotzdem ass d'Situatioun vun de Wënzer net ganz déiselwecht, soudass ech kuerz wollt méi speziell op dese Secteur agoen.

Während bei Uebst, Geméis a Fleesch ëmmer méi Leit drop oppassen, dass déi Produkter, déi se kafen, aus der Region stamen, ass den Trend beim Wäin éischter ëmgedrëit. De Wäikonsum geet insgesamt zu Lëtzebuerg zrëck an doriwwer eraus drénken d'Leit zu Lëtzebuerg ëmmer méi Wäiner aus dem Ausland. Elo kéint ee mengen, dass vläch méi roude Wäi gedronk géif ginn a Lëtzebuerg nun eemol bei deene meeschte virun allem weinst senge Wäisswäiner bekannt ass. Mä dat ass awer net esou.

Och beim wäisse Wäi gëtt et en Trend hin zu méi auslännesche Wäiner. Dass de Konsum vu lëtzebuergesche Wäiner erofgeet, huet awer méi Ursaachen. Et gëtt allgemeng manner Wäi gedronk, net nëmme zu Lëtzebuerg, mä och weltwäit. Da sinn et d'net Lëtzeburger Résidenten, déi eis Lëtzeburger Wäiner guer net kennen, oder et sinn d'Lëtzeburger selwer, déi de Präis am Restaurant fir de lëtzebuergesche Wäin net wëlle bezuelen, well si mengen, dass d'Präisser ze deier si par rapport zum Akafspräis. Och fillen d'Lëtzeburger sech, wat de Lëtzeburger Wäi betrëfft, net esou staark un déi regional Produkter gebonnen, wéi dat bei anere regionale Produiten ëmmer méi de Fall gëtt.

Et ginn nach vill aner Grënn, weisou zu Lëtzebuerg net méi lëtzebuergesche Wäi gedronk gëtt. Mä un der Qualitéit läit et ganz sécher net. Well grad op deem Punkt goufen an de leschte Jore ganz grouss Ustrengungen ënnerréck, dee si produzéieren. Fir dass déi Rechnung opgeet, musse si awer och fir hir Qualitéitswäiner en ugemessene Präis kréien. An do hu si déiselwecht Erausforderung wéi d'Baurenen, fir d'Konsumenten ze iwwerzeegen, dass hir Produkter gutt sinn an et wäert sinn, e korrekte Präis dofir ze bezuelen.

Eis Wënzer hunn dat gemaach, wat laang vun der Landwirtschaft gefuerdert gouf: Si hunn de Schwéierpunkt vun hirer Produktioun op d'Qualitéit an net op d'Quantitéit vum Wäi geluecht, dee si produzéieren. Fir dass déi Rechnung opgeet, musse si awer och fir hir Qualitéitswäiner en ugemessene Präis kréien. An do hu si déiselwecht Erausforderung wéi d'Baurenen, fir d'Konsumenten ze iwwerzeegen, dass hir Produkter gutt sinn an et wäert sinn, e korrekte Präis dofir ze bezuelen.

Dofir spillt och d'Vermaartung vun eise Wäiner a Crémanten eng ganz wichteg Roll, zemoos wa mer eis exzellent Wäiner a Crémanten och besser wëllen am Ausland bekannt maachen. An och soss hunn d'Wënzer kee ganz einfache Stand. An deene leschte Jore waren d'Ertrag vun der Quantitéit hier net ganz déck, an och dës Joer mellen d'Wënzer Frostschied, déi d'Aussicht fir dës Joer scho reduzéieren.

Opgrond vun deser prekärer Situatioun am Secteur huet de Wäibau un Attraktivitéit verluer, soudass Jonker net méi onbedéngt bereet sinn, de Betrib vun den Elteren ze iwwerhuelen. Virun allem bei den Drauweverkeefer héiert ee kloen, dass de Generatiounswiessel ëmmer méi schwierig gëtt.

D'LSAP begreißt dofir, dass dat neit Agrargesetz eng Rei vu Verbesserunge virgesäit. Dës Verbesserunge sinn op enger Linn mat den Efforten, déi ech elo grad beschriwwen hunn, fir d'Qualitéit an d'Diversitéit vun der Offer vum Wäin ze verbessern. D'Bäihëllef fir eng Rei vun Investitiounen, wéi zum Beispill fir d'Kellereien an d'Wäistuffen, ginn op 40% erop. D'Wënzer ware bis elo klasséiert als net defavoriséiert, wat awer ëmmer zu enger Ongläichheet tëschent de Baueren an de Wënzer gefouert huet. Et gouf eng Differenz, wat d'Subside betrëfft. D'Wënzer hunn 10% Subside manner kritt wéi d'Bauern. Mat deem neien Agrargesetz si se elo gläich, an dat ass och nëmme richtig esou.

D'LSAP begreißt och déi generell Ausrichtung vun den Hëlfe, déi Familljebetriber ënnerstëtzt, an och, dass duerch d'Plafonéiere bei den Investitiounsbäihëlfe de Risiko reduzéiert gëtt, dass Betriber ze schnell wuessen. Den neie Mechanismus dierf et fir méi eng gerecht Verdeelung vun diesen Hëlfe suergen, soudass net wéi fréier de Fong einfach zu engem gewëssene Moment eidel ass an et deemno keng Chance méi gëtt, fir Investitiounsbäihëlfe ze kréien. Och erwänt soll sinn, dass d'Plafonéiere vun de Subsiden un d'Aarbechtsintensivitéit gebonnen ass. D'Aarbecht am Wäibau ass intensiv a schafft dofir och Aarbechtsplazen, wat bei de Subside berücksichtegt gëtt.

Och sinn d'Emstrukturéierungshëlfe am Agrargesetz fir d'Wënzer ganz wichteg. Si ginn

ënnerstëtzt, wa se zum Beispill eng nei Drauwenzort uplanzen, déi den aktuellen Ufuerderunge besser entsprécht. Während dem Uplanzen vun enger neier Drauwenzort bis hin zu der éischter Lies verginn eng Rei Joren, eng Zäit, an där de Wënzer keng Récolte huet.

Och begreisse mir als LSAP, dass d'Wënzer bei hirer Aarbecht nach weider vun enger Landschaftsfleegeprimm ënnerstëtzt ginn. Dës Primm honoréiert virun allem d'Aarbecht vu Wënzer, déi hir Wéngerten a méi schwéier ze bewirtschaftende Lage fleege. Dës dréit dozou bäi, dass Steillagen an Terrassewéngerten op der Musel erhalte bleiwen, dat Ganz am Sënn, fir déi schéi Landschaft op der Musel weider ze prägen an des Region esou fir den Tourist och weider attraktiv ze halen.

Här President, ech hu virdu scho vun den Erntausfäll geschwat, mat deenen de Wäibau och dës Joer weinst dem Fracht konfrontéiert ass. Nodeems d'Fréijoer sech scho fréi bemierkbar gemaach hat, koom et Enn Abrëll nach zu spéidem Fracht an de Wéngerten. Elo ass ofzewaarden, wivill Schued duerch des Minustemperaturen an de Wéngerten ugericht ginn ass, wivill Wéngerte concernéiert sinn an doduerch manner Drauwe wäerte gelies kënnen ginn. Dat mécht dätlech, wéi wichteg d'Unhiewe vun der staatlecher Hëllef am Fall vu schlechte klimatesche Bedéngungen ass, well dat schlecht Wieder kann dramatesch Auswirkungen op d'Betriber hunn.

Ech hunn och schonn op d'Bedeitung vun der Vermaartung vum Wäibau higewisen. Et ass net nëmme wichteg, dass d'Wënzer gutt Wäiner produzieren, mä och de Verkauf vu Wäiner dierf net ënnerschat ginn. An deem Sënn ass et absolutt ze begreissen, dass dese Volet elo och eng Plaz an deem neien Agrargesetz kritt huet an dass et elo eng Ënnerstëtzung bei der Vermaartung vun eise Qualitéitswäiner gëtt.

D'LSAP fënnt des Mesure ganz wichteg an ass och dofir ganz zefriden, dass dese Subsid elo am Agrargesetz steet an dass de Subsid duerch en Amendement vun der Kommissioun nach vu 70% op 80% konnt eropgesat ginn. An och fir d'Wënzer gëtt enger laangjäregger Fuerderung elo an deem neien Agrargesetz Rechnung gedroen.

A wa mer scho bei der Vermaartung sinn, weilt ech nach gäre vun der Geleeënheet profitéieren an de Minister froen, wou den Audit eigentlech drun ass, deen iwwert déi gemeinsame Vermaartung vun de Privatwënzer, der Genossenschaft an dem Wäinhandel duerchgefouert ginn ass, weini do éischt Resultater presentéiert kënnen gi respektiv nei Pisten opgewise kënnen ginn, wéi an Zukunft zesummen de Wäin no bausse vermaart soll ginn.

Och fënnt d'LSAP et gutt, dass de Biobau verstärkt ënnerstëtzt gëtt, well dat ass eng Nisch, wou nach Potenzial besteet. Mir hunn de Moment 50 ha Biowäin op der Musel an deen Trend geet weider an d'Luucht, well eben och grad eng Nofro no Biowäiner vum Konsument do ass. Ëmmer méi Wënzer schloen dese Wee an a probéieren, méi ëmweltfrëndlech ze schaffen, wat sech och an der Qualitéit vun de Wäiner erëmspigelen kann. Besonnesch wichteg ass fir déi Wënzer, déi ëmstellen, d'Berodung, an hei ginn d'Hëlfele op 80% erop.

Oschléissend wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass dës neit Agrargesetz fir d'Wënzer keng Verschlechterung duerstellt. Au contraire, dës Gesetz wäert d'Wënzer nach besser bei hirer Aarbecht ënnerstëtzen, fir weider qualitativ héichwäerteg Wäiner kënnen ze produzéieren. An dës neit Agrargesetz leet Wäert och op d'Vermaartung vun de Wäiner, fir dass an Zukunft eis Wäiner nach besser de Wee bei de Konsument an d'Glas fanne wäerten.

A mä leschte Saz wëll ech un alleguer d'Baurenen an d'Wënzer richten, well ouni si hätte mir guer keng Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg. Si stinn all Dag dobaussen op hire Felder an an hire Wéngerten a versichen all Dag, eis Gesellschaft mat gesonden, qualitativ héichwäerteg Liewensmëttelen ze versueren. An dofir solle mir hinne Merci soen! Dofir ass et wichteg, dass dës neit Agrargesetz eis Landwirtschaft weider fërdert, fir dass d'Bauern an d'Wënzer weider motivéiert bleiwen, fir diesen Job all Dag ze maachen, an dass och Jonker sech an Zukunft nach entscheiden, dese Beruff ze léieren.

Mir als LSAP wäerten natierlech dës neit Agrargesetz stëmmen, an domadder ginn ech och den Accord zu deem Projet de loi vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Burton. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Henri Kox fir déi grëng.

► **M. Henri Kox (déi grëng).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären,

bon, no engem laangen Nomëtteg wëll ech et net allze laang méi maachen. Mäi Kolleg a Frënd Gérard Anzia huet jo de gréissten Deel scho vun der grënger Fraktioun hei gesot, wéi si zum Agrargesetz dës Joer steet. Mir ënnerstëtzen dat Agrargesetz jo och, well et, mengen ech, an déi richteg Richtung geet an och déi nei nohalte Komponente mat erabréngt.

Mä dës Agrargesetz ass jo net nëmme fir d'Bauern, d'Wënzer an d'Gärtner do. An ech wëll dofir och nach zwee Punkten eraushuelen, wat de Mëtteg vläch net esou erauskomm ass, dat ass eben d'Entwécklung vum ländleche Raum oder déi sougenannt „LEADER-Projeten“, déi awer fir mech gradesou wichteg sinn, fir eben dee Lien mat der Landwirtschaft nach kënnen ze maachen.

Dem Rapporteur wëll ech och hei vun deser Plaz aus da Merci soe fir säi mëndleche Rapport virdrun, an och säi schrëftlechen. Hien huet eng Kéier dorobber higewisen, an ech mengen, och de Frank Arndt war eng Kéier op déi Punkten agaangen.

Mäi Kolleg Gérard Anzia huet et scho gesot; ech wëll mech just op déi dräi Punkten dann e bësse limitéieren: Dat ass engersäits de Wäibau - als Drëtte vun der Musel muss ech dat dann natierlech och elo nach eng Kéier erwänen -, dann natierlech zu deem Titre III, dat ass den Développement an de Gemengen, an den Duerfentwécklungen, an de Regionnen, am ländleche Raum. An dann en drëtten Punkt ass de LEADER.

Ech wëll awer direkt am Virfeld - an dat hunn ech nach all Kéiers gemaach, wann ech hei iwwert de Wäibau geschwat hunn - meng Befaaungenheet awer och ukënnegen. Dir wësst, dass meng Fra och bekanntlech e Biobetrieb huet. A wann ee vu Jonker seet, déi e Betrib vläch iwwerhuelen: Also meng Duechter wäert héchstwahrscheinlech eise Betrib iwwerhuelen, well se dese Summer hire Bachelor als Wäibauingenieur elo mécht.

(Brouhaha)

An ech wëll awer och vun...

► **Une voix.** - Gutt Reklamm gemaach!

► **M. Henri Kox (déi grëng).** - Ech wëll awer dann dofir e bësse vun de Chancë schwätzen, Chancen... Dofir hunn ech jo meng Befaaungenheet ugemellt.

Ech wëll vun de Chancë schwätzen, d'Chancen, déi insbesondere déi dräi Punkte mat sech bréngen, déi Chancen, déi et huet, wa mer et zesummen upaken, näamlech éischstens, zemoos an der Wäibauregion, wann - ech huelen d'Beispill Onotourismus hei, den Onotourismus zesumme mat der Duerfentwécklung -, wann d'Gemengen un deemselwechte Strang zéien, an och déi LEADER-Projeten, déi an deem Beräich komm sinn. Well den Onotourismus op der Musel ass e Produkt aus dem LEADER-Projet, dee mer viru Joren an d'Liewe geruff hunn, an et weist sech, déi éischt gutt Resultater sinn eben ze erkennen.

An net méi spéit wéi virun zwou Woche war den ORT, den Office régional du tourisme vun der Musel zesumme mat enger Rei vu Wënzer an och mat der Statssekretärin aus dem Tourismusberäich an d'Wachau gefuer, well d'Wachau ass e gutt Beispill, wéi een den Onotourismus kann entwéckelen.

Ech wëll dann als éischte Punkt...

(Interruption)

...e puer Punkten eraushuele vum Wäibau, an do, wéi kann et anescht sinn, natierlech, wéi d'Primmen elo ausgesi bei der Ëmstellung op biologesch Produktiounsweis.

Fir d'Lescht, souwäit meng Erënnerung gutt ass, war am Règlement grand-ducal virgesinn, wann een am Biobäich geschafft huet, huet ee 600 Euro den Hektar kritt a bei der Ëmstellung, well d'Ëmstellung dauert dräi Joer an engem Wënzerbetrieb, huet een 1.000 Euro pro Hektar kritt. Déi ginn elo substanzuell an d'Luucht. Déi ginn elo, de Moment gesäit et esou aus, op 800 an 1.200. Mä ech weess aus dem Secteur selwer, dass se gefrot hunn, fir eng méi héich Subventioun ze kréien, well de Cumul bei de landwirtschaftlechen, also de konventionelle Betriber bal méi héich war wéi d'Biosubventioun bei de biologesche Betriber. Dofir ass et richtig a wichteg, dass de Minister higaangen ass an och do den néidegen Effort gemaach huet, fir dat och kënnen ze ënnerstëtzen.

Dat ass jo och dat, wat et deels verhënnert, dass méi Biobetriber op der Lëtzeburger Musel sinn an och allgemeng duerch d'Land, well d'Hëllefstellung muss awer deenen entgéintkommen, well d'Produktiounsmethoden anerer sinn, wéi dat am konventionelle Betrib de Fall ass.

An et ass och dat, wou mer Problemer hunn an der Biolandwirtschaft; wéi d'Martine Hansen





gefrot huet, firwat d'Ëmstellung net kann hallef an hallef gemaach ginn. Et ass eben, ech géif emol soen: Et ass een net hallef schwanger! Entweder ass et null oder eent. Ech soen och d'Argument, an ech hunn dat scho laang erlieft, déi lescht 15 Joer: Et kann net sinn, wann een 10%, 15% oder 20% vu sengem Betrib als Bio mécht, awer no baussen deels d'Duerstellung mécht, als wär een 100% biologesch. Dat ass deels eng falsch Duerstellung no baussen.

An ech kann et aus Erfahrung soen, wann ech nach virun zwou Wochen an der Press gelies hunn iwwer grouss Wénzerbetriber op der Musel, déi anscheinend scho bio sinn. Et ass net onbedéngt d'Schold vum Biobetrib, mä et ass d'Schold och deels vun der Press, déi et falsch opgräift. Et muss eng Differenzéierung do sinn.

Sécherlech ass et wichteg, an déi Etappe sinn hei dran, vun enger wonnerbarer, gudder, cibléierter Berodung - an ech kommen op d'Berodung gläich nach ze schwätzen -, an awer och stufeweis d'Etappen, fir ze hëllefen, dass de Betrib mat der Hand geholl gëtt, fir dohinnerzekommen. Dofir ass jo d'Differenzéierung gemaach ginn, dass bei der Ëmstellung méi héich Subventiounen gemaach ginn, wéi dat de Fall ass, wann de Betrib dann herno ganz op biologesch ass.

Dofir ass d'Berodung den A an O fir mech bei der Ëmstellung. An d'Berodung - an do ass och d'Fro un de Minister -, do, mengen ech, muss mer nach eng Kéier cibléiert drugoen. Well wat ech elo héieren aus dem Secteur, ass, dass déi Berodung elo just nach individuell soll gemaach ginn. An et ass grad d'Chance, wann ee sech austauscht mat anere Betriber, fir ze gesinn um Terrain, wéi déi Ëmsetzung soll gemaach ginn! Dofir, mengen ech, ass et besser, mir loosse se zesummen - d'Genossenschaft, Privater an den Handel -, zesummen an dem Wéngert d'Démarché maachen: Wéi geet dat? Wéi gëtt dat an der Praxis ëmgesat? An ech denken, dat ass eng ganz wichteg Démarche.

E weidert ganz...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Kox, entschëllegt...

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Oh, meng Zäit leeft mer fort!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, Dir kritt déi guttgeschriwwen. D'Madamm Hansen wollt eng Bemierkung maachen, wann Der erlaabt.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech wollt just soen, dass ech an der Landwirtschaft gesot hu ganz kloer: „separat Betribszweiger“. Am Wäibau ass et am Moment méiglech, an der Landwirtschaft net, ee separate Betribszweig! Hénger kann ech vu Schwäin ënnerscheeden, dat kann ech separat relativ gutt kontrolléieren. Et gëtt et och am Ausland a mir importéieren där Saachen!

Merci.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Gutt. Ech mengen, den Här Minister ka vläicht duerno nach eng Kéier drop zrëckkommen. Ech hu meng Argumenter virdru gesot, firwat éischter en negative Bäigeschmaach do derbäi ass.

Ech wëll nach ee Punkt eraushuelen, insbesondere wat mer och Freed mécht, well et och mam Sprätzen ze dinn huet, dat ass, dass elo endlech och déi „Pivien“, dat sinn déi pilzresistenten Sorten, an dem Reglement mat opgeholl ginn, dass déi och kënnen subventionéiert ginn, well dat ass eng nei Débouché. Do ginn et verschidde Wäiner, déi schonn op der Musel ganz gutt ukommen. Se sinn net esou geleeft wéi de Rivaner oder Riesling oder Pinot. Dat ass de Pinot, Cabernet Blanc. Awer dat si ganz anstänneg Wäiner an ech denken, dass dat eng ganz gutt Nisch ka sinn op der Musel.

Da wëll ech awer nach eng Kéier op déi zwee Punkten agoen, déi mir ganz wichteg schéngen: Dat ass den Développement vun de Gemengen, insbesondere op der Musel - ech gesinn hei de Buergermeeschter vu Gréiwemaacher -, dass mer op der Musel awer mëttlerweil ganz gutt zesummeschaffen duerch deen Onotourismus an eng ganz Rei vu Wäistuffe mëttlerweil och ënnerstëtzen. Och hei an deem Gesetz gi se och weider ënnerstëtzt.

Mä och d'Gemege maachen hire Part dobäi a si kréie jo Subventiounen. Ech mengen, zu Maacher si mëttlerweil och Produits du terroir an engem Buttek ze kafen. Mir wäerten zu Réimech datselwecht mëttlerweil och maachen. Dat heescht, zesumme mat der Wénzerschaft kënnen mer endlech emol positiv Elementer mat eriwerginn.

Da kënnt d'Vermaartungsstruktur; d'Tess Burton, meng Virriednerin, huet kuerz dovu geschwat. Et ass wichteg, dass do och dat an d'Luucht gaangen ass. Et ass awer och wichteg, dass vläicht bei Wirtschaftsmissiounen - dat huet nach e Wénzer mer de Moie gesot -,

do wär et wichteg, vläicht de Wäin och ëmmer matzehuelen, well Lëtzebuerg ass net onbedéngt dobaussen am Ausland bekannt als e Wäiland. An dofir, mengen ech, ass dat e ganz wichtegt Element.

Ech kréie geschellt, dass ech um Enn sinn, denken awer, dass Der gläichzäiteg dese Weekend kënnt profitéieren vun engem ganz positiven Element, deen do ass, dat ass den „Wine, Taste, Enjoy“. Dat heescht, d'Kellereien op der Musel sinn dese Weekend op. Dat ass e Resultat aus engem LEADER-Projet. An do geet et am beschten, wann een Hand an Hand geet: d'Gemengen, d'Regioun an d'Betriber selwer.

Dofir nach eng Kéier alles Guddes a Merci.

(**Interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen! Ech ginn dovunner aus, dass et selbstverständlech ass, dass, wann ee schmaacht, ee sech soll féiere loosse.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Selbstverständlech!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà, ech hunn dat da richteg interpretéiert. An d'Wuert huet elo direkt den Här Landwirtschaftsminister.

(**Prise de position du Gouvernement**)

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass en immens wichtigen Dag fir eis Lëtzeburger Landwirtschaft. Mir sinn endlech esou wäit, dass mer dat wichtegst Gesetz fir dese Secteur, dee fir eis all esou wichteg ass, stëmme kënnen.

Wann ech soen „endlech“, da sinn ech mat deenen d'accord, déi der Meenung sinn, dass déi Prozedur vill ze laang gedauert huet. Ech wëll awer direkt soen, dass déi laang Prozedur net op eiser Mësch gewuess ass an dass um nationale Plang nach keen Agrargesetz esou séier opgestallt ginn ass wéi dat, iwwert dat mer haut ofstëmme wäerten.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Ech wëll hei den Historique net nach eng Kéier widerhuelen. Den hono-rabelen Deputéierten Edy Mertens huet dat scho gemaach. Ech wëll awer hei trotzdeem nach eng Kéier betounen, ech kann also all déi Kriticken, déi mir hei do perséinlech de Retard wëllen an d'Schong drécken, nëmmen op dat Allerschäerfst zrëckweisen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Wann ech vun engem Secteur schwätzen, dee fir eis esou wichteg ass, dann duerfir, well et dee Secteur ass, deen eis mat dat Wichtigst liwwert, wat de Mësch brauch, fir ze iwwerliewen, näamlech nohalteg Liewensmëttel. Et ass dat déi primär Missioun vun eise Baueren, Wénzer a Gäertner, a mir sollten a mussen hinnen, déi all Dag vill a mat vill Asaz schaffen, deen néidege Respekt an déi néideg Wäertschätzung entgéintbréngen, déi se verdéngen. Duerfir muss d'Landwirtschaftspolitik derfir suergen, dass fir dese Secteur deen néidege Kader gesat gëtt, deen et him erlaabt, wirtschaftlech an nohalteg ze schaffen.

Mir wëssen alleguer, dass d'Landwirtschaftspolitik zum gréissten Deel am Kader vun der gemeinsamen Agrarpolitik vun der Europäescher Union definéiert gëtt. Op munche Punkten hu mir weineg Bewegungsfreiheet. Aner Dispositionen ginn eis méi Méiglechkeeten.

Ech hu versicht, dese Spillraum beschtens ze notzen, wéi meng Servicer fir d'Éischt de PDR an duerno d'Agrargesetz ausgeschafft hunn. Ech sinn a bleiwen och der Meenung, dass dat mir mat deemem Projet gelongen ass. Ech wëll op deser Plaz nach eng Kéier ganz kloer betounen, dass mat ganz ville Leit dobaussen iwwert dese Projet diskutéiert gouf, an éischter Linn natierlech mam Beruff selwer, awer och mat aneren Organisatiounen a mat de Kolleegen aus der Regierung.

Ech wëll och dovunner profitéieren, fir all deene Leit Merci ze soen, déi an deesen Diskussiounen derbäi waren a matgeholl hunn, dëst Gesetz zu deem ze maachen, wat haut virläit. Och all deene Beamten aus mengem Ministère a menge Verwaltungen en décke Merci fir all déi Aarbecht an déi vill Stonnen, déi bei der Virbereedung vum PDR, deemem Gesetz a senger Reglementer néideg waren. Och dem Rapporteur a President vun der Kommissioun, dem Här Gusty Graas, ee ganz grouse Merci, wéi iwwregens och alle Membere vun der Agrarkommissioun fir hir konstruktiv Mataarbecht.

Här President, dëst Gesetz baut op op deene Prioritéiten, déi vusäite vun der Europäescher Union definéiert gi sinn an déi och am vollen

Aklang mat dem aktuelle Regierungsprogramm stinn.

Ech wëll déi Prioritéiten, déi an eisem PDR definéiert an domadder och mat europäesche Mëttele kofinanzéiert sinn, hei nach eng Kéier kuerz an Erënnerung ruffen:

- éischstens, d'Verbesserung vun der Viabilitéit vun eise landwirtschaftleche Betriber a vun der Kompetitivitéit vun all hire Secteuren;

- zweetens, d'Restauration, d'Erhalen an d'Stärke vun der Biodiversitéit;

- drëttens, den effikasse Gebrauch vun eise Ressourcen ze promouvieren, zu enger Ekonomie bäizedroen, déi manner CO<sub>2</sub> ausstéisst a méi resistent op de Klimawissel ass;

- véiertens, d'Promouvieren vun der sozialer Inklusioun, d'Reduktioun vun der Armut an d'Stärkung vun der Ekonomie an de ländleche Regiounen.

Horizontal gëtt dann awer och nach iwwert dës Prioritéiten d'Innovation an der Landwirtschaft gefördert. Um nationale Plang ginn dann och nach eng Partie deelweis nei Mesurë finanzéiert, op déi jo de Rapporteur schonns higewisen huet.

Ech wëll awer hei op deser Plaz nach eng Kéier op e puer Punkten agoen, déi mir speziell um Häerz leien an déi och fir munch kontrovers Diskussiounen gesuergt hunn.

Sou ass zum Beispill ganz vill a kontrovers iwwert d'Aféiere vun de Selektiounskritäre bei den Investitiounsbäihëllefen diskutéiert ginn. Firwat hunn déi Critères de sélection missen agefouert ginn? A wourobber baséiere se?

Fir d'Éischt ass ze soen, dass dës Kritäre vun der EU virgeschriwwen sinn an deemno agefouert mussen ginn. Mir hunn do keng Wiel. An anere Länner gëtt dat och scho méi laang praktiséiert. Dës Regierung, awer och d'Europäesche Union sinn der Meenung, dass déi Zäiten, wou ee mat der Strenz konnt iwwert d'Land zeien, eriwuer sinn. D'Zil vun de Critères de sélection ass, déi begrenzte Mëttel, déi zur Verfügung stinn, fir déi Projeten ze engagieren, déi d'Prioritéite vum PDR am beschte respektieren.

Fir d'Kommissioun ass et och ganz kloer, an dëst huet si eis am leschte Comité de suivi vum PDR nach emol ganz daitlech gesot, dass net all Projet, deen de Critères d'élégibilité entsprécht, automatesch eng Ënnerstützung kritt. Aus deem Grund muss och ee Minimum vu Punkten erreecht ginn.

Et ass awer och esou, dass ee Projet, deen eng éischte Kéier net zrëckbehale ginn ass, well net genuch Suen do waren, eng nächste Kéier onverännert presentéiert ka ginn. Eréischt wann en och bei där zweeter Kéier net berücksichtegt ka ginn, ass en definitiv net méi an där Form éligibel a kann dann nëmmen nach an enger adaptierter a verbesserter Form virgeleucht ginn.

D'CSV huet an deemem Kontext och gefrot, dass ee Projet ëmmer als Ganzt misst ugesi ginn an dass also zum Beispill ee Stall mat sengen Aarrichtungen an eng Maschinnenhal net separat sollte bewäert ginn.

Bleiwe mer bei deem Beispill! Wa mer der Argumentatioun vun der CSV géife follegen, da wier ee Projet vun engem Stall mat enger Maschinnenhal kloer bevirdeelegt vis-à-vis vun engem Projet, wou nëmmen eng Maschinnenhal als Projet agerecht gëtt. De Projet mam Stall kritt mat Sécherheet méi Punkte wéi de Projet ouni Stall. An der Logik vun der CSV kritt deemno déi Maschinnenhal mam Stall méi Punkte wéi déi aner ouni Stall. An der Logik vun der CSV kéint dat dozou féieren, dass déi eng Maschinnenhal subventionéiert gëtt an déi aner net.

Fannt Dir dat gerecht? Fannt Dir dat fair?

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Neen, ech hunn et jo och net esou gemengt.

(**Brouhaha**)

Ech mengen, dass een et soll als Unité fonctionnelle gesinn, dat wat zesummegeheiert. A wa schonn e Stall dosteet, an ech bräicht dofir eng Maschinnenhal... Ech mengen, e Stall an d'Maschinnenhal sinn och vläicht ee schlecht Beispill. Ech hat gesot, eng Hal, fir d'Botten dranzeleeën. Da muss ee kucken, firwat dat déi Hal gebraucht gëtt. A si gëtt gebraucht, well ee Stall do ass. An da muss ech dat als Ganzt kucken. Well wann ech just d'Hal kucken, dann ass déi net produktiv. Dat heescht, da gëtt déi schlecht bewäert. Dat war u sech d'Argumentatioun.

(**Interruption et hilarité**)

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Jo. Ech soen lech, Madamm Hansen: Ech si fir déi gerecht a fair Léisung an hunn duerfir Ären Amendement net ugehall.

Ech mengen, wann Der lech selwer Äre Betrachtungsweis elo nach musst erklären, da gesäit een, dass dat Ganzt sech net esou einfach unhéiert. An ech verstinn och, dass dat beim Bauer an am Secteur de transformation Retizenzen ausgeléist huet. Mä mir haten awer vum Prinzip hier,...

(**Brouhaha général**)

...wéi scho gesot, kee Choix. An ech denken, dass mer eng Léisung fonnt hunn, déi eis eng pragmatesch Approche erlaabt. An u sech ass dat och nach eng Léisung, déi doriwwer eraus gerecht a fair ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- An deem Kontext wëll ech direkt uschlëssen un déi Virwërf, dass verschidden Tauxen erfogesat gi sinn. Et ass richteg, dass bei den Investitiounen d'Tauxen ëm fënnf Prozentpunkten erfogesat gi sinn. Dat hu mer awer net an éischter Linn gemaach, well mer wollte Sue spueren, mä well mer wollten déi Suen, déi mer kënnen verdeelen, sollen a wëlle méi cibléiert ausginn! Mir sinn am Prinzip do an darselwechter Logik wéi bei de Selektiounskritären.

Wa mer also géifen d'Tauxen nees an d'Luucht setzen, wéi dat verschiddelech gefuerdert ginn ass,...

(**Interruption par Mme Martine Hansen**)

...da muss ee wëssen, dass dann de Budget noutgedrongen op manner Projete verdeelt ka ginn, an da spillen d'Selektiounskritären, vun deenen ech elo grad geschwat hunn, nach méi staark. Ech sinn awer net där Meenung, dass dat eng gesond Entwécklung fir de Secteur wier.

A wann ech dann awer och nach ee Bléck iwwer eis Grenze geheien, kommen ech net derlaanscht, feststellen, dass déi Tauxen nach ëmmer hiresgläiche sichen. Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Plaffongen, déi bei deenen einzelen Investitiounen elo spillen. De Prinzip vun de Plaffonge gëtt u sech vum Beruff begréisst. Allerdéngs hätte se léiwer nach méi héich Plaffonge gehat, besonnesch bei de Maschinnen.

Déi zwee Punkte sinn och vun der CSV esou gefrot ginn, ouni dass si awer gesot hätten, wou déi Suen, déi dann do méi gebraucht géife ginn, sollen hierkommen. Et ass ëmmer einfach, méi ze fuerderen, wann een op där anerer Säit awer net seet, wou een da kann aspueren!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- De Kuch ass näamlech gebak. A wann een ee Stéck wëllt méi grouss schneiden, muss een anert Stéck méi kleng ginn.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Dat gëllt iwwregens fir eng ganz...

(**Brouhaha**)

...Rei vun den Amendementen, déi d'CSV proposéiert hat.

Mir sinn der Meenung, dass ee Betrib bis zu enger gewëssener Gréisst gefördert soll ginn. A wann hien déi Gréisst iwwerschritt huet, da mussen déi weider Investitiounen, déi de Maximumplaffong iwwerschneiden, vun engem Betrib an där Gréisstenuerdnung kënnen selwer gedroe ginn. D'Betriber solle wuesse kënnen, awer an engem gesonde Mooss.

Dat gëtt duerch deen individuelle Plaffong, deen am Laf vun der Zäit un déi reell Gegebenheete vum Betrib ugepasst gëtt, garantéiert. Ech wëll de Familljebetrib ënnerstëtzen an net grouss Agrarstrukturen, déi d'Iwwerliewe vun eise Familljebetriber onméiglech maachen.

Bei de Maschinnen ass et esou, dass och do haaptsächlech déi Maschinnen nach subventionéiert ginn, déi entweder innovativ sinn oder déi eng besonnesch Wichtigkeet fir de Betrib hunn.

Dat wichtigst Kapitel vun deemem Gesetz bleift fir mech awer d'Ënnerstützung vun deene jonke Baueren, wa se ee Betrib iwwerhuelen. A grad hei hu mer ganz grouss Efforte gemaach. E jonken...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, erlaabt Der, dass d'Madamm Modert lech eng Fro stellt?





**(Interruption)**

Et ass wéi Dir wëllt, Här Minister.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Entschëllegt, jo, ech hat eigentlech gefrot fir just ee Moment virdrun, et ass elo schonn e bësse laanscht. Ech wollt de Minister froen, wat hien ënnert deene groussen Agrarstrukture versteet, vun deenen e geschwat huet virdrun. Wéi definiert Dir déi? Wou ginn déi un?

Merci.

**(Interruption)**

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Mir hunn am Fong ëmmer gesot, déi grouss Agrarstrukturen, déi ginn do un, wann dat wäit iwwert dat geet, wat mir vum Investitiounsplaffong gesot hunn, wou mer da schwätze vum erweiderte Familljebetrieb, véier, fënnf theoretesch errechent Aarbechtskräften. Wa mer awer doriwwer wäit eraus sinn, wa mer dann a Gréisstenuerdnunge si vun 10, 15, 20 errechten Aarbechtskräften, dat ass u sech dat, wat ech awer dann als grouss Agrarbetriber ugesinn. Mä ech mengen doriwwer, dat ass eng Diskussioun, déi kann immens wäit féieren, mat all deenen Nodeeler, déi dat huet, wou d'Produktiounen net méi buedemgeboun sinn, Betriber, déi herno net méi ze deele sinn, déi ekologesch Aspekter, déi sozial Aspekter. Also ass dat am Fong genau dat, wat mer net wëllen.

Mä loosse mer am Fong geholl zu deene Jonke kommen, deene mer wëllen eng Zukunft ginn. Déi, déi sech installéieren, déi kréien an der Zukunft eng Prime unique vu 70.000 Euro. Dës Primm beinhalt déi fräier Zënzbäihëllef, déi mir op Präten am Zesummenhang mat der Reprise vum Betrib ausbezuelet hunn. Domadder ass d'Zënzbäihëllef fir all jonke Bauer zougänglech. An dat fannen ech nëmme fair. En plus ass dat eng wichteg administrativ Vereinfachung.

E jonke Bauer kritt, wann hien Investitiounen innerhalb vu fënnf Joer no der Installatioun realiséiert, eng Majoratioun vu 15%. Dës Majoratioun gëllt fir de ganzen Investitiounsvolumen innerhalb vum Plaffong. Dëst ass eng substanzuell Verbesserung vun där Mesure.

De jonke Bauer gëtt och am Kader vun de Selektiounskritäre prioritär behandelt. Am neie Gesetz kënnen sech och méi wéi ee jonke Bauer op engem Betrib installéieren an eng Primm kréien. Och dat ass eng substanzuell Verbesserung par rapport zum leschte Gesetz, wat nach vun engem CSV-Minister ausgeschafft ginn ass.

Mat där Neierung kennt d'Regierung...

**(Interruption)**

...enger laangjäregger Fuerderung vum Beruff no. Vum neie Gesetz un ass et och méiglech, sech zu zwee oder méi Jonker op engem Betrib ze installéieren an eng Primm ze kréien. Dat kënnen Geschwëster sinn, et kënnen aner Jonker sinn, et kënnen och Liewenspartner sinn. Wichtig ass just, datt all dës Installéierungen an engem Betribsentwécklungskonzept virgesi sinn. Ass dës Konditioun erfëllt, kënnen all dës Baueren hir éischt Installéierungsprimm komplett kréien. D'Installéierung vu méi Jonke muss dann am Kader vun engem Betribsentwécklungskonzept innerhalb vu fënnf Joer realiséiert ginn.

D'CSV wollt och hei d'Konditiounen opweechen, andeems se gefrot huet, fir ze erlaben, datt, och wann dat net am Betribsentwécklungskonzept virgesi wier, awer ee weidere Jonke virum Offaf vun der Period vun zéng Joer sech nei installéiere kéint.

Da muss ee sech awer d'Fro stellen, firwat mer iwwerhaapt nach ee Betribsentwécklungskonzept brauchen, wann dat einfach esou kann iwwer Bord gehäit ginn. Dat ass absurd! Ouni dovunner ze schwätzen, datt iwwert dee Wee jo déi Erhéijung vum Taux vu 15% bei den Investitiounsbäihëllefen ad infinitum kéint weidergefouert ginn. Et geet also hei der CSV wuel éischter dorëm, fir d'Strenz iwwert dee Wee nees ze aktivéieren.

Ech mengen, iwwert dee Punkt, datt all Autorisatiounen...

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Schwätzt Der zum Agrargesetz oder zur CSV?

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...mussen am Viraus do sinn, ier de Projet an d'Selektiounskritäre ka kommen, dorobber huet de Kolleg Edy Mertens treffend a kompetent geäntwert, soudatt ech net dorobber brauch anzegoen.

Ech hunn dës Beispiller iwwert d'Kapitel vun den Investitiounen bewosst esou ervirgehuewen,

well et weist, wéi konservativ oder wéi zukunftsorientéiert d'Vuen hei kënnen sinn. Wann een nëmmen eng zukunftsorientéiert Politik wëllt maachen, an dat wëllt dës Regierung, am Géigesaz zu verschiddene Parteien, da kann et net sinn, datt ee sech...

**(Brouhaha général)**

...een oder zwee Elementer vum Agrargesetz erauspickt...

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Hutt Der schonn eng Ëmfro am Secteur gemaach?

► **Une voix.**- Ech mengen, dass der sech do viséiert fillen!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...an da pauschal behaupt, et géif manner Geld an d'Landwirtschaft gestach ginn.

**(Interruptions)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Den Här Kaes!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Här President, ech erlabe mer dach awer elo, nodeem datt den Här Minister esou dacks versicht huet, ongerechterweis op d'CSV ze schloen,...

► **Plusieurs voix.**- Ooh! Ooh!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- ...versichen ech dach awer, em eng Fro ze stellen. En huet elo grad esou vill vun der Jugend geschwat, datt esou vill géif gemaach ginn, fir datt d'Jugend do eng Zukunft am Beräich Landwirtschaft hätt.

Da froen ech en: E Bauer, e Jonken, dee Quereinsteiger ass, deen also am Fong keng Vergaangenheet huet, wann deen elo investéiert, den Här Minister soll mer emol vläicht hei erklären, wat deen dann u Subventiounen kritt.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech mengen, dat do ass eng vun deene Problematiken, déi hu mer méi wéi eng Kéier... Ech géif bal gär soen, datt während all Kommissiounssitzunge mer genau iwwert deen do Punkt geschwat hunn, ee Punkt, deen den Här Kaes ganz gutt kennt a wou en am Fong geholl d'Antworten och alleguer kennt.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- An ech sinn am Fong geholl gäre bereet, bei där nächster Agrarkommissioun, wann den Här Kaes d'Äntwert nach ëmmer net weess,...

**(Brouhaha général)**

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Mir héiere gär d'Äntwert hei, Här Minister! Hei, an der Plénière!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...deen dote Punkt nach eng Kéier ze widerhuelen. Ech mengen,...

**(Brouhaha)**

► **Une voix.**- E soll eis d'Äntwert ginn.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Den Här Kaes kann eis jo d'Äntwert ginn!

► **Une voix.**- Deen huet dat net néideg.

**(Interruptions diverses)**

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et wier natierlech gutt, wann et den Här Minister wier.

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Voilà!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ma et ass ganz kloer, datt mir am Fong geholl och wëllen d'Seiteneinsteiger ënnerstëtzen, datt et do eng ganz Rei Konditiounen gëtt, datt een ee Minimum vu Standardoutputs muss hunn. Mir wëllen, datt d'Betriber wëlle gesond wuessen, datt se wëlle lues wuessen. An den Investitiounsplaffong, dee wiisst mat der Gréisst vum Betrib mat, an datt do einfach d'Konditiounen kloer a prezis ginn.

Wann een deen dote System nach net verstaneen huet, dann huet een, mengen ech, awer an de Kommissiounssitzunge ganz schlecht opgepasst. An ech mengen, dat kann...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...een dem Här Kaes hei dann awer wierklech esou soen.

**(Brouhaha général, protestations)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hunn d'Rapporte gelies!

**(Coups de cloche de présidence)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou! Ech géif lech bieden, de Minister elo auschwätzen ze loosse!

**(Brouhaha général)**

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Dat ass awer ganz schwéier!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Herno hu mer nach d'Motiounsdiskussioun.

**(Brouhaha général)**

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci, Här President. Ech hat virauser gesot, datt et vermessen ass, fir sech een oder zwee Elementer aus dem Agrargesetz erauszehuelen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wat wollt Der soen? Wat wollt Der soen, Här Kaes?

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Här President, entschëllegt, mä den Här Minister huet null geäntwert op meng Fro!

**(Brouhaha)**

Ech hu gefrot: Wat kritt deen u Subventioun,...

**(Interruption)**

...dee Seiteneinsteiger ass?

Do huet e gesot, dat wier an der Kommissioun an dat wier hei an dat wier do, awer en huet net gesot, wat e kritt! Ech soen lech dann, wat e kritt: null Subventioun!

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Null Subventioun!

Et ass net équilibréiert, dat, wat mer hei ofstëmmen, fir eng Rei Leit. Dat muss ee ganz kloer soen. An dat ass net seriö. Duerfir gëtt den Här Minister keng Äntwert!

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Wann ech keng Äntwert ginn, dann ass et an éischter Linn am Fong geholl dowéinst, well den Här Kaes säi perséinleche Fall ëmmer hei skizzéiert.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

**(Brouhaha général)**

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- An en huet dat och ëmmer an der Kommissioun gemaach.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et gëtt awer ëmmer besser! Et gëtt ëmmer besser!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech mengen, datt d'Kommissioun net derfir do ass, fir engem säi perséinleche Fall ze skizzéieren.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- An de Biowënzer virdrun? D'Biowënzerin virdrun?

**(Brouhaha général)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Minister, d'Gefor ass natierlech ëmmer bei deem Dialog, dass den Dialog da weidergeet an dass e Fait personnel kennt. Duerfir géif ech lech bieden, elo Är Ried bis zum Schluss ze féieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci, Här President.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et wär awer besser, et géifen Äntwerte kommen, wéi déi do Ausso, muss ech awer soen.

**(Brouhaha général)**

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech hat just virauser gesot...

**(Interruptions)**

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Duerfir kann d'Äntwert net kommen.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech gesinn hei meng Auer weiderlafen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, ech kompenséieren alles,...

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Dat ass ganz léif, okay.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...wann Der ënnerbrach gitt. Dir braucht lech do keng Suergen ze maachen.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Jo, ma, Dir hutt awer elo schonn zwou Minutte weiderlaffe gelooss.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Neen, kee Problem, Här Minister. Dir kritt all déi Zäit, déi Dir braucht.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Liest d'Ried weider vir!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech hat virdru gesot gehat, datt et vermiesse wier, fir sech een oder zwee Elementer aus dem Agrargesetz erauszepicken, fir da pauschal ze behaupten, bei dësem Agrargesetz géif et manner Sue ginn. D'Agrargesetz huet vill Schrauwen an et ass un alle Schrauwe gedréit ginn.

D'Erausfuerderung vun der Zukunft läit net doranner, wivill Prozent Subsid op enger Maschinn ausbezuelet ginn, d'Erausfuerderung vun der Zukunft besteet doranner, wéi mer d'Akomesse vun de Betriber nohalteg kënnen ofsécheren. Dat geschitt selbstverständlech iwwert déi gezielte Bäihëllefe bei den Investitiounen. Dat geschitt awer och, an dat ass fir eis och enorm wichteg, iwwer ee performante Marketing vu regionale landwirtschaftleche Produkter, iwwer Innovatioun, ugewannte Fuerforschung, d'Maîtrise vum Impakt vum Klimawandel an Ëmweltschutz. An an dësse Beräicher ginn duerfir och méi Suen investéiert. Et geet nëmmen net duer, fir ze produzéieren, et muss een och déi Produkter un de Konsument bréngen. An och op dës Punkten ass dëst Gesetz zukunftsorientéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen all, datt d'Akomesse vum Bauer net nëmme vum Marché, mä och vum Wieder ofhängeg ass. Duerfir ass de Klimawandel eng grouss Erausfuerderung fir eis Landwirtschaft. D'Zil vun der Regierung ass et, d'Akomesse vum Bauer manner ofhängeg ze maache vun de Laune vun der Natur. D'Regierung wëllt iwwert d'Agrargesetz hiren Undeel un de Bäitrag bei der Ernteausfallversicherung vu 50% op 65% eropsetzen. Dat ass de Maximalbetrag, dee vun den europäesche Bestëmmungen hier erlaabt ass. Dës Versécherunge garantéieren am Fall vun esou extreme Wiederkonditiounen ee garantéiert Akomesse vum Bauerebetrieb.

Ee Wuert zu der Promotioun. Ech géif gären aus der Landwirtschaft ee modernen a kompetitive Secteur maachen, deem et geléngt, sech géint déi global geopolitesch Evolutiounen ze behaapten. D'Produzente vu lokale Liewensméttel mussen hir Produktiouns-, Vermaartungs- a Kommunikationsstrategien iwwerdenken, fir de Konsumenten d'Wichtigkeit a souguer d'Noutwendegkeet vun Erhale vun enger lokaler Produktioun ze vermëttelen.

Mäin Zil ass et, fir der Gesellschaft déi Wäertschätzung vun eise lokale Produkter, déi se eigentlech selbstverständlech misst hunn, nees an Erënnung ze ruffen. D'Lëtzebuergger Landwirtschaft soll sech zesummeschléissen a sech nach méi mat anere Secteuren zesummen doen, fir Synergien an innovativ Modeller ze entwéckelen, déi hinnen eng effizient Produktioun an Direktvermaartung vu lokale Liewensméttel hei an an der Groussregioun erlaben. Et geet dorës, de Baueren ze hëllefen, nei Strategien ze entwéckelen, fir dem Präisdumping an der Masseproduktioun entgéintzewierken. Dat kann een nëmmen erreechen, wa mer hinnen nei Weeër weisen an hëllefen, déi richtig Partner ze fannen, fir déi Weeër ze goen.

Duerfir sinn am Agrargesetz Bäihëllefe virgesinn, déi de Bauere sollen hëllefen, déi Défien unzegoen. Viséiert sinn och d'Kantinnen, d'Transformationsbetriber an d'Geschäfte, déi sech bereet erklären, mat eis op de Wee vun enger méi équitabler Vermaartung vun de lokale Liewensméttelprodukter ze goen.

Här President, last but not least, ech erzielen lech hei näischt Neies, wann ech lech soen, datt de Bauer an engem Spannungsfeld steet tëschent Ekonomie an Ekologie. D'Landwirtschaft huet all Interessen drun, fir hir natierlech Grondlagen, wéi de Buedem an d'Waasser, an engem gudden Zoustand ze erhalen. De Bauer schafft mat der Natur an net géint d'Natur. Duerfir férdere mer eng Wirtschaftsweis, déi am Aklang steet mat der Natur. Dëst geet awer nëmmen an der Kooperatioun mat de Baueren, an net, andeems ëmmer nei Virschreffe gemaach ginn.

Dëst Agrargesetz ënnerstëtzt d'Landwirtschaft, fir déi virgenannten Défien ze meeschteren. Zu eiser Landwirtschaft gehéiere verschidde Produktiounsmethoden, wou déi eng méi no der konventionell-integreierter, déi aner no der biologescher Method ausgeriicht ass. D'Zil vun der Regierung ass et, d'Biolandwirtschaft weider no vir ze bréngen an duerfir ginn d'Bioprimme substanzuell no uewen ugepasst.





D'Biolandwirtschaft ass eng vun den Äntwerten op eng Rei Ëmweltfroen. Et ass awer net déi eenzeg méiglech. An duerfir proposéiere mir eng grouss Unzuel vu Biodiversitéits- an Ëmweltprogrammer, fir op geziilt Froen, an hei besonnesch déi, déi sech am Beräich vum Waasserschutz stellen, geziilt Äntwerte kënnen ze liwweren. Dobäi wëlle mer net d'Biolandwirtschaft géint déi konventionell-integriéiert Landwirtschaft ausspilleren, mä mir gesinn déi zwou Ausrichtungen als komplementär un. Si hunn allen zwee hir berechtegt Plaz an der Lëtzebuurger Landwirtschaft.

Ech mengen, u sech gëtt et eng grouss Nofro vun dem Konsument no Bioprodukter. An ech mengen, et ass och nëmmen normal, datt mir där grousser Demande och déi entsprechend Offer, an dat hei zu Lëtzebuerg, géintiwwersetzen.

Här Wolter, wëllt Der eng Fro stellen?

**(Interruption)**

Neen?!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, mä d'Madamm Modert awer.

**(Interruptions)**

Här Minister!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- D'Madamm Modert?

**(Interruptions et hilarité)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sou, Här Minister, maacht Dir weider!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Ass et u mir?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, well ech hunn all déi Ënnerbriechunge berücksichtegt, mä awer geet et elo esou lues un d'Enn.

**(Interruptions)**

Ech mengen, den Här Wolter hat dat gesot, wat e wollt soen. Den Här Minister huet elo d'Wuert.

**(Interruptions)**

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Jo, aha. Da war d'Fro gestallt ginn, ob dat méiglech wier mat der Biodeelëmsstellung. Meng Servicier hunn eng Analys gemaach. Mir sinn awer zur Schlussfolgerung komm, datt dës Approche net zälführend ass, an dat aus enger Rei vu Grënn. Am Prinzip sprécht dës jo och géint d'Philosophie vun der ökologescher Landwirtschaft, an dat huet den Här Kox jo och scho gesot, déi jo eng ganzheetlech Approche ass um Niveau vum Betrib an net vun där eenzelner Produktioun.

Et ass och net ëmmer evident, fir déi verschidde Produktiounen kloer genuch ze trennen, wat da Problemer bei der Kontrolléierbarkeet a bei der Certificatioun mécht. An ech mengen, datt dat géif e ganz groussen administrativen Opwand mat sech bréngen, well dann eben de geméischte Betrib och am Kader vun der Certificatioun misst ganz kontrolléiert ginn. An ech mengen, doriwwer kënnen mer och nach eng Kéier an der Kommissioun diskutéieren, well dat u sech ee ganz komplizéierten Szenario dann awer ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Baueren, eis Wënzer an eis Gäertner sinn an enger schwiereger Situatioun. Dës Regierung huet schonns eng Partie Mesurë geholl an et wäerten der nach nokommen, fir de Betriber iwwert dës enorm Erausforderung ewechzehëllefen. Den honorabelen Deputéierten Edy Mertens ass jo och am Detail dorobber agaangen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Et sinn dat Mesuren, déi wäit iwwert dat eraus ginn, wat an de Bréisseler Dispositiounen steet an och, wat am noen an am wäiten Ausland gemaach gëtt.

An ech kann am Fong geholl och do nëmmen dem Här Gibéryen soen, datt, wéi d'Chambre de l'Agriculture an hirem Avis geschriwwen hat, datt dës Regierung d'Landwirtschaft net als hir Prioritéit géif ugesinn, et den Hëllefspak vun deene 15 Milliounen Euro dunn nach net ginn ass. An ech mengen, deen Hëllefspak, dee Lëtzebuerg do zesumme ficeléiert huet, deen ass eenzegarteeg an Europa. Et sinn dat Mesuren, déi d'Liquiditéit vun de Betriber ënnerstëtzt hunn.

Et sinn dat Mesuren, déi näischt mat dësem Agrargesetz ze doen hunn. Ech wollt dat hei ervirsträichen, fir ze weisen,...

**(Interruption)**

...datt dës Regierung net nëmmen am Kader vum Agrargesetz un de landwirtschaftleche Secteur denkt, mä och doriwwer eraus. Dës Regierung...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, Dir misst elo direkt zur Konklusioun kommen.

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- ...léisst d'Landwirtschaft, de Wäibau an de Gaardebau net am Ree stoen. Jo, mir brauchen eng zukunftsorientéiert Landwirtschaft, een zukunftsorientéierte Wäibau an een zukunftsorientéierte Gaardebau.

Mir brauchen ee Secteur,...

**(Brouhaha général)**

...dee mat Vertrauen an d'Zukunft kucke kann. Mir brauchen ee legislative Kader, fir dat besteeënd Potenzial vun dësem Secteur nach weider a konsequent auszebauen a wou d'Subventionen net nom schéine Gesiicht, mä opgrond vun transparenten...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- ...a faire Kritären ausbezuelt ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, datt dës Agrargesetz och mathëlleft, dës Secteur nees matten an der Gesellschaft ze verankeren an him nees déi néideg Wäertschätzung, déi néideg Dignitéit an deen néidege Respekt zoukommen ze loosse.

**(Interruption)**

Loosse mer zesummen dësen Défi ugoen!

**(Interruption et hilarité)**

Loosse mer zesummen eiser Landwirtschaft, eisem Wäibau an eisem Gaardebau...

**(Brouhaha général)**

...ee stabililt Fundament an eng Zukunftsvision ginn! Loosse mer zesummen dës Agrargesetz stëmmen!

► **Plusieurs voix.**- Aah!

**(Brouhaha général)**

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Madamm Hansen!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Ech ginn elo net méi op all d'Froen an, op déi ech elo net direkt eng Äntwert kritt hunn. Ech hunn awer dräi Punkten hei, déi ech gäre wëll soen.

Dat Éischt ass, mir hunn drop gepocht gehat, datt, wann ee Betribsleader sech installéiert a wann en dat net a sengem Betribsplang virgesinn hätt, datt sech da kéint schonn no fënnel Joer een zweeten drop installéieren, well mer soen: Et kann een net alles op zéng Joer planen.

Ech halen elo fest, den Här Minister huet gesot: „Wa mer dat géifen esou maachen, da géife mer mat der Strenz fueren.“ An hie fäert, datt dann e bësse méi dacks géifen déi Taux-supplémentairen ausbezuelt ginn. Dann halen ech fest, datt dat do eng Spuermeasure ass.

Dann, deen zweete Punkt. Den Här Minister huet gesot, mir hätten net gutt an de Kommissiounen opgepasst. Da muss ech soen: Dann huet hien och hei net ganz gutt opgepasst, well mir haten als CSV ni en Amendement gemaach, fir den Taux eropzesetze bei den eenzelnen Investissementer. Mir hunn iwwert de Plaffong diskutéiert. Mir hu gesot: Deen ass erofgesat ginn. Dat heescht, et si Sue gespuert ginn. Mä mir hunn iwwert de Plaffong diskutéiert.

Mir hunn och net gesot, den allgemenge Plaffong misst komplett an d'Luucht gesat gi fir Gebaier, mä mir hu gesot an lech opgefuerdert, datt Der dee sollt upassen, datt Der déi AK-Berechnung, déi UTA-Berechnung sollt nokucken, fir déi méi extensiv Produktiounen, fir d'Direktvermaartung zum Beispill ze berücksichtegen, well déi méi aarbechtsintensiv sinn a well dat mat dëser aktueller Berechnung net gemaach gëtt.

Dofir wollt ech elo nach eng Kéier d'Fro stellen un den Här Minister, ob en dat wëlle huet ze maachen. Dat ass déi éischt.

Dat Zweet, wat mer gesot hunn, ass, datt mer wierklech fannen, datt mer kéinten een Ënnerscheid maache beim Plaffong bei de Maschinen tëschent engem Haapterwerbsbauer an engem Niewenerwerbsbauer. An dofir hate mer do een Amendement gemaach, fir deen eropzesetzen. Dat ass also keng Strenz. Mir hate ganz geziilt gesot: beim Haapterwerbsbauer de Plaffong bei de Maschinen eropsetzen op 150.000.

An nach eng Kéier, net mat der Strenz war et, wéi mer gefrot hunn, fir bei den Aussiedlerbetri-

ber eng Majoratioun vun 20% ze maachen, well mer déi Betriber brauchen a well déi definitiv méi Käschten hunn duerch d'Infrastrukturkäschten. An och dat war refuséiert ginn an och dat war näischt mat der Strenz.

Dann hunn ech awer nach eng Kéier déi Fro zu de Quereinsteiger, déi ech och gestallt hat, wou ech keen Intérêt personnel hunn, wou ech awer keng Äntwert kritt hunn. Mir hunn am Gesetz stoen: Mir brauchen ee Mindeststandardoutput, fir kënnen eng Bähëllef ze kréien. Wann ee Betrib bei null ufänkt, dann huet en dat net.

Datselwecht ass: De Plaffong gëtt berechent op déi UTAen, déi e brauch fir seng Produktioun. Wann e bei null ufänkt, dann huet en näischt. Wéi eng Léisung kënne mer do fannen? Kéinte mer do eventuell kucken, datt dee Plang, dee Betribsplang, deen e mécht, datt mer eis géifen no deem orientéieren? Dat war also eng ganz konkret Fro, déi ech gestallt hunn, op déi ech awer och nach keng Äntwert kritt hunn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Merci villmools. Ech mengen, deen éischte Punkt, dat war éischter ee Constat. Deen zweete Punkt, dat war d'Fro vun den Tauxen. Jo, ech mengen jiddefalls awer, Dir hutt et am Fong geholl selwer gesot gehat, wann een „top-up“ ass bei den Aussiedlerhäff, dann ass dat ipso facto, wa mer do solle Sue ginn, eng Erhéijung vum Taux, déi domadder verbonnen ass.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Et ass keng Strenz.

► **Une voix.**- Neen, dat ass keng Strenz.

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- U sech geet och an dësem Punkt,...

► **Une voix.**- Keng Strenz!

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- ...geet et drëm, d'Subside fair an transparent ze verdeelen an net eng Zort vu Betriber par rapport zu aneren Zorte vu Betriber ze bevirdeelegen.

Déi drëtt Fro ass u sech déi vun dem Einsteiger. Jo, et ass méiglech, datt een Einsteiger vun de Bähëllef vum dësem Agrargesetz ka profitéieren. Ech mengen, hie soll bei..., eng vun den Neierunge vun dësem Agrargesetz ass de Conseil intégré; hie soll bei eis Servicier goen, e soll sech da berode loosse, fir ze kucken, well et jo och obligatoresch ass, bei der premièrer Installation, bei dem Aussiedlerhäff, bei deenen dräi Punkten, wann eben e Betrib fortoment impacté ass vun Naturschutzzonen, datt en déi obligatoresch Berodung muss maachen.

Ech mengen, déi Einsteiger, dat ass jo dann eben einfach esou, datt ee sech net soll an eng Aventure erastoussen. E soll säi Betribsentwicklungsplang zesumme mat de landwirtschaftleche Beroder opstellen, datt en dann, wann en d'Konditiounen dann erfüllt, fir éligibel ze sinn, eng Investitioun no där anerer mécht, an net wëllt direkt ee grouse Betrib do maachen, an datt e sech net an eng Aventure wëllt eramanövréieren.

An et ass am Fong dat, wat gemengt ginn ass. An ech mengen, u sech ass dat kohärent an ass dat eng vun de Philosophie vum dësem Gesetz. An ech mengen, dat mécht och jiddefalls Sënn. A mir wäerte jiddefalls och an der Praxis ëmmer erëm de Wee fannen, fir eben déi jonk Baueren, déi deen dote Schratt maachen - an et ass ee Schratt, fir deen ee se nëmme ka begléckwünschen -, duerch eis Servicier, eis Administratiounen jiddefalls beschtméiglech ze begleeden.

**(Interruption)**

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Kaes...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...invoquéiert de Fait pesonnel.

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Ech wëll awer eng Fro dem Här Minister stellen, nach eng Kéier ganz léif a ganz fein: Wier et net eng Léisung gewiescht, Här Minister, wann ee gesot hätt - d'ailleurs an anere Secteuren ass et esou -, datt, wann een investéiert, da gëtt ee subventionéiert fir dat, wat een investéiert?

**(Interruption)**

Hei gëtt ee subventionéiert no deem, wat een an der Vergaangenheet hat. Wann een also géif subventionéiert gi fir dat, wat een investéiert, déi Produktioun, fir déi een investéiert - dat heescht, duerno huet een e Stall mat egal wat

fir engem Véi, fir e Beispill, an doduerch huet een eng Produktioun an doduerch huet een Aarbechtsunitéiten -, wann dat géif considéréiert ginn, dann hätte mer vill, vill Problemer manner, well dann hätt jiddwereen d'Recht, eppes ze kréien.

An dat ass jo duerno do, dee Stall ass do, déi Produktioun ass do, déi Aarbechtskraaft ass do! Firwat gëtt gekuckt, wat e virduun hat? Neen, et soll gekuckt ginn, wat en huet, wann en investéiert huet. Dat ass richteg!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, eng leschte Kéier.

► **Une voix.**- Neen!

**(Hilarité)**

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Ech ka mech am Fong nëmme widderhuelen an ech mengen, u sech ass an där doter Fro alles gesot.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Okay. **(Brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Ech wëll am Fong nach vläicht just zu de Froen zu de Reglementer eppes soen. D'Madamm Octavie Modert streckt schonn de Fanger eraus. Ech mengen, mir hate gesot, datt mer d'Reglementer eréischt géife presentéieren, nodeems datt se am Regierungsrot presentéiert gi wieren. An dat war bei de Reglementer iwwert d'Landschaftsfleegeprimm an iwwert d'Agrarëmweltmoossnamen nach net de Fall. A soubal, wann de Regierungsrot déi guttgeheescht huet, wäerte mer déi presentéieren.

Ech wollt der Madamm Modert och nach soen, datt d'Assurancëprimmen, datt déi vun 2016 un zu deem héijen Taux vu 65% subventionéiert ginn. Mir schaffen un der Indemnité compensatoire - dat, wat d'Madamm Modert gesot huet. A mir schaffen dann och do am Sënn vun där Approche, déi si hei virgestallt huet.

A wat d'Selektiounskritäre bei de Wënzer ubelaangt, do sinn extra dräi sonner Parametere agebaut ginn, fir datt déi solle mat deemselwechte Recht an de Genoss vun Investitiounen (veuillez lire: Subsiden) kommen. Eischters kann een Zousazpunkte kréie bei Investitiounen fir d'Direktvermaartung, zweetens extra fir d'AOP, wat et wierklech nëmme fir d'Wënzer gëtt, an drëttsen fir Energie- a Waasserspuermoossnamen, nëmme fir eben ze weisen, datt eben einfach och extra op de Wäibau opgepasst ass ginn.

Ech mengen, datselwecht gëllt fir d'Landchaftsfleegeprimm. Dir hat lech Suerge gemaach ëm de RAK, dee vun 120 Euro op 200 Euro den Hektar an d'Luucht geet. An ech mengen, bei der Interpellatioun iwwert de Wäibau - fir déi ech lech wëll Merci soen, dat ass u sech och derwäert, fir eng Kéier heibanne méi ausgiebig iwwert dee Secteur ze diskutéieren - wäerte mer dat kënnen maachen.

A mir kënnen da sécher och nach op dem Tess Burton seng Fro agoen, wou mer mat der Etüd dru sinn. Mir hunn déi gëscher dem Beruff virgestallt. A wann de Beruff déi analyséiert huet, wäerte mer dann déi Etüd och mam Beruff diskutéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sou, Här Minister!

**(Brouhaha général et interruptions)**

► **Une voix.**- Ech hat meng Fro scho virdu gestallt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Also, ech wëll lech just drop opmierksam maachen, Kollegen, mir hunn nach fënnel Motiounen heileien, déi och alleguer nach kënnen diskutéiert respektiv ofgestëmmt ginn.

**(Brouhaha)**

Wann alles gesot ass beim allgemengen Débat, spuerer mer déi Zäit bei de Motiounen. Duerfir, Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Ech hu just nach eng Fro - Merci, Här President -, wann den Här Minister erlaabt, eppes, wat e ganz am Ufank gesot hat, wou ech net sécher sinn, ob ech dat verstanen hunn. En huet gesot, et wär nach ni esou séier en Agrargesetz ausgeschafft gi wéi dat hei.

A wann ech awer kucken, dat vun 2001, wat also d'Period vun 2000, vun da bis 2007 ugeet, do war et a siwe Méint nom Datum a Kraaft an et huet véier an en hallwe Mount an der Chamber gedauert. Vun der Period 2007 un,





do ass d'Gesetz 2007 déposiert ginn, 2008 gestëmmt ginn. Et war siwe Méint an der Chamber an no engem Joer an dräi Méint ass et a Kraaft getrueden, nodeem déi Period ugaangen ass. Hei si mer elo bei zwee Joer a véier Méint respektiv aacht an en hallwe Mount legislative Prozess.

Elo kënnt Dir soen, dat wär net wichteg. Mä ech hunn net verstanen, firwat Dir... Wann ech déi Zifferen do kucken, dat si Fakten an Tatsachen, wou et net iwwereneeklappt mat Ärer Ausso. Dofir wollt ech froen, ob Dir mir dat géift kënnen erklären. Merci.

**(Brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Et si jo engersäits déi communautaire Prozeduren,...

**(Interruption par M. Eugène Berger)**

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Här Berger, wann Dir d'Prozedur net verstitt...

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...an ech denke jo, datt Dir déi matabezunn hutt. Mä ech wëll awer do soen, datt mer a menger Berechnung déi siwe Méint, wou mer op den éischten Avis vum Statsrot hu misse waarden, datt mer déi matabezunn hunn. An et ass och duerch dee verlängerten...

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Déi sinn och bei deenen anere matabezunn, Här Minister.

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Kolleegen!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- An dann...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Kolleegen, ech mengen, ech hunn hei jiddwerengem largement Zäit ginn, fir et ze développéieren.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Eng komesch Rechnung, dat do!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Hei ass...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Eng komesch Rechnung!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Hei ass e bëssen eng ongewinnte Prozedur, well een ëmmer Parole après ministre kann invoquéieren,...

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Et war Fait personnel.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...in-définiment laang. An där heiter Diskussioun, wat eng wichteg ass, hu mer largement Plaz gelooss. D'Regierung hat och ganz gutt Zäit, fir ze äntwerten, mat dem Accord vun der Chamber.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Dat ass duerch déi vill Froen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- An ech géif lech elo bieden, zur Ofstëmmung iwwerzegoen.

An dann hu mer nach fënnef Motiounen hei ofzestëmmen. Ass dat am Sënn vun der Chamber?

**(Assentiment)**

Ma da maache mer dat esou. Also, de Vott iwwert den Ensembl vum Gesetz 6857.

► **Une voix.**- Fir d'Éischt d'Gesetz!

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wat hat ech elo gesot?

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- D'Gesetz.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Voilà! Merci fir d'Ennerstëtzung.

► **Une voix.**- Très bien!

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6857 et dispense du second vote constitutionnel**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- De Projet de loi 6857. An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer an de Projet de loi 6857 ass ugeholl mat 32 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen a 26 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M.

Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter).

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

► **Une voix.**- Neen!

**(Assentiment)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dat ass ganz kloer. Also jo.

**(Hilarité)**

**Motions**

Mir géifen dann zu de Motiounen iwwergoen. Ech ginn dovun aus, dass d'Motivatioun vun de Motiounen...

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...geschitt ass.

**(Brouhaha)**

► **Une voix.**- D'Madamm Brasseur huet...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wëllt d'Chamber...?

**(Brouhaha)**

Dat ass net de Fall.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir géifen awer gär wëssen, firwat se ofgeleent ginn, wa se ofgeleent ginn. Dat wär awer net anormal.

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Minister, Dir musst eis soen, wat Der wëllt. Wëllt Der Stellung zu de Motioun bezéien?

**(Brouhaha)**

Dat schéngt de Fall ze sinn. Da maacht dat!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech mengen, déi éischt Motioun, do ass et esou, datt de Guichet unique, d'Conseils intégrés, de Portail de l'Agriculture, dat sinn Elementer, déi amgaange sinn, gemaach ze ginn. Duerfir denke mer, datt déi Motioun géigestandslos ass.

Bei der zweeter Motioun ass et esou, datt d'Zones vertes, datt déi Dispositiounen do, datt dat een undauernde Prozess ass, also näischt Neies. An duerfir géife mer och do proposéieren, déi Motioun net unzuhuelen.

Wat elo déi drëtt Motioun ubelaangt: Mir haten nach eng Kéier Kontakt mat der Kommissioun zu dësem Thema. An d'Äntwert vun der Kommissioun war ganz kloer, datt d'Mesures d'intégration net méi extra gekuckt kënne ginn a se mussen mat deemselwechten Taux subventionéiert gi wéi de Rescht vun der Investitioun. Et gehéiert no der Logik vun der Kommissioun zum Immeuble an erhéicht souguer d'Valeur vum Gebai. Domadder ass et dann net als en Investissement non productif ze gesinn. Duerfir kënne mer dann och beim beschte Wëllen déi Motioun net unzehuelen. Dat ass analyséiert ginn an d'Äntwert ass kloer.

Wat elo déi véiert Motioun ubelaangt vum Cahier des charges vun de Cuisines collectives, do si mer amgaangen. An all déi Elementer, déi hei invoquéiert gi sinn an déi gefrot gi sinn, déi ginn do matintegréiert wéi d'Regionalitéit, d'Saisonnalitéit an awer och dat Saisonalt.

Hei wëllt ech och op de Projet de loi iwwert d'Marchés publics hiweisen, dee mä Kolleeg Fränz Bausch den 3. Mee virgestallt huet a wou och nei Regele wäerte gëllen, wat d'Marchés publics ubelaangt, an datt och do, an dësem Kader, wichteg Elementer vu positiver Natur sinn, fir deene Fuerderungen, déi hei gestallt gi sinn, fir deene kënne Rechnung ze droen. Soudatt ech dann och proposéieren, datt déi Motioun géigestandslos ass. Do si mer um Wee.

An ech mengen, datselwecht gëllt och fir déi fënneft Motioun iwwert d'Campagne d'information. Ech mengen, déi meescht hu gemierkt gehat, datt mer op der Fréijoersfoire mat där Informatiounscampagne ugefaangen hu mat Informatiounen iwwert d'Mëllechproduktioun an d'Fleeschproduktioun. Mir haten dësen Hierscht eng Semaine du lait, wou 50 Betriber hir Dieren opgemaach hunn, fir 125 Schoulklasse während enger Woch an hire Betrib ze loossen. Dat ass och du jamais vu gewiescht hei zu Lëtzebuerg.

An drëttens, mengen ech, ass, datt mer...

**(Brouhaha)**

...am Kader vun eiser Présidence fir de Schoulmëllech- an de Schouluebstprogramm ënner eiser Présidence een Arrangement fonnt hu mam Europaparlament a wou mer dann och do zousätzleche Budget fräi gemaach hunn, fir ebe Begleetmoosnamen a Sensibilisatiounsmoosname bei déi do Programmer an de Schoulen ze maachen. Soudatt, mengen ech, all déi dräi Punkten, déi och an dëser Motioun gefrot sinn, datt déi alleguer en place sinn an datt och déi Motioun géigestandslos ass.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- D'Motiounen sinn all richteg an Dir stëmmt all Kéiers dergéint.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Mir maachen dat. Mir brauche keng Motiounen vum lech.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Här President, ech wëll nach op zwou Motiounen awer agoen, wou d'Erklärung vum Här Minister a mengen Aen esou net ganz stëmmen. Bei der Motioun 3 free mer net d'Investissements non productifs, mä mir froen déi Investissements dus à des contraintes spécifiques. Dat ass dat, firwat datt och déi Folien elo, déi Ofdichtungsfolie kënne subventionéiert ginn. An der Kommissioun war gesot ginn, et wäeren nach aner Saache méiglech an dat géif gekuckt ginn. An dofir fuerdere mer de Minister ganz einfach op, dat wierklech duerchzekucken, well d'Bauere waarden dodrop.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Hie sot jo, hie géif et maachen!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Neen. Dat hu mer gekuckt an dat ass net méiglech. Dat mat de Folien, dat ass just méiglech, well dat eng Ëmweltmoosnam ass, déi och un eng Agrarëmweltmoosnam gebonnen ass. Duerfir ass dat méiglech. An u sech all déi aner Saache sinn net méiglech. A well mer dat analyséiert hunn, esou wéi dat hei gefrot ass, a well mer eng kloer an eng prezis Äntwert hunn, duerfir proposéiere mer, datt déi hei Motioun géigestandslos ass an duerfir net kann ugeholl ginn.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech war net grad ganz fäerdeg. Et war gesot ginn an der Kommissioun, zum Beispill bei reduzéierter Buedembearbechtung wiere verschidde Saachen méiglech an dat géif nach nogekuckt ginn. Also, sinn ech do awer...

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Mir hunn et nogekuckt.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- ...net ganz averstanen.

Dann, bei der leschter Motioun, do ass elo gesot ginn, de Schouluebstprogramm an esou virun, do géif ganz vill lafen. Ech fannen dat och ganz gutt. Mä ech mengen, do léiert nach keen, wéi d'Landwirtschaft funktionéiert a wéi d'Landwirtschaft ass a wéi Narungsmëttel produzéiert ginn.

Datselwecht mat der Semaine du lait. Dat ass ganz gutt. Eng Foire agricole ass ganz gutt, wou d'Klassen dohinnerginn. Mä mir froen hei, fir dat ze institutionaliséieren, fir et wierklech an de Programm ze integréieren, zesumme mat der Éducation nationale, ebe fir ze kucken: Wat kann een do maachen a wéi kann een déi Zesummenarbecht mat de Fermes pédagogiques oder mat anere Betriber intensivéieren? An dat ass definitiv nach net do! Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech wëll just soen, datt mer déi Moosnamen, déi hei geholl gi sinn, a Kooperatioun souwuel mat de Schoule wéi mat de Fermes pédagogiques geholl hunn. Wat mer nach gemaach hunn, ass, datt mer eng ganz Rei aner Mesuren nach geplangt hunn, eng ganz Rei aner Sensibiliséierungsmoosnamen, eng ganz Rei aner Informatiounscampagnen. Mä ech mengen, et géif awer de Kader vun haut sprenge, fir op déi am Detail anzegoen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Domat kënne mer zur Ofstëmmung vun de Motiounen iwwergoen. Fir d'Éischt...

**(Brouhaha)**

Also, dat hunn ech net héieren!

**(Brouhaha)**

Mir stëmme fir d'Éischt iwwert déi éischt Motioun of.

**Vote sur la motion 1**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo...

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Här President, mä Schierm weist net un.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dat ass net schlëmm. Mir rectificéieren dat dann direkt.

Mir hunn 59 Participatiounen um Vott: 26-mol Jo, 33-mol Neen a keng Abstentioun. Also ass d'Motioun 1 ofgeleent a mir kucken no, wéi et bei lech gelaf ass, ob et ugeschloen huet.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 34 voix contre et 26 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Mergen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Tess Burton), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Marc Baum et David Wagner.

**Vote sur la motion 2**

D'Motioun N°2. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 26-mol Jo, 34-mol Neen. Domat wär d'Motioun 2 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Mergen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Marc Baum et David Wagner.

**Vote sur la motion 3**

Dann déi drëtt Motioun. D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 26-mol Jo, 34-mol Neen. Domat ass d'Motioun 3 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank,





Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Vote sur la motion 4

D'Motioun N°4. D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 28-mol Jo,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, Président.- ...32-mol Neen. Domat ass d'Motioun 4 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Mergen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Lex Delles), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter).

Vote sur la motion 5

Dann de Vott iwwert d'Motioun N°5. D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo direkt ofgeschloss: 59 Participatiounen, 28-mol Jo...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, Président.- ...an 31-mol Neen. Domat ass d'Motioun 5 ofgeleent.

Plusieurs voix.- Ooh!

Une voix.- Très juste, très juste!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Marc Angel), Mme Cécile Hemmen (par M. Franz Fayot) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter).


(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Jo, ech mengen, et si keng weider Motiounen do.

(Hilarité)

Ech géif lech da Merci soe fir déi animéiert Diskussioun. Ech schléissen domat d'Sëtzung of, wënschen lech e schéinen Owend a ginn lech Rendez-vous fir d'Woch vum 7. Juni.

(Fin de la séance publique à 18.54 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Communications
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Octroi d'un titre honorifique à un ancien député
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Ordre du jour
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Dépôt d'une motion par M. Alex Bodry
  - M. Alex Bodry, M. Fernand Kartheiser
- Heure de questions au Gouvernement

Question n°195 du 6 juin 2016 de M. Claude Lamberty relative au bilan des aides financières pour études supérieures pour l'année académique 2015-2016, adressée à M. le Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

M. Claude Lamberty - M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

Question n°196 du 7 juin 2016 de M. Marc Spautz relative à la manifestation des salaires du secteur d'aide et de soins de samedi dernier, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

M. Marc Spautz - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

Question n°197 du 6 juin 2016 de M. Franz Fayot relative aux réflexions sur une refonte du système des ressources propres de l'Union européenne, adressée à M. le Ministre des Finances

M. Franz Fayot - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

Question n°198 du 7 juin 2016 de M. Fernand Kartheiser relative aux relations avec la Turquie, adressée à M. le Ministre des Affaires étrangères et européennes

M. Fernand Kartheiser - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Question n°199 du 7 juin 2016 de M. Gérard Anzia relative aux compteurs dits «intelligents» pour la consommation de gaz et d'électricité, adressée à M. le Ministre de l'Économie

M. Gérard Anzia - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

Question n°200 du 7 juin 2016 de M. Laurent Zeimet relative au niveau de l'eau de la Diddelenger Baach lors des pluies intenses du 30 mai 2016 et la gestion des eaux pluviales aux sites/chantiers Eurohub et Multimodal entre Bettembourg et Dudelange, adressée à M. le Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

M. Laurent Zeimet - M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

Question n°201 du 6 juin 2016 de M. Gusty Graas relative à la gourme, maladie infectieuse potentiellement mortelle et très contagieuse chez les équidés, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

M. Gusty Graas - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Question n°202 du 7 juin 2016 de Mme Cécile Hemmen relative au premier cas d'infection à virus Zika au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Santé

et

Question n°203 du 6 juin 2016 de M. Gilles Baum relative au premier cas d'infection à virus Zika au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Santé

Mme Cécile Hemmen - M. Gilles Baum - Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé

Suspension de la séance publique de 15.36 à 15.45 heures

Question n°204 du 6 juin 2016 de M. André Bauler relative à la circulaire RCSL 16/01 du 24 mars 2016, adressée à M. le Ministre de la Justice

M. André Bauler - M. Félix Braz, Ministre de la Justice

7. Ordre du jour (suite)

M. Mars Di Bartolomeo, Président

8. Motion de M. Marc Baum relative au refus au Conseil de l'accord du Gouvernement à une signature de l'AECG et relative à la recherche active d'alliés pour s'opposer à la signature de l'AECG

et

Motion de M. Alex Bodry relative à l'Accord économique et commercial global (AECG) ou Comprehensive Economic Trade Agreement (CETA)

Exposés: M. Marc Baum, M. Alex Bodry

Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (dépôt de deux amendements et d'une motion), M. Marc Baum

Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (interruptions par M. Marc Baum)

M. Marc Baum, M. le Ministre Jean Asselborn

9. Ordre du jour (suite)

M. Mars Di Bartolomeo, Président

10. Motion de M. Marc Baum relative au refus au Conseil de l'accord du Gouvernement à une signature de l'AECG et relative à la recherche active d'alliés pour s'opposer à la signature de l'AECG

Motion de M. Alex Bodry relative à l'Accord économique et commercial global (AECG) ou Comprehensive Economic Trade Agreement (CETA)

et

Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l'information de la Chambre des Députés de toutes les décisions du Gouvernement relatives aux négociations de l'accord TTIP

Exposé: M. Fernand Kartheiser

Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

M. Alex Bodry, M. Laurent Mosar, M. Gusty Graas, M. le Ministre Jean Asselborn, M. Fernand Kartheiser

Vote sur la motion de M. Marc Baum (rejetée)

Vote sur la motion de M. Alex Bodry (adoptée)

Vote sur la motion de M. Fernand Kartheiser (rejetée)